killt ginn, fir eng Kärschmelz justement rechtzäiteg kënnen ze stoppen, wat jo dann eben déi geféierlech Situatioun wär.

Dës Mesurë sollten d'Konsequenze vun enger Attack vu baussen op de Sitte limitéieren an den Impakt no baussen och dann esou kleng wéi méiglech halen.

Dës Verbesserunge sinn ze begréissen, mä si kënnen, an, Här President, ech muss dem Deputéierten et soen, keng honnertprozenteg Garantie si géint all denkbar Attack. Et ass wichteg, dass d'Personal „gescreent" gëtt, wéi een dat esou schéi seet, an dass ee ganz genau analyséiert, wien Zougang huet zu deene sensibelste Plazen an enger Atomkraaftzentral.

En effektive Schutz géint all Impakt ass, sou wéi ech lech gesot hunn, net ginn an ass och net méiglech ze realiséieren. Dofir ass et vun héchster Wichtegkeet, dass och d'Lutte géint den Terrorismus, Här President, souwuel op nationalem wéi och op europäeschem an internationalem Niveau gefërdert gëtt.

Op nationalem Niveau ass et fir eis ganz, ganz wichteg, dass déi Organer, déi sech beim Stat ëm d'Sécherheet këmmeren, och e permanenten Échange hunn. Ganz oft huet jo, sou huet een héieren och aus dem Ausland, deen een, deen Informatiounen hat, deem anere se net ginn. Dat ass et also a verschiddene Länner intern ginn. Dat huet een an der Belsch héieren elo zum Beispill bei de Fakten, an et huet een elo och héieren zum Beispill bei den Attentater vu Paräis, dass et eng Rëtsch Informatioune gëtt, déi aner Geheimdéngschter zum Beispill vun anere Länner haten, déi se net onbedéngt deem anere Geheimdéngscht dann och all ginn hunn.

Mir sinn der Meenung, dass et wierklech wichteg ass, dass een do deen Échange huet. Hei zu Lëtzebuerg fonctionnéiert dat och. An ech soen och deenen Organer Merci. An dës Kollaboratioun ass och permanent.

An erlaabt mer, dass ech lech och soen, dass am Moment keng Informatioune virleien, déi géifen op eng Preparatioun vun enger Terrorattack op Atomzentralen an eisen Nopeschlänner hindeiten.

Op internationalem Plang gëtt et eng Rëtsch vun Instrumenter, déi ech elo net hei alleguerte kann opzielen. Mä ech erlabe mer, just als Beispill de Régime de contrôle de la technologie des missiles ze ernimmen, deem och Lëtzebuerg 1990 bäigetrueden ass. Op europäeschem Plang gëtt sech intensiv mam Thema vum Terrorismus a virun allem vun der Terrorismusbekämpfung beschäftegt.

An Dir hutt och gefrot: „Op wéi engem Niveau?" Et ass bis d'Regierungscheffen, dat heescht de Conseil européen och, wou driwwer diskutéiert ginn ass, wou mer och alleguerten de Constat gemaach hunn, dass et am Fong bei den Informatioune vun deem engen a vun deem anere wichteg ass, fir den Échange ze hunn. Et kann net sinn, dass een zu - ech huelen e Beispill - Thionville, Arel oder Tréier fichéiert wier an dass dann d'Lëtzebuerger keng Informatiounen dovunner géife kréien. An dofir ass et wichteg, dass do och en Échange gemaach gëtt tëschent de Servicer. An dat schéngt och gutt ze klappen.

D'Europäesch Unioun huet sech schonn 2005 eng Strategie gi fir d'Bekämpfung vum Terrorismus, déi op véier Ebene baséiert war. Dat woren d'Preventioun, d'Protektioun, d'Poursuitten an och d'Reaktiounen.

An op all dësen Ebenen, Här President, ginn och kontinuéierlech nei Mesuren ausgeschafft, déi ugeholl sollte ginn op EU-Niveau, fir duerno och an den eenzelne Memberlänner ugeholl kënnen ze ginn.

Mir mussen och den Dialog permanent halen, net nëmmen als europäesch Länner ënner eis, mä och mat eisen internationale Partner, deenen anere grousse Länner, fir justement och esou wäit wéi méiglech Kollaboratiounsaccorden anzegoe mat deene Länner.

No den Terrorattacke vu Paräis a vu Bréissel, an Dir sidd och agaangen op d'Informatiounen, déi een duerno kritt huet, sinn am Conseil vun der Europäescher Unioun eng Rëtsch vu Moossnamen adoptéiert ginn, fir der terroristescher Bedroung entgéintzewierken. D'Moyene sinn och geännert ginn. An net méi spéit wéi haut hu mer och en Text, wou mer am Fong fir d'Terrorismusbekämpfung eis Texter och adaptéieren an engem vun den nächste Projet-de-loien, déi mer hunn.

Mä fir net eng laang Opzielung ze maachen, Här President, erlaabt mer just, zwee konkret Beispiller och kënnen ze gi vum europäeschen Niveau. Dat ass: Am Januar 2016 gouf de Centre européen de la lutte contre le terrorisme lancéiert. Dës Institutioun, déi bei Europol ugesidelt ass, soll déi Plattform sinn, déi et justement och erméiglecht, deen Informatiounsaustausch an och déi operationell Kooperatioun tëscht de Memberstaten am Terrorismus kënnen ze verstäerken.

Parallell dozou hunn déi europäesch Justizministeren an och d'zoustänneg Ministere fir d'bannenzeg Sécherheet de Groupe antiterroriste, genannt den „GAT" oder „CTG", duerch eng Mise en place vun enger multilateraler Plattform encouragéiert, déi am Fong en zäitgläichen Informatiounsaustausch tëscht de Sécherheetsautoritéite vun den europäesche Memberstaten, och vun der Schwäiz an Norwegen, erlabe soll.

D'Aarbechten, fir eis géint Extremfäll a ganz Europa ze wappnen, gi weidergefouert a wäerten och weider eng Prioritéit vun dëser Regierung bleiwen. Wéi gesot, mir géife vun de Konsequenze liewen, mä selwer Kompetenzen hunn, fir elo Moossnamen ze huelen hei um Lëtzebuerger Terrain, dat kënne mir net.

Ech weess, dass Dir jo och eng Question parlementaire gestallt hutt, an och an der Question élargie zum Beispill iwwert d'Dronen: Wann en Dron vu Lëtzebuerg aus fortflitt, wat iwwer eng gewëssen Héicht jo net erlaabt ass, mä do gëtt et um europäeschen Niveau keng gemeinsam Legislatioun, wéi d'Drone ganz genau behandelt ginn. Mä wéi gesot, dass en Dron géif eng Zentral attackéieren, ass scho schwiereg, well den Dron misst da jo awer wierklech ganz, ganz performant sinn oder op jidde Fall e Krichsdron sinn.

Mä mir als Lëtzebuerger froen, an dat ass dat, wat immens wichteg ass, fir iwwert den Istzoustand vun den Zentralen ëmmer informéiert ze ginn, well wann een heiansdo d'Noriichte matgedeelt kritt, a virun allem no deem, wat an der Belsch geschitt ass, muss ee feststellen, dass eng Atomzentral en Target kéint fir Terroriste sinn, wat e ganz, ganz grousse Schued kéint uriichten. An dowéinst déi Mesures préventives: Ofkillen, méi Sécherheet fir d'Personal, Elektresch, wat net ausfält, et cetera, et cetera, dat sinn déi Mesuren, déi mer elo geholl hunn. Mä déi bescht Mesure ass nach ëmmer, den Terrorismus u senger Wuerzel ze bekämpfen!

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Statsminister. Keng zousätzlech Fro?

(Négation)

Villmools Merci. Da kënne mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6675, zesumme mat der Proposition de loi 6589 iwwert d'Reform vun dem Service de renseignement. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

3. 6675 - Projet de loi

1) portant réorganisation du Service de renseignement de l'État;

2) modifiant

- le Code d'instruction criminelle,

- la loi du 15 juin 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité, et

- la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions d'avancement des fonctionnaires de l'État

6589B - Proposition de loi modifiant 1. la loi modifiée du 15 juin 2004 portant organisation du Service de renseignement de l'État; 2. l'alinéa 1er de l'article 88-3 du Code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, Lëtzebuerg gouf 2013 ferm duerchgerëselt, duerchgerëselt duerch déi sougenannt SREL-Affär, wou ënnert dem deemolege Premier eng ganz Rei Dysfonctionnementer vum Geheimdéngscht un d'Dagesliicht koumen, déi d'Vertraue vun de Bierger an eis Institutiounen un d'Wackele bruecht hunn. Dës Affär huet schliisslech och zu enger Statskris gefouert an, wéi mer alleguerte wëssen, och zu Neiwahlen am Oktober 2013.

Dës Geheimdéngschtaffär ass och den Ausgangspunkt, Här President, datt mer haut e Gesetz iwwer eng déif gräifend Reform vum Service de renseignement hei diskutéieren. An ech sinn och zouversiichtlech, datt mer déi mat grousser Majoritéit wäerte stëmmen.

An, Här President, fir mech ass et eent vun deene wichtegste Gesetzer an dëser Legislatur, well mer hei e klore juristesche Kader setzen, fir datt esou Dysfonctionnementer an Zukunft ni méi solle virkommen a fir datt an Zukunft d'Prinzipie vun eisem Rechtsstat kloer geschützt an och gestäerkt ginn.

Ech wëll elo net de ganzen Historique vun den Dysfonctionnementer opzielen, just zwee, dräi Eckdate rappeléieren. Ugefaangen huet et mat der Revelatioun den 19. November 2012 iwwert déi sougenannten „Aueraffär", wéi bekannt gouf, datt den deemolegen Direkter vum SREL, de Marco Mille, 2007 schonn e Gespréich mam Premier Juncker mat enger Auer illegal opgeholl hat. Dräi Deeg drop dunn d'Noriicht, datt et eng cryptéiert CD géif ginn, wou e Gespréich opgeholl gi wier, natierlech op eng illegal Aart a Weis, e Gespréich tëschent dem Grand-Duc an dem deemolege Premier Jean-Claude Juncker zum Sujet Bommeleeër.

Et koum dunn eng Revelatioun no där anerer. An d'Lëscht vun den Irregularitéiten oder Dysfonctionnementer ass quasi all Dag méi laang ginn. D'Chamber huet dunn dat gemaach, wat se huet misse maachen, wat sech opgedrängt huet: De 4. Dezember 2012 huet d'Chamber décidéiert, fir eng Enquêtëkommissioun anzesetzen, fir d'Missiounen, d'Organisatioun an de Fonctionnement vum Geheimdéngscht ënnert d'Lupp ze huelen. Am Ganzen hunn, wann ech dat richteg nogezielt hunn, 47 Reunioune vun där Enquêtëkommissioun stattfonnt zwëschen Dezember 2012 a Juli 2013.

An am Ofschlossrapport ginn eng ganz Rei vun Dysfonctionnementer opgezielt. Dat geet vu politescher Spionage wärend de Jore vum Kale Krich iwwer illegal Écoutten, Missiounen, déi ouni legale Kader ausgefouert goufen, Pantouflage, Korruptiounsversich. An et ass och esou festgestallt ginn, datt Deeler vum SREL quasi als eng Parallellpolizei fungéiert hunn. Et ass versicht ginn, dem deemolege Procureur eng Pädophillenaffär unzehänken. Et gouf illegalen Autohandel bedriwwen an des Weidere méi. Am Ganze goufen 20 oder iwwer 20 Irregularitéite respektiv doutéis Virgäng festgestallt.

Dat waren Dériven, Här President, déi nëmme méiglech waren, well déi hierarchesch Strukturorganisatioun, awer och virun allem d'Kontroll innerhalb vum SREL net méi fonctionnéiert hunn.

An ech wëll och hei ganz däitlech awer dat och nach eng Kéier als Rapporteur ënnersträichen, datt duerch d'Handele vun eenzelnen, wierklech vun eenzelnen Agente leider den Numm oder och dee ganze Service a Verruff gerode war, mä datt awer dee ganz grousse Gros vum Service sech näischt virzegeheien huet, well en näischt domadder ze dinn hat. Ech wollt dat hei awer och eng Kéier kloer an däitlech soen.

Ech wëll och drun erënneren, datt am Laf vun der Enquêtëkommissioun verschidden Enquêten duerch d'Justiz opgemaach gi sinn, déi awer nach net alleguerten ofgeschloss sinn. An d'Haaptkonklusioun, zu där déi parlamentaresch Enquêtëkommissioun 2013 an hirem Rapport koum, war déi, datt de Geheimdéngscht misst déif gräifend reforméiert ginn an datt seng Kontroll verschäerft misst ginn.

An d'Enquêtëkommissioun huet dunn och eng ganz Rei vu Recommandatioune gemaach. Mir hunn eis déi Recommandatioune ganz genau ugekuckt, wierklech all eenzel Recommandatioun. An dat war dann och d'Virlag fir déi grondleeënd Reform vum Service de renseignement, fir eigentlech dëse Projet de loi ze schreiwen. Dat war och d'Virlag fir d'Regierung, fir deen ze schreiwen.

Fir déi nei Regierung - an ech mengen, da kann ech dat och haut an hirem Numm soen - ass dës Reform och vu gréisster Wichtegkeet a si hat dat och ënnerstrach am Ufank, well praktesch deen éischte Projet de loi, deen den neie Premier, de Xavier Bettel, am Abrëll 2014 bei senger éischter Ried zum État de la nation déposéiert huet, war ebe grad dee Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren.

Jo, dat sinn elo schonn déck zwee Joer hier, datt en déposéiert ginn ass. Et muss een awer soen, datt déi Zäit gutt genotzt ginn ass, fir datt mer eis dann intensiv a mat vill Suergfalt mat deem Projet als Parlamentarier ausenanersetzen.

Wat hu mer alles gemaach? Mir hunn déi Proposition de loi vun den Deputéierte vun der Reform vun der Kontrollkommissioun och hei mat integréiert. Dir gesitt, um Ordre du jour stoungen nach déi zwee Projet-de-loien, mä mir hunn eigentlech herno awer décidéiert, fir déi zwee Projete mateneen ze fusionéieren, well dat och Sënn mécht.

Mir hunn eng ganz Rei Avise consultéiert, genau studéiert. Mir haten dräi Avisen, also een Avis plus zwee zousätzlech Avise vum Statsrot, mat deene mer eis laang ausenanergesat hunn. Mir hunn analyséiert, gekuckt, wéi d'Informatiounsdéngschter oder d'Geheimdéngschter am Ausland fonctionnéieren. Mir hunn eis wierklech an der Kommissioun ausféierlech mat deene kruzialen Artikelen ausenanergesat. A mir hunn och, an dat ass jo och d'Aufgab vum Parlament, Amendementer abruecht, well mer zur Iwwerzeegung komm sinn no laangen Diskussiounen, datt déi Amendementer géifen dat Gesetz nach verbessere respektiv Onklorheeten aus dem Wee raumen.

An ech muss soen, Här President, ech si jo awer schonn eng Zäitchen an dësem héijen Haus an ech hunn awer selten erlieft, datt eng Kommissioun sech esou intensiv a mat esou vill Suergfalt a mat esou vill Seriö mat engem Projet de loi respektiv där Proposition de loi ausenanergesat huet. Mir haten och, ech mengen, eng 18, 19 Sitzungen.

An ech wëll wierklech och hei als Rapporteur alleguerten de Kommissiounsmemberen e ganz grousse Merci ausschwätze fir déi flott a gutt Zesummenaarbecht, déi mer do haten. Och e grousse Merci dem Secrétaire-administrateur, dem Tania Braas. Och déi Lénk, déi zwar, ech kommen nach eng Kéier drop zréck, gesot hunn, datt si am Prinzip net fir e Service de renseignement wieren, hunn awer trotzdeem och fläisseg matgeschafft. Si hunn och Amendementer mat erabruecht, dat wëll ech och betounen, déi zwar herno net zréckbehale gi sinn.

Eng Recommandatioun, wëll ech awer och nach soen, vun der Enquêtëkommissioun hu mer hei an dësem Projet net berücksichtegt. Dat ass näämlech déi vun der historescher Opschaffung vun den Archive vun den Données personnelles. Do hu mer e separate Projet de loi gemaach, nodeem mer och Experten, ënner anerem de President vun der Gauck-Behörde, bei eis haten, fir do e separat Gesetz ze maachen. Dat ass och praktesch fäerdeg, mir waarden nach just op den Avis vun der Commission nationale pour la protection des données. Da wäert dat awer och an den nächsten, ech géif net soen Deeg, mä awer an den nächste Wochen, virum 15. Juli, dann och nach hei an der Chamber kënne gestëmmt ginn.

Här President, ech kommen dann zum Inhalt vum Projet de loi. Ech wäert elo net all Artikel en détail illustréieren. Ech wäert kucken, nach eng Kéier déi grouss Akzenter, déi Neierungen oder wat d'Haaptakzenter sinn, hei e bësse méi am Detail ze illustréieren, respektiv dat sinn dann och déi Punkten, mat deene mer eis an der Kommissioun am intensiivsten dermadder ausenanergesat hunn a wou mer och déi eng oder aner Kéier dann nach Amendementer gemaach hunn.

Bon, eng Fro, déi sech natierlech direkt am Ufank gestallt huet, dat ass déi: Brauche mer hei zu Lëtzebuerg nach e Geheimdéngscht oder e Service de renseignement? An ech muss soen, datt awer vun Ufank un d'Daseinsberechtegung vun engem Service de renseignement hei zu Lëtzebuerg vun der grousser Majoritéit vun der Kommissioun net a Fro gestallt ginn ass. Déi Lénk waren do éischter anerer Meenung. Ech muss awer soen, datt se awer de Konklusioune vun der Enquêtëkommissioun zougestëmmt haten, wou och ënner anerem do eng vun de Konklusioune war, datt mer dat nach bräichten.

Ech mengen, et eriwwregt sech jo awer bal, fir dat hei nach eng Kéier ze ënnersträichen, grad an deenen Zäiten, wou mer liewen. Mir hate virdrun och nach eng Fro vun engem Deputéierten am Kontext vun den Atomzentralen. Mä ech mengen, grad an dësen Zäiten, wou mer leider allze oft oder ze oft dramatesch Schlagzeilen an den Zeitunge liesen, wou mer Attentater haten, dramatesch Attentater zu Paräis, zu Bréissel, op anere Plazen - ech wëll se elo net alleguerten opzielen -, ass et wichteg, datt een e Service de renseignement huet, dee kann d'Geforen anticipéiere respektiv mathëllefen, fir datt d'Souveränitéit vun eisem Land gewaart bleift.

Mir wëllen de Service de renseignement, mir wëllen awer e Service de renseignement, wou d'Protektioun vun de Rechter vum Bierger och groussgeschriwwe gëtt. An duerfir hu mer hei e Gesetz geschriwwen, wou d'Missioune ganz kloer definéiert ginn a wou och all déi Missioune vum Service de renseignement - wat se maachen - millimetergenau kontrolléiert ginn.

D'Reform baséiert op fënnef groussen Achsen: d'Kontroll vum Service, d'Missiounen, d'Moyenen an d'Konditioune vun deene Missiounen, den Ëmgang mat den Données personnelles an dann och d'Rechter an d'Flichte vun den Agenten.

Här President, mir war et als Rapporteur bei dëser Reform och besonnesch wichteg, datt d'Kontroll vum Service verbessert gëtt. Dat war jo och eng vun den Ursaachen, firwat datt

iwwerhaapt Dysfonctionnementer konnte geschéien. An ech hu mëttlerweil esou e Leitmotiv - ech hu mer och erlaabt, deen an de schrëftleche Rapport anzeschreiwen -, datt et eigentlech soll e Service sinn, dee selwer sous haute surveillance ass.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Wat fir eng Kontrolle sinn dat? Ech géif soen, op véier Niveauen. Eng éischt Kontroll ass um politeschen Niveau. Déi situéiert sech um sougenannten Niveau vum Comité ministériel. Mir ruffen hei am Gesetz en neit Gremium an d'Liewen. Dat ass e Comité, deen zum Beispill aus dräi Membere vun der Regierung ka bestoen - mir hunn net déi genau Zuel festgeschriwwen opgrond vum Avis vum Statsrot -, an deen definéiert déi grouss Richtung, wuer de SREL sech soll bewegen, wat d'Prioritéite solle sinn. An dee surveilléiert och permanent d'Aktivitéite vum Service de renseignement.

Wichteg ass awer, hei ze preziséieren, datt de Geheimdéngscht awer politesch engem Minister ënnersteet. Dat ass nach ëmmer deen, deen herno - fir et emol esou ze soen - de Kapp muss politesch dohinnerhalen, wann eppes géif schifgoen; wat awer an Zukunft net méi wäert de Fall sinn. An de Minister, dee geméinlech un der Spëtzt vum Geheimdéngscht steet, dat war bis elo ëmmer de Premierminister. Et ass och elo dës Kéier de Fall an dat wäert och wahrscheinlech an Zukunft nach ëmmer de Fall sinn. Also e Comité ministériel, awer driwwer de politesche Responsabelen, deen, dee responsabel ass fir de Geheimdéngscht.

Nei ass eng zousätzlech Kontroll um administrativen Niveau. Do hu mer den Délégué au SRE, dee mer aféieren. Dat ass en héije Beamte vum Premier, deen dann och deeglech Zougang kann hunn zu allen Informatioune vum SREL, deen eigentlech och dann de Service do fir de Minister suivéiert an deen och eigentlech d'Pouvoirs d'investigation innerhalb vun der Verwaltung huet, deen och regelméisseg muss Rapport maachen.

Um Niveau vun dem Contrôle administratif soll een awer och net den Direkter vun der Verwaltung vergiessen. Dee muss och seng Servicer kontrolléieren an dee muss jo och riichtstoe vis-à-vis vun der Kontrollkommissioun oder vis-à-vis vum Minister.

Eng drëtt Kontroll ass déi um Niveau vun der Justiz. All déi méi intrusiv Methoden - ech kommen dann nach dorobber herno ze schwätzen -, Écoutten an esou weider, déi mussen alleguerten den Aval kréie vun enger Commission spéciale, déi aus dräi Riichter zesummegesat ass. D'Riichter, dat sinn: de President vun der Cour supérieure de justice, de President vum Verwaltungsgeriicht an de President vum Tribunal d'arrondissement vu Lëtzebuerg.

Ech wëll awer och soen, eng kleng Remarque: D'Urgence ass och nach am Gesetz virgesinn, mä awer ëmmer dans les meilleurs délais oder praktesch au même moment. Awer och, wann de Premier zum Beispill géif do eng Autorisatioun déclenchéieren, da muss do dann och den Accord direkt dans les meilleurs délais vun där Commission spéciale geliwwert ginn.

An dann e véierten Niveau: Dat ass d'Kontroll um parlamentareschen Niveau. Et muss een hei soen: D'parlamentaresch Kontrollkommissioun gëtt ganz kloer gestäerkt an hire Missiounen.

An ech mengen, dat kann ech hei och soen, datt ech ganz frou driwwer sinn: D'Roll vum Parlament gëtt hei och an dësem Gesetz gestäerkt, well ech wëll jo drun erënneren, wat d'Konklusiounen an der Enquêtëkommissioun waren. Do ass näämlech gesot ginn, datt ee vun de Problemer war, datt d'Kontrollkommissioun vum Parlament eigentlech hir Aarbecht net richteg konnt maachen. Si gouf gebremst, si krut eng Rei Informatiounen net, si ass net genuch informéiert ginn an esou weider. An ech mengen, déi parlamentaresch Kontrollkommissioun, déi gëtt mat dësem Projet gestäerkt an do misste mer awer alleguerten hei am Haus dann och zefridde sinn.

Déi nei Kontrollkommissioun, wat kritt déi alles zousätzlech als Moyenen? Regelméisseg, dat heescht all dräi Méint gëtt déi Kontrollkommissioun, déi de Moment aus de Fraktiounscheffe besteet oder aus Leit, déi aus deene Groupements politiques kommen, déi e Fraktiounschef hunn oder déi d'Stäerkt vun enger Fraktioun hunn, dat heescht, déi Leit, déi gi regelméisseg all dräi Méint iwwert d'Missiounen informéiert. Si kréien all sechs Méint de Relevé vun den Écoutten oder wat eventuell iwwert de Logiciel digital relevéiert ginn ass. Si kënnen zu all Moment Stéchprouwe maachen, si kënne sech och vun Experten an hirer Aarbecht assistéiere loossen. Si kënnen zu all Moment en Agent iwwer e spezifeschen Dossier befroen, si kréien och de Budget vun dem SREL presentéiert a si kréien och eng Lettre de mission ënnerbreet. Ech wäert och op déi nach eng Kéier zréckkommen.

An ee Punkt, deen hei diskutéiert ginn ass, kontrovers diskutéiert ginn ass, dat ass deen, datt an der Proposition de loi vun den Deputéierten drastoung, datt den Direkter natierlech déi Obligatioun hätt, déi Kontrollkommissioun iwwer alles ze informéieren, a wann en dat net géif maachen, datt e penal kéint zur Responsabilitéit gezu ginn.

De Statsrot huet do säi Veto ageluecht. Mir haten et an d'Gesetz ageschriwwen. De Statsrot huet gesot: „Et ass en Direkter vun enger Verwaltung an dee muss behandelt gi wéi all déi aner Direktere vun anere Verwaltungen och." Dat geet also net. An en huet och d'Fro opgeworf: Bon, da wier dat en Direkter, dee just penal responsabel vis-à-vis - hei an dësem Fall elo - vu véier Deputéierte wier?

Mä ech mengen, et ass jo och esou: Den Direkter huet den Devoir, d'Obligation d'information, déi bei all Beamte spillen, an ëmsou méi hei bei senger Aufgab, well dat ass eng vu sengen Haaptaufgaben. Wann e sech also net géif dorunner halen, da wier dat eigentlech eng Faute grave an da misst e mat Konsequenzen ze rechnen hunn.

D'Dysfonctionnementer vum SREL haten eben och zu Dag bruecht, datt d'Missioune vum Service net kloer definéiert waren. D'Missioune vum Service de renseignement si wahrscheinlech, géif ech soen, am intensiivsten - den Artikel 3 als Erënnerung - an der Kommissioun diskutéiert ginn, well et jo och hei enk mat der Fro vun der Daseinsberechtegung vum Service liéiert ass. De Statsrot war och am éischten Avis net honnertprozenteg zefridde mat deem Artikel. En huet zwar deemools keng Opposition formelle gemaach, mä en huet awer vun e puer Saache gesot, datt een déi nach eng Kéier sollt iwwerkucken. Duerfir hu mer dat dunn nach eng Kéier gemaach. Mir hunn also deen Artikel nach eng Kéier op de Leescht geholl.

An eppes war awer vun Ufank u ganz kloer: Politesch Spionage dierf et net méi, dierf et ni méi hei zu Lëtzebuerg ginn! Duerfir hu mer dat och ganz kloer an d'Gesetz geschriwwen. Mir sinn alleguerte gebrannte Kanner. Ech mengen, dat ass jo eent vun deenen donkele Kapitele vun der Geschicht vum Geheimdéngscht, dat bis an d'Zäit vum Kale Krich zréckgeet, wéi dat d'Enquêtëkommissioun festgestallt huet. Deemools si Bierger, déi au sens large politesch aktiv waren - dans le sens large, wat een dorënner versteet: Gewerkschaftler a Leit, déi vläicht an engem spezielle Veräin engagéiert waren, ONGen an esou weider -, do bespëtzelt ginn, ouni datt se iergendeng Gefor fir d'Land oder fir d'Sécherheet waren.

Ech ginn elo net weider dorobber an. Ech wäert d'Geleeënheet kréie wahrscheinlech als Rapporteur vun dem Gesetz iwwert d'Archive vun deene Fichen, fir do nach eng Kéier dann drop zréckzekommen.

Bon, wat sinn dann elo d'Missioune vum SREL, déi mer an d'Gesetz schreiwen? Dat riicht sech no engem grousse Prinzip, dat heescht, de SREL huet eng preventiv Missioun, wann d'Sécherheet vum Land oder d'Integritéit vum Land a Gefor ass oder wann Organisatiounen oder Länner, mat deene mer Accorden hunn, enk Relatiounen hunn, wann déi a Gefor wieren oder wann eis ekonomesch Interessen, eise wëssenschaftleche Potenzial a Gefor wieren.

A wat sinn dann déi Menacen ebe fir d'Statssécherheet oder fir d'Integritéit vum Land? Ma déi sinn och ganz kloer opgezielt: méi wéi jee den Terrorismus, d'Spionage, den Extremismus à propulsion violente (veuillez lire: à propension violente). Firwat „à propension violente"? Mir haten do Diskussiounen. Mir hunn en Amendement gemaach. Et kënne Leit extrem Iddien hunn, dat nennt een heiansdo „Extremisten", oder et sinn der vläicht, déi a komesche Sekte ganz komesch Iwwerleeungen hunn, déi awer keng Gefor fir iergendeppes duerstellen. Duerfir hu mer awer geschriwwen „à propension violente", dat heescht extrem Gruppen, déi och wierklech prett wieren, fir iergendeng Aktivitéit, eppes ze ënnerhuelen, fir d'Gefor (veuillez lire: d'Sécherheet) vum Land a Fro ze stellen.

Dann d'Proliferatioun vu Massevernichtungswaffen an all Aktivitéiten, déi eisen nationale wirtschaflechen Interesse kéinte schueden. Wéi gesot, d'Lutte géint den Terrorismus steet hei am Vierdergrond.

An dann ass awer eppes, wat mer nei als Kommissioun an d'Gesetz drageschriwwen hunn, déi sougenannt „lettre de mission", well awer nach gesot ginn ass: Jo, déi Begrëffer do - Terrorismus, Lutte géint den Espionage an déi, déi ech elo opgezielt hunn -, do kéint een awer nach heiansdo soen, si wieren nach vag. Duerfir hu mer gesot: „Da kommt, mir hunn hei esou eppes, wat een eng Feuille de route kéint nennen, eng Lettre de mission, wou genau drageschriwwe gëtt, wat fir déi nächst sechs Méint, dat nächst Joer d'Prioritéite sinn, mat praktesch deklinéiert, wat fir eng Missiounen dann entaméiert ginn." Ech mengen, dat ass eng ganz wichteg Neierung. An et ass och esou, datt och déi parlamentaresch Kontrollkommissioun déi Lettre de mission ënnerbreet kritt.

Da kommen ech zu den operationelle Methoden a Moyenen, déi am Gesetz jo da kloer definéiert sinn, an och wéi d'Prozedur all Kéiers ass. Hei ass de Mot d'ordre... Bon, Mot d'ordre ass vläicht e klengt Wuert. Hei wierklech de grondleeënde Prinzip: ëmmer déi Moyene benotzen, déi dee klengsten Agréff an d'Privatsphär duerstellen, „le moins intrusif possible", hu mer geschriwwen. D'Proportionalitéit vun de Moyenen, déi agesat ginn, muss ëmmer bewaart bleiwen.

A mir hunn och am Gesetz da ganz kloer, transparent a ganz strikt Autorisatiounsprozeduren ageschriwwen, wéi jee nodeem, wat fir eng Operatioun lancéiert gëtt, wéi déi da muss autoriséiert ginn: Dat geet vum Direkter iwwert de Comité ministériel bis zur Spezialkommissioun, déi eben aus dräi Riichter besteet.

Et gëtt do verschidde Stufen. Déi éischt Stuf, dat ass einfach eng Observatioun op ëffentleche Plazen duerch Agenten oder Informanten. Dat ass eng Etapp, déi muss vum Direkter autoriséiert ginn. Dee muss awer och dann de Comité ministériel informéieren. Herno gëtt a posteriori jo och dann d'Kontrollkommissioun informéiert. Vläicht eng Remarque: Wat ass eng Observatioun? Dat ass, wann dräi Deeg hannereneen ee beobacht gëtt oder een dräi Deeg innerhalb vun engem Mount beobacht gëtt.

Dann déi nächst Stuf, wann een do näischt erausfënnt, dat ass dann d'Écoute téléphonique, „oflauschteren" am Lëtzebuerger Sproochgebrauch. Dat kann ee wärend dräi Méint maachen. Da muss d'Autorisatioun erneiert ginn, och vun de Riichter. Do brauch een also d'Autorisatioun vum Comité, awer och vun der Commission spéciale, also vun deenen dräi Riichter. Datselwecht gëllt fir de Repérage, dat heescht, wann ee kuckt, wuer wien telefonéiert huet. Dat muss all sechs Méint erneiert ginn.

An dann, wann dat och nach näischt bréngt, oder eben an deene méi schroe Fäll oder bei deene Geforen, déi ech virdrun opgezielt hunn, déi wierklech méi akut sinn - Terrorismus, Waffenhandel, Espionage -, wann d'Écoutten näischt bréngen - an dat stelle mer leider fest, datt haut déi Leit och mam Fortschrëtt weiderginn, fir et emol esou ze soen -, da kann een also do dann aner Moyene virgesinn.

Dat ass, datt ee ka Passagéierlëschte consultéieren, Informatiounen iwwer Banktransaktiounen, an och, datt ee kann an en Domicile eragoen, e Privatdomicile, fir do an de Computer e Logiciel dranzesetzen, well ebe festgestallt ginn ass, datt ganz oft haut - dat mierkt ee jo och, ech mengen, et brauch een nëmmen all déi Rapporten iwwer Terrorismus ze liesen - déi Leit natierlech ganz wéineg oder guer net méi iwwer Tëlefon communiquéieren, mä iwwer Mailen, kryptéiert Mailen haaptsächlech, eventuell iwwer Skype. An dat kann een dann nëmme maachen, wann een dann och e Logiciel an de Computer setzt.

Do hate mer eigentlech vun der Commission nationale pour la protection des données au départ an och bis haut kee kriteschen Avis. Mä am Kader vun engem anere Gesetz, Lutte antiterroriste, war awer dunn elo e kriteschen Avis komm och vun der Ligue des droits de l'Homme, déi do eng Rei Froen opgeworf huet mat deenen, wéi mer dat dann nennen „Trojaner" oder „Statstrojaner".

Ech wëll hei einfach nach eng Kéier soen: Mir hunn dat an der Kommissioun diskutéiert. Dat hei ass eigentlech eng nei Form vun Écoute, déi awer deeneselwechte Regelen, deene strenge Kontrollen, deene strengen Autorisatiounsprozeduren ënnerläit fir eng Écoute oder deene Mesuren, datt och hei mussen dräi Riichter hiren Accord ginn, datt muss genau beschriwwe ginn, wat ee mécht, wat een utiliséiert, an och herno, do kommen ech nach drop, wat mat deenen Donnéeë geschitt a wéini et erëm muss ophalen.

Et ass eigentlech also hei näischt Neies, näischt aneschters. Et ass eben eng nei technesch Iwwerwaachung, wou mer eis ugepasst hunn un dat, wat ebe leider dobaussen esou benotzt gëtt, fir wann Terroristen ënner sech kommunizéieren.

Wat weider am Gesetz och virgesinn ass, oder eng aner Dispositioun, dat ass, datt d'Agente vum SREL och ënner engem Nom d'emprunt, engem geléintenen Numm - bon, da kéinten d'Leit och vläicht soen: „e falschen Numm" - do kënnen ermëttelen oder eng operativ Operatioun kënnen duerchféieren, ouni datt se duerfir kënne viru Geriicht belaangt ginn.

Ech hat dat och schonn elo méi wéi eng Kéier betount, Här President: D'Rechter vun de Bierger ginn an dësem Gesetz groussgeschriwwen. An duerfir ass eben dee ganze Volet vum Ëmgang mat den Donnéeën, déi do erhuewe ginn, wichteg. Ech hunn dat och am Gesetz oder respektiv a mengem Rapport nach eng Kéier genau beschriwwen.

Ech mengen, d'Diskussioun ass jo déi geméinlech, wann elo eng Écoute ass oder wann een dann ebe Maile géif kucke goen, datt do och ëmmer Leit, ech géif emol soen „kollateral" mat ofgehéiert ginn. Dat ka souguer an engem Lieu public, wou keng Tëlefonsécoute ass, geschéien.

Wat geschitt mat deenen Donnéeën? Ech mengen, do ass et kloer an däitlech: Wann elo zum Beispill bei enger Écoute een ass, dee verdächtegt gëtt, am Beräich vum Terrorismus kënnen aktiv ze ginn, dann telefonéiert dee vläicht engem aneren aus sengem Grupp, fir eng Aktioun auszemaachen. Dat ass natierlech relevant. Et kann awer och vläicht sinn, datt dee moies iergendengem Service telefonéiert huet, fir seng Poubellen eidel maachen ze kommen. Ech mengen, dat sinn dann déi Leit, mat deenen en do schwätzt, déi hu guer näischt domadder ze dinn. An déi Donnéeë ginn natierlech direkt eben do gestrach. Ech mengen, dat ass souwuel bei den Écoutten, wéi och bei deem, wat een dann am Beräich vun dem „Computeroflauschteren", fir et emol esou ze formuléieren, géif kréien.

Wann awer elo Donnéeën do sinn, déi relevant si fir eben den Dossier, da ginn déi fënnef Joer gehalen. A wann dann och Faite sinn, déi un de Procureur weidergi gi sinn, da mussen déi Renseignementer spéitstens dann zerstéiert ginn, wann d'Prescriptioun vun der Action publique erreecht ass.

Dat sinn also eng Rei Donnéeën. Mir hunn och hei am SREL en „chargé de la protection des données" agefouert. Hien iwwerwaacht, datt dann déi perséinlech Donnéeën entweder zerstéiert ginn, respektiv, wann der consultéiert ginn, datt dat ganz genau ka retracéiert ginn, datt een dat ganz genau muss kucken, eben och konform zum Gesetz vum Dateschutz. Dat heescht, do muss dann zu all Moment kënne gekuckt ginn: Déi doten Donnée, déi Informatioun ass vun deem am Service zu esou enger Auerzäit fir dat Motiv gekuckt ginn, an dat ass domadder geschitt.

An, dat muss ech och soen, wéi dat genau am Detail soll fonctionnéieren, duerfir sinn och schonn an der leschter Kommissiounssitzung Reglementer presentéiert ginn, wou also genau beschriwwe gëtt, wéi mat den Données personnelles ëmgaange gëtt. Ech menge wierklech och hei nach eng Kéier: Et ass net nëmmen en Effort, mä wierklech fir ze ënnersträichen, datt eis d'Protection des données wierklech wichteg ass!

Och den Accès vun dem SREL oder vun de Mataarbechter, wat se kënne consultéiere wärend hirer Aarbecht, dat ass am Artikel 10; datt se och zum Beispill kënne kucken: Huet déi Persoun e Führerschäin, huet se e Waffeschäin, an esou weider? Ech zielen dat net op, dat steet am Artikel 10. Dat ass och genau am Gesetz festgeschriwwen, wou och zum Beispill steet, datt d'Leit vum SREL net kënnen direkt op e Casier judicaire zougräifen.

Da gëtt am Gesetz och d'Zesummenaarbecht dans le sens large, géif ech soen, mat de Justizautoritéiten, mat der Police a mat de Verwaltungen niddergeschriwwen. Ech mengen, et ass immens wichteg, datt déi Kooperatioun gutt fonctionnéiert, well an der Terrorismusbekämpfung gräifen déi verschidden Administratioune jo aneneen.

Vläicht hei och e Wuert zu den Informatiounen, déi de SREL kritt vun auslännesche Geheimdéngschter. Et ass et wichteg, datt et strikt respektéiert gëtt, wann de Service de renseignement Accorden huet. A mir stëmmen där och heiansdo hei an der Chamber, dës Woch hate mer nach een, wou da wierklech op héchstem Niveau, also och vun der Chamber, décidéiert gëtt, datt do kann en Échange vu klassifizéierten Informatioune sinn. Respektiv, wann den auslännesche Geheimdéngscht seet: „Dir kritt déi Informatioun, mä mir hätte gär, datt déi net weider an iergendenger Form ka benotzt ginn, divulgéiert ginn", da muss een dat och strikt respektéieren. Ech mengen, dat ass immens wichteg!

Mir hunn e Geheimdéngscht, dee mat senge Moyene fonctionnéiert, deen immens vill op d'Informatioune vum Ausland ugewisen ass. A wann een dat géif op d'Spill setzen, da géif ee keng Informatioune méi vun deenen auslännesche Geheimdéngschter kréien. An da wiere mer wierklech manner à même oder da wiere

mer vläicht guer net méi à même, fir zum Beispill eis Lutte géint den Terrorismus uerdentlech ze organiséieren.

Dann, d'Rechter an d'Flichte vun de Beamten nach kuerz. Här President, ech hat jo gefrot, fir e bëssen Opschub. Ech mengen, ech misst ongeféier ronnkomme mat menger Zäit. Kuerz d'Rechter an d'Flichte vun den Agenten. Dat si jo d'Haaptakteuren. Dat ass en anere Volet.

Hei ass wichteg - ganz kuerz - déi Klausel fir d'Confidentialitéit. De Prinzip ass, datt Agente keng Informatiounen, keng Geheimnisser dierfen onerlaabt weiderginn. Ech mengen, soss komme Geldstrofen, Prisong. An enger gewëssener Form kann een déi Klausel esou soen: Dat gëllt och bis fënnef Joer no dem Austrëtt aus dem Geheimdéngscht, do dierfe se net an en anere Beruff oder eng Firma opmaachen, wou dat Wëssen eventuell kéint benotzt ginn. Mir haten dat jo an der Vergaangenheet. An et kann einfach net sinn, datt e Mataarbechter géif säi Wëssen aus dem Service huelen, fir da materielle Profitt, géif ech emol soen, dorauser ze schloen.

An a menger Lektür, Här President, vun dëser Klausel, géif ech och soen, datt et dann eigentlech net méi sollt méiglech sinn, datt en Agent oder en Exagent iwwert d'Banneliewe vun engem Service de renseignement Interviewe gëtt oder do Saache seet, déi en eigentlech net soll un d'Éffentlechkeet brengen. Dat schéngt mer awer och hei mat dëser Klausel da kloergestallt ze sinn.

Vläicht dann nach ganz kuerz, Här President, zu de Primmen. Ee Wuert doriwwer. Ech kann awer net als Rapporteur do näischt derzou soen. Et ware jo och nach déi lescht Deeg déi eng oder aner Communiquéen an der Press ze liesen. D'Beamte kréien dräi Primmen: eng Prime de risque, d'Prime d'astreinte, d'Prime spéciale. Dat mécht zesummen zwëschen 80 an 140 Punkten aus. Dir kënnt dat dann ausrechnen.

Mir haten déi Primmen och an d'Gesetz geschriwwen. De Statsrot huet do Opposition formelle gemaach. En huet gesot: „Dat geet net mam Gläichheetsprinzip vun der Verfassung." A wat mer hei awer probéiert hunn, dat ass, datt mer versicht hunn, e Wee ze fannen, fir datt déi Primme géife konform sinn zum Gläichheetsprinzip, datt dat also vis-à-vis vun der Verfassung géif standhalen. An eis Haaptsuerg war och, datt den Agenten näischt géif ewechgeholl ginn! Dat ass dat, wou mer versicht hunn, eng Solutioun ze fannen.

An d'Kommissioun war och der Meenung, datt dës Primme verdéngt wieren, well se jo awer eng ganz speziell Aufgab, eng ganz speziell Aarbecht hu mat enger Rei Contrainten, déi een net an anere Beruffer huet. Also eis Démarche, dat war am Interessi vun deenen eenzelne Beamte geduecht. An ech bedaueren, datt d'Représentation du personnel dësen Acte de bonne volonté, dee mer do awer gemaach hunn, net esou richteg unerkennt an elo op Konflikt mat der Fonction publique geet.

Här President, ech kommen dann esou lues zum Schluss. Ech mengen, déi verschidden Avisen, ech si se elo net all duerchgaangen, Dir kënnt déi a mengem schréftleche Rapport liesen. Ech si vläicht op déi eng oder aner Detailer, wéi gesot, net agaangen. Dat kënnt Der alles dann noliesen, well dat géif den Zäitkader sprengen.

Här President, duerfir kommen ech dann zu mengem Schluss. Ech mengen, mat dësem Projet gi mer den Ambitioune gerecht, all de Recommandatioune vun der Enquêtëkommissioun nozekommen. Et ass e Gesetz, wat et engem moderne Geheimdéngscht erlaabt, sech den neien Erausfuerderungen ze stellen, och am Intérêt vun eisem Land. Et ass e Gesetz, dat e kloren an transparente juristesche Kader schaaft, an deem de SREL sech ka bewegen. Et ass duerfir e Gesetz, dat d'Basis schaaft, datt mer ni méi Dysfonctionnementer vun engem Service sollen erliewen, wéi déi, déi eis 2013 gerëselt haten an eis Institutiounen un d'Wackele bruecht haten. D'Chamber huet domat hir Aarbecht gemaach an hir Missioun erfëllt.

An e lescht Wuert: Et wier och gutt, wann d'Justiz och hir Aarbecht kéint ofschléissen, well, ech mengen, eréischt da wäerte mer kënnen als Chamber den Dossier definitiv mat rouegem Gewëssen zoumaachen, clôturéieren, an all d'Léieren zéien, fir datt mer da wierklech kënnen definitiv soen: Never again!

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Berger. An d'Wuert huet elo direkt den Här Claude Wiseler fir d'CSV.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Merci, Här President. Ech wëll ufänken, andeem ech och dem Rapporteur Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi e gemaach huet zesumme mat der Kommissioun. Dat hei war jo keen einfachen Text a keng einfach Diskussioun, déi mer do gefouert hunn, an dat aus e puer Grënn.

Deen éischte Grond, dat ass, datt esou Texter wéi deen heiten ëmmer déi Schwieregkeet hunn, datt se deen noutwendegen Équiliber musse fannen: Équiliber op där enger Säit zwëschen der Effikassitéit, déi esou e Service wéi de Geheimdéngscht, wéi den SRE, muss hunn, ëmmer méi muss hunn, an op där anerer Säit der Protektioun vun der Privatsphär an den individuelle Fräiheeten. Deen Équiliber ze fannen, juristesch ze fannen op där enger Säit, an duerno an der Ëmsetzung och ze fannen, ass net evident.

Déi zweet Schwieregkeet, dat war déi, well d'Noutwendegkeet vun der Ëmännerung vun dësem Text jo entstanen ass ronderëm déi SREL-Affär, déi mer 2012-2013 haten, an et dofir am Fong e ganz sensibelen Dossier war, dee geluede war mat vill Vergaangenheet, dee jo ënner Beobachtung stoung wéinst deenen Evenementer vun 2013, wat de Klima theoretesch net vereinfacht huet. An ech kommen nach duerno dorobber zréck.

Ech hunn awer mat Satisfaktioun festgestallt, datt mer konnten an deene leschte Méint op engem wesentlechen Dossier trotzdeem eng korrekt Aarbecht maachen an ënner uerdentlechen a korrekte Konditioune schaffen, an dat eis Aarbecht baséierend op déi Propositiounen, déi d'Commission d'enquête gemaach hat an déi sengerzäit och d'CSV-Fraktioun gedeelt huet. Mir hu leedeglech bei deem Rapport vun der Commission d'enquête net déi politesch Konklusioune gedeelt, mä awer déi Propositiounen, déi d'Commission d'enquête gemaach hat, dat waren och eis Konklusiounen. An dofir ass et gutt, datt se an dësem Text kënnen ëmgesat ginn.

E puer Aussoe wëll ech maachen. Déi éischt, dat ass eng evident an eisen Aen: Mir brauchen och zu Lëtzebuerg e Geheimdéngscht, an haut méi wéi jee! De Lucien Weiler, deen 2004 Rapporteur vun dem Text iwwert de Geheimdéngscht war, huet den 19. Mee 2004 gesot, an ech zitéieren en: „Net ëmmer huet esou eng Atmosphère sereine ëm de Geheimdéngscht bestane wéi haut." An dat war 2004. „Et gouf eng Zäit, wou de Service de renseignement den Enjeu hei am Land war vun heftegen ideologeschen Debatten. Déi Zäite sinn eriwwer. Haut, denken ech, stellt keng Fraktioun hei an der Chamber méi d'Noutwendegkeet vun engem Geheimdéngscht a Fro. Et herrscht Konsens driwwer, datt déi Welt, déi sech an deene leschte Joren entwéckelt huet, leider eng Welt ass, déi ouni Geheimdéngscht a Geheimdéngschter net auskënnt."

(Coups de cloche de la présidence)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann ech gelift, lauschtert no!

M. Claude Wiseler *(CSV).*- Dat war dat, wat de Lucien Weiler 2004 gesot huet. An, ech mengen, zumindest bei der leschter Ausso läit e sécherlech richteg. Bei där éischter hu mer eng Fraktioun haut an der... hu mer eng Sensibilitéit, pardon, haut an der Chamber, déi dat scho méi contestéiert.

An ech hunn och am Avis vum Conseil d'État gelies: A sengem éischten Avis huet de Conseil d'État sech näämlech d'Fro gestallt a sech gewonnert, datt d'Utilitéit vun dem Service de renseignement net géif justifizéiert ginn. Ech zitéieren do och: «Ni le Gouvernement ni d'ailleurs non plus la commission d'enquête parlementaire sur le Service de renseignement de l'État (...) n'entendent apparemment remettre en cause l'utilité d'un service étatique chargé du renseignement.» Dat seet de Conseil d'État. Dat schreift en awer am Dezember 2014. Dat ass schonn eng Zäitchen hier, net nëmmen eng Zäitchen hier, mä och eng Rei Evenementer hier, déi an deene leschte Méint geschitt sinn. An an deenen Avisen duerno, no deenen Evenementer, war och den Toun vum Conseil d'État liicht geännert.

Op jidde Fall, fir d'CSV ass kloer: datt Lëtzebuerg en effikasse Geheimdéngscht brauch; datt Lëtzebuerg e Geheimdéngscht brauch, deem seng Missiounen, seng Aktiounsméiglechkeeten an aller Däitlechkeet, an allem Detail och beschriwwe sinn; datt Lëtzebuerg e Geheimdéngscht brauch, deen unerkannt ass, och vun deenen Déngschter am Ausland, well, wéi de Rapporteur scho virdru gesot huet, eng ganz Rei vun deene Renseignementer, déi de Lëtzebuerger Geheimdéngscht kritt, natierlech hir Originn bei auslänneschen Déngschter hunn a mer dofir op déi Kollaboratioun ugewise sinn. An déi Kollaboratioun, déi baséiert natierlech op géigesäitegem Vertrauen.

Lëtzebuerg brauch e Geheimdéngscht, deen a senge Kontrollmechanismen och evidenterweis effikass muss kënne fonctionnéieren. Lëtzebuerg brauch e Geheimdéngscht, deen déi technesch Moyenen huet, fir sengen Aufgabe gerecht ze ginn. A Lëtzebuerg brauch e Geheimdéngscht, deen déi personell Moyenen dofir huet, fir deene Geforen, deene mer haut ausgesat ginn, kënnen ze begéinen.

Wéi de Geheimdéngscht an de 60er Jore geschaaft ginn ass, du ware mer an enger Situatioun vum Kale Krich, wou zwee Bléck sech géinteneen affrontéiert hunn. D'Geheimdéngschter waren en Deel vum System vun der géigesäiteger Aschüchterung, Block géint Block, e Feindbild, dat kloer determinéiert war.

Haut ass dat anescht! D'Mauer ass gefall. D'Gefore sinn anerer ginn. D'Gefore si méi diffus, méi divers, manner organiséiert an hirer Originn, mä vläicht souguer méi geféierlech, well se manner detektabel sinn, well se och vläicht méi gewaltbereet sinn, well se och vun enger anerer Gewaltbereetschaft ausginn. Och war den Terrorismus an de 70er, 80er Joren haaptsächlech en Terrorismus, deen op Ziler ausgaangen ass, deen Ziler erausgewielt huet, déi Sënn - an hiren Aen - haten.

Hei hu mer et mat engem Terrorismus ze dinn, dee blann agéiert, deen eis alleguer, all d'Leit a Gefor bréngt. Also ass e vill méi schwéier ze detektéieren. En ass méi divers och a sengen Zilsetzungen, méi divers an den Ziler, déi e sech eraussicht a ganz oft och gemaach vu Leit, déi Einheimescher sinn, net also auslännescher Originn, esou wéi d'Aufgaben am Kale Krich sech heiansdo gestallt hunn.

Och d'Technologië sinn total anescht ginn. Mir hunn et haut mat Kommunikatiounstechnologien ze dinn, déi mer sécherlech an deene Jore vun deem éischte Geheimdéngscht hei zu Lëtzebuerg net haten. D'Propaganda vun Terrororganisatioune gëtt och ganz anescht gemaach. Hir Kommunikatioun leeft iwwert déi modern Technologien, déi d'ailleurs haut och fir jiddwereen Eenzelnen accessibel sinn. Och dat fonctionnéiert ganz anescht.

An et muss een och, wann ee wëllt als Geheimdéngscht effikass sinn, déi Mass vun Informatiounen, déi haut op den Netzer zirkuléiert, analyséiert kréien, detektéiert kréien a gesinn, wat do relevant ass a wat net. An dat ass an der Mass vun den Informatiounen, déi mussen analyséiert ginn, och wesentlech méi schwéier. Also eng Evolutioun vun de Moyenen, där een absolutt muss Rechnung droen.

De Rapporteur huet a sengem Rapport ganz vill Detailer gesot. Ech ginn och net méi op déi Detailer an. Ech wëll just hei och nach eng Kéier déi Punkten ernimmen, déi fir eis wichteg sinn.

Evidenterweis ass dat fir d'Éischt de Contrôle vun dem Geheimdéngscht - ee vun deene wichtegste Punkten -, well en en fin de compte an deene leschte Jore virun 2013 net esou geklappt huet, wéi ee sech dat hätt kënnen, hätt solle virstellen, weder um Niveau vun der ministerieller Kontroll nach um Niveau vun der parlamentarescher Kontroll. Mir haten illegal Écoutten. Mir hate Missiounen, déi de legale Kader dépasséiert hunn. A mir haten och ongenügend Finanzkontrollen ënner anerem. An ech mengen, dësen Text mécht eng Rei wichteg Erneierungen.

Éischtens, de Comité ministériel, e puer Wuert doriwwer: An där éischter Versioun, déi mer vun der Regierung krute vum Comité ministériel, do war et esou, datt mer e Comité haten, wou dräi Ministeren zesumme sollten Décisiounen huelen an eng gemeinsam Responsabilitéit hate fir dat, wat am Geheimdéngscht geschitt ass.

Ech verstinn, datt een esou e Comité ministériel asetzt, fir eng besser Coordination interministérielle ze maachen, mä et war awer an eisen Ae vun Ufank u kloer, datt d'Responsabilitéit net däerft, net sollt diluéiert ginn, well an eisen Aen d'Responsabilité ministérielle eng politesch an individuell Responsabilitéit ass. An de Prinzip vun eisem konstitutionelle Gefüge ass, datt déi Responsabilitéit, déi individuell Responsabilitéit, net däerf verwässert ginn!

An der zweeter Versioun, déi mer zesummen an der Kommissioun duerno gemaach hunn, ass dat och ganz anescht gestallt ginn. Formell kënne mer elo domadder liewen, well den Artikel 2 Paragraf (1) kloer an däitlech seet, datt déi Autorité hiérarchique bei de Ministres de tutelle, also an dësem Fall, haut op jidde Fall, beim Statsminister läit, deen also och déi politesch an déi administrativ Responsabilitéit en définitif huet.

Fir eis ass et wichteg, datt dat kloer an däitlech ass. An et ass och iwwerall bäigefüügt ginn, wann de Comité minstériel zesummekënnt, datt déi Décisiounen, déi en hëlt, „sur proposition du ministre" sinn, dat heescht vum Ministre de tutelle kommen. Dat sinn onschëlleg, onscheinbar Sätz, mä déi awer an der Realitéit vun de Responsabilitéiten a vun den hierarchesche Strukturen an eisen Aen extrem wichteg sinn. An an esou engem Fall wéi deem heiten ass et onausweichlech, datt ee muss Kloertext schwätzen an datt d'Responsabilitéiten och musse kloer an däitlech sinn.

D'Kreatioun vum Comité mécht also sécherlech eng besser Coordination interministérielle an deem dote Kontext méiglech. De Comité diskutéiert iwwert d'Politique générale, d'Orientatioun vun den Aktivitéiten, d'Protektioun vun de Renseignementer, déi sensibel sinn. En huet och eng Kontrollroll a sech an d'Gesetz ageschriwwe kritt.

An dat, wat nei ass, och par rapport zum originale Regierungstext, dat ass, datt hei eng Lettre de mission ageschriwwe gëtt, déi de Comité ministériel muss mindestens eemol d'Joer schreiwen, fir a sech déi Aufgaben, déi an deem Joer ustinn, dat heescht déi politesch Prioritéiten, ze definéieren.

Dat ass a mengen Ae wichteg, well et eng zousätzlech Kontroll erlaabt. Den Text seet och ganz kloer, datt déi parlamentaresch Kontrollkommissioun déi Lettre de mission zougestallt muss kréien, wat also fir d'parlamentaresch Kontrollkommissioun heescht, datt se elo wesentlech an hirer Kontroll ka méi wäit goen: Wann déi parlamentaresch Kontrollkommissioun bis elo kontrolléiert huet, dann huet se a sech d'Missiounen, d'Legalitéit vun de Missioune kontrolléiert, gekuckt, ob dat alles korrekt ofgelaf ass. Elo, wa se eng Lettre de mission kritt, wou d'Regierung genau beschreift, wat fir eng Prioritéiten a wat fir eng Aufgabe se dem Service de renseignement gëtt, dann ass et och un der Commission de contrôle ze kucken, ob a sech déi Lettre de mission an deem, wat d'Kommissioun (veuillez lire: de Service de renseignement) mécht, dann och richteg exekutéiert gëtt, dat heescht, datt en och de politesche Virschréfte vun der Regierung follegt an déi Aufgabe prioritär behandelt, déi d'Regierung och als Prioritéit gesäit.

Fir mech ass dat en zousätzlechen Aspekt vun der Kontrollkommissioun, deen ech als wichteg empfannen.

Datselwecht ass d'Kreatioun vun dem Délégué au Service de renseignement de l'État. Dee kënnt aus dem ganz einfache Gedanken eraus, mengen ech, datt de Minister selwer - haaptsächlech wann et de Premier ass, mä och wann et en anere Minister ass, wéi dësen Text dat elo erlaabt -, deen Tutelle vun dem Service de renseignement, vum Geheimdéngscht huet, och net méiglecherweis déi noutwendeg Zäit kann drop konzentréieren, fir dat alles esou ze maachen, wéi et misst gemaach ginn. An dat ass a priori och verständlech. Dat war verständlech, dat ass och fir d'Zukunft verständlech.

D'Kreatioun vun engem Délégué fir de Geheimdéngscht, déi hëlleft, fir datt d'Regierung a sech déi Kontrollfunktioun a priori wesentlech besser kann exercéieren, déi hir ass: en héije Beamten, deen déi noutwendeg Capacitéiten huet - wat dann déi noutwendeg Capacitéite sinn, ass nach eng aner Fro, mä den Text gesäit emol vir, datt et déi noutwendeg sinn; da kucke mer emol, wéi dat an der Realitéit duerno ausgesäit -, deen all Autorisatiounen huet, fir alles ze kontrolléieren, deen all Rapport kritt, deen an alle Reunioune kann derbäi sinn, fir dee kee Secret opposabel ass, deen all Investigatiounen op allen Niveaue ka maachen, ausser elo d'Exekutioun, déi an der Responsabilitéit evidenterweis vum Direkter ass. All Moyenen also, fir en uerdentleche Contrôle a priori ze maachen a fir op de Komma genau der Regierung ze rapportéieren, wat dann am Geheimdéngscht lass ass, fir datt d'Regierung dee Contrôle a priori ka korrekt maachen.

En aneren Typ vu Kontroll, well ech gesinn dat esou och als Kontroll, dat ass déi Spezialkommissioun vun den dräi Riichter, déi hei am Text ënnerstrach gëtt. Déi sinn a sech responsabel, fir eng Rei Autorisatiounen ze ginn. Och de Fait, datt d'Riichter Autorisatioune ginn, ass och en Typ vu Kontroll, well domat gëtt d'Adéquatioun vun de Moyene kontrolléiert, ginn d'Moyenen autoriséiert, dat heescht, gëtt och ëmmer kontrolléiert, datt de Geheimdéngscht Fall pro Fall dee Moyen agesat huet, deen am Fong och deem Fall, deen e just amgaang ass ze behandelen, entsprécht, dee proportionéiert ass, deen adequat ass, deen dee richtege fir deen do Fall ass.

Och dat ass en Typ vu Kontroll. An dann ass et natierlech un der parlamentarescher Kontrollkommissioun, fir a posteriori ze kontrolléieren, ob all déi noutwendeg Autorisatiounen, och déi vun der Kommissioun vun deenen dräi Riichter, dann do waren, ier déi Moyenen agesat gi sinn.

Wat d'parlamentaresch Kontrollkommissioun ugeet - well ech do mat de Fraktiounskolleegen

an deene leschte Joren eng Rei Erfahrungen hunn -, wëll ech e puer Saache soen:

D'Kommissioun huet gesetzlech all Méiglechkeeten. Si ass awer evidenterweis ofhängeg a war och - déi lescht och - ofhängeg vun alle Renseignementer, Informatiounen, déi de Minister oder de Service selwer, an haaptsächlech de Service selwer, der Kommissioun ginn hunn.

D'Kommissioun huet zwar och aner Recherchë gemaach, mä an der Multitude vun den Aufgaben, déi e Service de renseignement huet, wa se net Informatioune kritt, wa se net iwwer alles informéiert gëtt, dann tappt se awer am Blanne ronderëm. Si kuckt zwar, si sicht zwar, mä et ass net evident. Dofir muss déi Kommissioun sech kënnen drop verloossen, datt se déi relevant Informatiounen och zur Verfügung gestallt kritt, ansonsten ass dee Contrôle net evident oder zumindest dem Zoufall ausgesat. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet, wat ech wëll soen: D'Kommissioun huet all Méiglechkeeten, mä déi Leit, déi drasëtzen, si Parlamentarier an net onbedéngt grouss Spezialisten a Geheimdéngschtaktiounen, gradesou wéi d'Regierungsmemberen dat net sinn. Si hunn och eng Rei aner Saachen nach ze dinn. Dat heescht, och hiren Zäitkonto ass limitéiert. Dat sinn also zwou Schwächten, déi inherent vun där awer noutwendeger parlamentarescher Kontroll sinn.

Dëst Gesetz probéiert, Léisungen ze fannen. Ob déi Léisungen elo richteg effikass sinn, dat gesi mer an nächster Zäit. Mä op jidde Fall probéiert et, eng Rei Léisungen en place ze setzen. Eng vun de Léisungen, dat ass, datt d'Kommissioun an Zukunft och déi Méiglechkeet huet, fir sech Spezialisten zur Säit ze huelen, déi se ka ganz prezis asetzen, fir an all Detail deen een oder deen anere Fall ze analyséieren an hir e Rapport dovunner ze maachen. Ech mengen, dat ass eng grouss Hëllef. Et muss een nach kucken, wéi dat elo praktesch ëmgesat gëtt, mä et ass schonn eng Méiglechkeet, déi awer en aneren Typ vun Analys, en aneren Typ vu Kontroll méiglech mécht.

Op där anerer Säit sinn natierlech och déi Informatiounen, déi d'Kommissioun kritt, wichteg. An do ginn och eng Rei nei Etappen hei gesat. Éischtens, ech hunn et scho virdru genannt, kritt d'Kommissioun déi Lettre de mission vun der Regierung. Si kann also kontrolléieren, ob de Geheimdéngscht elo effektiv deem entsprécht, wat e vun der Regierung gesot kritt, a seng Missiounen erfëllt.

Si huet och - an dat musse mer nach kucken, wéi dat organiséiert gëtt - méiglecherweis Relatioune mat dem Delegéierte vum Geheimdéngscht, dee jo nei geschaaft gëtt. Och do muss ee kucken, wéi déi Relatiounen zwëschen deem engen an deem anere wäerten an Zukunft fonctionnéieren. A si kritt dann och am Gesetz - mä dat war schonn deelweis virdrun - generell Informatioune vum Direkter op prezisen Délaie festgeschriwwen: all dräi Méint fir all déi Missiounen, déi en cours sinn, all sechs Méint fir d'Mesures de contrôle vun de Kommunikatiounen, mat der Obligatioun evidenterweis, komplett ze sinn.

Et steet och do am Text, datt den Direkter spontan muss informéieren, wann en Dysfonctionnement ass, an net drop waarden, bis d'Kommissioun dann zoufällegerweis den Dysfonctionnement gesäit. An datselwecht gëllt fir de Minister: Wann de Minister en Dysfonctionnement géif gesinn, deen d'Kommissioun net gesinn hätt, misst en dem Gesetz no obligéiert sinn, fir d'Kommissioun direkt ze informéieren, dat heescht d'Parlament domadder direkt ze informéieren.

Ech regrettéieren, datt déi Sanction-pénallen, déi virgesi ware fir en Direkter, deen délibérément, wëssentlech also, d'Kommissioun net informéiert, aus dem Text erausgeholl sinn. Dat ass d'ailleurs och eng Propositioun, déi d'Commission d'enquête virun zwee Joer gemaach hat a sengerzäit als wichteg empfonnt hat.

Hei gëtt et eng Opposition formelle vum Conseil d'État, de Rapporteur huet et scho gesot. De Conseil d'État schreift: «Le Conseil d'État comprend parfaitement les raisons historiques d'un tel régime. Toutefois, ce régime particulier de responsabilité pénale pour le directeur du service pose des problèmes sérieux au regard du principe de l'égalité de traitement avec d'autres chefs d'administration.» An e mécht hei eng Opposition formelle op Basis vum Non-respect du principe d'égalité.

Ech fannen, d'CSV-Fraktioun fënnt, datt de Geheimdéngscht schonns e besonnesche Service ass. An et ass keen anere Service beim Stat, et ass keng aner Administratioun beim Stat, déi d'ailleurs en Délégué huet, dee sech just ëm hir Affäre bekëmmert. Et ass keng aner Administratioun beim Stat, wou eng parlamentaresch Kontrollkommissioun d'Aktivitéite vun enger Administratioun kontrolléiert.

Et ass keen anere Service beim Stat, deen esou vill Moyenen huet wéi de Service de renseignement, wéi de Geheimdéngscht, fir preventiv an d'Privatsphär vun de Leit anzedréngen; an och heiansdo bei Leit, déi just duerch Zoufall an esou eng Enquête an Écoutten oder wat och ëmmer gerode sinn, ouni datt se direkt eppes domadder ze dinn hunn.

Et ass kee Service, deen esou sensibel ass an esou vill Moyenen huet, wéi de Geheimdéngscht dat huet. An dofir wär déi Form vu penaler Responsabilitéit, esou wéi se am Text initialement ageschriwwe war, duerchaus an eisen Ae justifiabel a wënschenswäert gewiescht. Mir hunn et akzeptéiert, se hei erauszehuelen, well mer deen Text esou schnell wéi méiglech brauchen a well mer wollte weiderkommen. Mir regrettéieren awer, datt se eraus ass.

Deen zweete grousse Punkt, dat sinn d'Missioune vum Geheimdéngscht. Och hei waren e puer Clarificatioune wichteg. Mir hu jo zu Lëtzebuerg contrairement zu deenen anere Länner nëmmen ee Service, wou d'Déngschter... An aner Länner, déi hunn a sech zwee Servicer, wou op där enger Säit d'Déngschter fir intern Sécherheet an och déi Déngschter fir auslännesch Aktivitéiten da schéi propper separéiert sinn, ob dat de BND an de Verfassungsschutz an Däitschland sinn, d'CIA an d'NSA op där anerer Säit an Amerika, d'DGSI an d'DGSE a Frankräich oder den MI5 an den MI6 an England. Dat gëtt et bei eis net. Mir hunn nëmmen ee Service, dee sech haaptsächlech op déi intern Sécherheet soll konzentréieren an deen och do a sengen Aufgabe ganz kloer limitéiert muss sinn.

An dofir war et elo wichteg, an dem Text selwer déi Aufgaben esou ze spezifizéieren, datt et kloer ass, datt et nëmme Missioune sinn, wou Anticipatioun gemaach gëtt a Preventioun gemaach gëtt, datt et nëmme Missioune sinn, wou a sech eng grouss Menace oder e Risque de menace op d'Sécurité nationale ass, a ganz kloer och dranzeschreiwen, datt dat «à l'exclusion de toute surveillance politique» ass, ob dat d'Surveillance vu Parteien, vu Gewerkschaften oder vun ONGen ass, an datt et mat dësem Text net méi méiglech ass, déi Banque-de-donnéeën - iwwert déi mer wäerten an e puer Wochen oder an e puer Méint hei schwätzen, déi am Service de renseignement, am SREL, fonnt gi waren a wou et elo drëm geet, se historesch opzeschaffen an ze analyséieren - unzeleeën, well dat kloer hei exclu ass a richtegerweis exclu ass, esou wéi den Text elo formuléiert ass.

Mir haten an der Kommissioun och laang Diskussiounen iwwert d'Aktivitéiten, déi susceptibel sinn, dann esou eng Menace, esou e Risk duerzestellen. Verschiddener waren der kloer: Espionage, Ingérence, Terrorisme, Prolifération d'armes, do ass et evident, datt se mussen drënnerfalen, Crime organisé, Cyberkriminalitéit, Cybermenace evidenterweis och.

Aner Diskussioune ware méi nuancéiert: Wann ee vun „extrémisme" schwätzt, do hu mer wëlle preziséieren, datt dat den „extrémisme à propension violente" wär, net Extrémisme tout court. Et kann een extrem Meenungen hunn. A wat ass Extrémisme, wann een et wëllt definéieren? Mä Extrémisme à propension violente ass evidenterweis eppes anescht a fält ënnert de Ressort vun dem Service de renseignement. An datselwecht ass mat den Sectes nuisibles, déi am Ufankstext esou opgefouert waren, déi awer no Diskussiounen an der Kommissioun aus dem Text erausgeholl gi sinn.

Datselwecht gëllt fir d'Moyenen, déi agesat ginn. Och do ginn ech net an den Detail an. De Rapporteur huet dat gemaach, a se sinn och am Text am Detail beschriwwen. Mä hei gëtt d'Méiglechkeet ginn, och nei Technologien anzesetzen. A mir wëssen, datt d'Kommunikatioun an d'Propaganda haut just iwwert den elektronesche Wee lafen.

A wichteg ass, datt och e Kader gesat ginn ass, wéi déi nei Moyenen dann agesat ginn, well se sinn natierlech penetrant fir d'individuellt Liewe vun de Leit. An dofir mussen och déi Autorisatiounsprozeduren an de Kader, an deem se agesat sinn, ganz kloer definéiert sinn. Dësen Text definéiert de Kader esou kloer, wéi et méiglech ass. Si kënnen nëmmen „de façon ciblée" agesat ginn, dat heescht prezis an net emol generell. Fir emol iwwerall nozekucken a fir dann duerch Zoufall eppes ze fannen, dat geet net - just de façon ciblée!

Et muss en „indice grave ou plusieurs indices concordants" do sinn. An dat muss och noweisbar sinn. Dat kann dann och kontrolléiert ginn. Si mussen och „proportionnels à la gravité" sinn a si mussen „la moindre intrusion dans la vie privée" wéi méiglech sinn. Och dat soll vun där Kommissioun vun den dräi Riichter da Fall fir Fall gekuckt ginn.

Dat heescht, et musse Moyenen do sinn, mä well se esou intrusiv sinn, muss och kloer sinn, wéi a mat wat fir engen Autorisatioune se da kënne gebraucht ginn. An hei sinn och d'Autorisatiounsprozeduren: Wann ee se kuckt, wéi se am Text beschriwwe sinn, si se net onkomplizéiert an net ondetailléiert beschriwwen. Verschidde Moyene kënnen iwwert d'Autorisatioun vum Direkter agesat ginn, fir anerer brauch een d'Autorisatioune vum Comité, fir anerer brauch een d'Autorisatioune vum Comité a vun der Commission spéciale. Anerer si limitéiert op dräi Méint, anerer si limitéiert op sechs Méint. An d'Destruktioun vu verschiddene Saache muss no fënnef Joer obligatoresch gemaach ginn.

Vläicht kann ee soen: Et ass ze vill detailléiert an et ass iwwerdriwwen, mä ech soen awer och ganz kloer, datt et hei jo awer ëm de Schutz vum Privatliewe geet, ëm individuell Fräiheete geet. An dofir, soen ech, mussen déi Beschreiwungen hei ganz kloer sinn. Et muss am Gesetz ganz genau stoen, wéi wäit de Geheimdéngscht ka goen, wie wat autoriséiert a wéi et duerno kontrolléiert gëtt. An duerfir, wann dat och à première lecture komplizéiert ka schéngen, ass déi Komplexitéit awer noutwendeg, fir datt et kloer ass, wéi et fonctionnéiert, an datt et och am Detail richteg sëtzt. Et muss effikass sinn, mä mir mussen et am Grëff behalen.

All eis Suerge sinn awer net behuewen, notamment déi, wat de Gebrauch vu sougenannten „Statstrojaner" ugeet, wou awer Intrusioun gemaach gëtt, net ëmmer an d'Liewe vun den Zilpersounen, mä och méiglecherweis an d'Liewe vun deene Persounen, déi sech ronderëm déi Zilpersoune bewegen. Ee vu menge Fraktiounskolleege wäert nach duerno méi am Detail dorobber agoen.

En anere Punkt, dee fir eis wichteg ass, dat ass dee vun de Relatioune mat anere Servicer, ob dat elo inlännesch Servicer sinn, wéi d'Polizei oder d'Justiz, oder ob et auslännesch Geheimdéngschter sinn. An och hei muss een esou prezis wéi méiglech sinn. An och hei beschreift den Text relativ kloer, wéi dat geet. Den Accès un d'Base-de-donnéeën ass geregelt am Artikel 10. (2). A wat fir mech wierklech wichteg ass, dat ass, datt am Service och selwer e Chargé de la protection des données ass, deen dat dann alles nokontrolléiere kann. An och den Informatiounsaustausch ass kloer geregelt iwwert d'Demande écrite, iwwert d'Voie hiérarchique. An d'Noutwendegkeet vun enger Traçabilitéit ass hei mat dësem Text erfëllt.

Mir haten och laang Diskussiounen an der Kommissioun, schwiereg Diskussiounen, muss ech soen - also inhaltlech schwiereg, net ënner eis schwiereg -, schwiereg Diskussiounen iwwert dee Moment, wou de Service de renseignement en Dossier misst ofginn un aner Servicer, un d'Polizei zum Beispill.

Et ass eppes zréckbehale ginn, wat am Fong evident ass an dofir net méi an den Text huet misse geschriwwe ginn, mä et ass mer awer wichteg genuch, fir datt een et nach eng Kéier ernimmt: Et ass evident, datt d'Leit aus dem Service de renseignement, aus dem Geheimdéngscht sech mussen un den Artikel 23 vum Code d'instruction criminelle halen. Dat heescht, wa se an hirer Enquête eppes gesinn, wa se eng penal Infraktioun constatéieren, musse se dat och natierlech un déi zoustänneg Stellen automatesch weiderginn. Dee grousse Prinzip gëllt fir jiddwereen, also evidenterweis och fir d'Leit aus dem Geheimdéngscht!

Wat den Échange mat anere Geheimdéngschter ass, vun deenen natierlech de Lëtzebuerger Geheimdéngscht lieft, sinn eng Rei Garantien agefouert ginn, déi och am alen Text am Fong net dra waren: D'Garantien, fir ze soen, datt, wann de Geheimdéngscht refuséiert, eng Rei Quellen erauszeginn am Kader vun enger Geriichtsaffär, da kann de Riichter awer verifizéieren, datt et sech hei och ëm auslännesch Quellen handelt, datt et sech hei ëm auslännesch Dokumenter handelt, soudatt hien dat net einfach muss gleewen, mä déi Verifikatioun ka vun engem Riichter gemaach ginn, deen dat da constatéiert a confirméiert.

Wat d'Personal ugeet, e puer Remarquen, oder déi éischt Remarquen iwwert d'Primmen: D'Regierung hat am initialen Text dës Primmen, esou wéi se waren, weidergefouert. Domat huet se am Fong och en Engagement vun der viregter Regierung agehalen, déi am Fong gesot hat, datt näischt un de Primme géif geännert ginn, notamment am Kader vun de viregte Gehälternégociatiounen, an haaptsächlech ouni datt eng generell Etüd iwwert d'Primme géif gemaach ginn. Dat sinn och Aussoen, zu deene mer nach ëmmer stinn!

De Conseil d'État huet awer du gesot, datt en d'Grënn net géif verstoen, firwat am Service de renseignement eng Prime de risque, eng Prime d'astreinte an eng Indemnité spéciale géif bestoen, an en huet de Principe constitutionnel de l'égalité devant la loi ervirbruecht, fir dorop eng Opposition formelle ze maachen. Et ass probéiert ginn, eng Rei Solutiounen ze fannen, an et ass a sech de Prinzip vun der Prime de risque, d'astreinte an der Indemnité spéciale bäibehale ginn, ouni datt et awer elo tel quel konnt bäibehale ginn, aus dem Grond vun der Opposition formelle zu deem, wéi et a sech am Initialtext festgehale gëtt.

Et ass regrettabel, datt et net anescht méiglech war. Mä fir eis ass et awer och kloer, datt mer deen Text hei esou schnell wéi méiglech brauchen an dofir musse mat dësem Text weiderkommen.

Ech wëll awer kloer hannendrusoen, datt an eisen Aen dat hei net ka benotzt ginn als Präzedenzfall fir zukünfteg Reformen, déi kommen. Dat muss kloer an däitlech sinn. D'Regierung kennt elo dem Conseil d'État seng Meenung iwwert dësen Typ vu Primmen, an an Diskussiounen iwwer eventuell aner Administratioune muss d'Erkenntnis vun deem, wat de Conseil d'État wäert iwwer esou Primme soen, dann och diskutéiert gi mat deenen zoustännege Leit, fir Solutiounen an engem gemeinsamen Accord do ze fannen.

Deen zweete Punkt iwwert d'Personal, dat ass dee vun dem Personal, vum Ensembel vum Personal, wat dem Geheimdéngscht zur Verfügung steet. Dat ware 60 Leit. Deen éischten Text huet eng Limitt vu 65 Leit virgesinn, et ass vu 60 op 65 Leit eropgaangen. Och do seet de Conseil d'État: «Tout en concédant que ce renforcement de l'effectif relève en fin de compte du domaine des questions d'opportunité à trancher par la Chambre des députés, il s'interroge pourtant sur la nécessité des engagements supplémentaires, alors qu'il ne résulte nulle part du dossier sous examen quelle est l'utilisation actuelle des ressources humaines en place et quelles seraient d'éventuelles raisons justifiant le renforcement prévu.»

Och do soen ech kloer am Numm vun der CSV, datt mir vun Ufank un der Meenung waren, contrairement zum Conseil d'État, dee retizent war fir eng Augmentatioun vun den Effectiffen, datt a sech souguer déi Augmentatioun, déi am Text virgesi war mat der Limitt vu 65 Leit, fir eis vun Ufank un ongenügend war a mer eis agesat hunn, datt keng Limitt sollt an den Text geschriwwe ginn. Dat, well mer der Meenung sinn, datt fir déi Aufgaben, déi de Service soll maachen, d'Personal haut schonn net duergeet, datt d'Evolutioun och wäert mat sech bréngen, datt mer nach wesentlech méi Personal an Zukunft brauchen, an datt bei aneren Administratiounen och an deene leschte Gesetzestexter keng esou Limitten ageschriwwe gi sinn!

Am Ufank huet d'Regierung op déi Limitt insistéiert, duerno awer noginn an déi Limitt erausgeholl. Elo muss all Poste justifiéiert ginn, wat ech absolutt normal fannen, de richtege Wee fannen. D'CER muss en, wéi bei aneren Administratiounen, accordéieren an, seet och d'Gesetz, d'Kontrollkommissioun kritt déi eenzel Demanden, déi de Service de renseignement all Joers mécht, a ka se aviséieren a kann och d'Regierung informéieren iwwer hiren Avis zu den Effectiffen, déi dann eventuell gefrot ginn, fir an d'Luucht ze setzen.

Zum Schluss vun deem, wat ech wollt soen, zwou Froen, déi mer eis, mengen ech, haut awer musse stellen, wa mer deen Text hei hunn. Déi éischt Fro ass: Hätt dësen Text, wa schonn an Applikatioun virun zwee, dräi, véier Joer, déi Problemer vermidden, déi mer 2012 an 2013 opgedeckt hunn? Éischt Fro.

Zweet Fro, nach méi wichteg, a mengen Aen: Gëtt den Text den Erausfuerderunge gerecht, déi op d'Sécherheet vun eisem Land an op eise Geheimdéngscht an deenen nächste Jore wäerten zoukommen? Ass en adaptéiert un déi Geforelag, déi sech haut stellt? Hëlleft en eis, besser géint d'Geforen, zum Beispill vun Terrorismus, preventiv ze handelen?

Zwou Froen, wou d'Äntwert a mengen Aen net einfach ass an net einfach ka Jo oder Nee sinn, wou een nuancéiert muss erugoen. Déi éischt Fro: Hätt en d'Problemer vermidden? En ass sécherlech - an ech wëll et emol esou beäntwerten - en Deel vun der Äntwert, déi mer kënnen drop ginn. En ass manner flou. E schaaft méi Kontroll. An dat hätt sécherlech kënnen an deene Jore virdrun hëllefen! Zum Beispill fir illegal Écoutten, zum Beispill fir d'Missiounen, déi de legale Kader dépasséiert hunn, dat wär mat dësem Text sécherlech méi schwiereg gewiescht, fir et ze maachen.

Ob aner Faiten, wéi zum Beispill dee vum Enregistement vun engem Statsminister, hätte kënnen évitéiert ginn, ass eng aner Fro. Gewollten eenzel répréhensibel Aktioune vun eenzelne Leit si wahrscheinlech ni ganz ze vermeiden. Op jidde Fall bezweifelen ech et. Ech menge par contre, datt dat hei sécherlech e richtege

Schrëtt ass an déi richteg Richtung, ouni datt en alles an Zukunft wäert vermeiden.

Zweet Fro: D'Gefore vun haut, gëtt en hinne gerecht? Et ass scho méi wéi eng Kéier gesot ginn: Eng absolutt Sécherheet gëtt et net! Mä dat hei schaaft méi Klorheet, méi juristesch Moyenen, méi Méiglechkeeten, méi Ofsécherung och vun de Beamten, déi hir Aufgab maachen, méi Kontroll. Dofir ass et wichteg a positiv a mengen Aen.

Ech soen awer och hannendrun: Vu datt déi Welt, den Terrorismus, déi Geforen, déi op Europa, op eist Land laueren, awer amgaange sinn, och extrem schnell ze änneren - d'Aart a Weis wéi et fonctionnéiert, d'Aart a Weis wéi mer menacéiert ginn -, musse mer och prett sinn, fir zousätzlech Adaptatioune kuerzfristeg ze maachen, dann, wa mer gesinn, datt se noutwendeg sinn. Och mir als Parlament an d'Regierung musse schnell, musse reaktiv kënne sinn dann, wann et noutwendeg ass.

Dat hei ass sécherlech net dee leschten Text, dee mer an deenen nächste Joren, déi kommen, maachen. Et ass elo deen Text, wou mer mengen, datt en op dat äntwert, wat mer haut gesinn, mä muer komme sécherlech aner Saachen, aner Geforen, an da musse mer kënne reaktiv sinn, da musse mer kënne schnell reagéieren.

An der gesamter Sécherheetsfro, soen ech och hannendrun, ass et och nëmmen een Aspekt, dee mer haut beréieren. D'Gesetz vum Hautcommissariat - mir hunn et gëschter an der Institutiounskommissioun ugeschwat - ass deen nächste Schrëtt, muss esou schnell wéi méiglech kommen. D'Ännerunge vum Artikel 32.(4) vun der Constitutioun iwwert d'Crise nationale an den État d'urgence sinn en aneren Aspekt, dee muss kommen. Dee ganzen Text iwwert déi Sécherheetsmoossnamen, deen an der Chamber déposéiert ass, ass och sécherlech een Deel vun deem Arsenal, deen eng Demokratie, deen e Stat sech muss ginn, fir reaktiounsfäeg ze sinn, an deen déi noutwendeg Équilibere schaaft tëschent Sécherheet a Fräiheet. An am Kader vun deenen Texter muss iwwert deen noutwendegen Équiliber sécher nach eng Kéier diskutéiert ginn.

An eisen Aen ass den Text iwwert de Geheimdéngscht, wéi déi dräi aner Texter, en noutwendegen Text, fir eise Rechtsstat staark ze maachen. D'Zilsetzung vun engem staarke Rechtsstat ass et, eis Bierger, eis Gesellschaft, hir Wäerter an domat och d'Fräiheet vu senge Bierger ze schützen. An aus deem Grond wäert d'CSV dësen Text stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Wiseler. An d'Wuert huet elo den Här Lex Delles fir d'DP.

M. Lex Delles *(DP)*.- Merci villmools! Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéilt dann och virop dem Eugène Berger fir säi schréftlechen a méndleche Rapport félicitéieren, an deenen hien ausféierlech op déi zukünfteg Changementer am Service de renseignement agaangen ass.

Dës Reform ass wichteg a batter néideg, zemools wann ee bedenkt, wat aus dem fréiere SREL ginn ass. De Geheimdéngschtskandal huet sech jo deemools lues a lues zu enger regelrechter Institutiounskris entwéckelt. Regierung, Chamber, Justiz an net zulescht de SREL selwer waren am Coup. Keen huet deem anere méi esou richteg getraut an et wousst een net méi esou richteg, wiem ee wat sollt gleewen.

D'ganzt Land war wéi geläämt, d'Leit ware verunséchert, d'Vertrauen an d'Institutiounen op engem Déifpunkt. D'Fundamenter vun eisem Rechtsstat ware seriö a Gefor. Dat soll keng iwwerdriwwe Polemik duerstellen, mä et war keng schéin Zäit fir eist Land. An ech si mer sécher, datt mir, an domat mengen ech all d'Institutiounen, nach haut un deem Vertrauensverloscht ze knaen hunn, deen deemools ugeriicht gouf.

Mir liewen an enger séier iwwerliefter Zäit, an där oft Saachen, déi haut nach wouer sinn, muer schonn erëm onwouer oder vergiess sinn. D'Geheimdéngschtaffär dierfe mer awer op kee Fall vergiessen! Et ass eng Affär, déi iwwregens bis haut net ganz opgekläert gouf a vun esou engem enormen Ausmooss war, datt si fir eis Zukunft eng Léier an eng Warnung zugläich soll sinn.

Et däerf net méi virkommen, datt mir liichtfäerdeg mat de Pouvoire vu staatlechen Organisatioune wéi dem SREL ëmginn, besonnesch well dës, falls se erëm aus dem Rudder lafen, riskéieren, grav Suitte fir eis Gesellschaft ze hunn.

Wann ech virdru gesot hunn, datt de SREL deelweis gemaach huet, wat him grad an de Sënn komm ass, da wëllt dat leider net heeschen, datt déi Responsabel vun deemools net am Bild waren, wat deemools gelaf ass. Nieft dem Fakt u sech, datt am SREL massiv Dysfonctionnementer waren, fannen ech et eigentlech gradesou schlëmm, datt déi deemoleg politesch Responsabel vun deenen Dysfonctionnementer Bescheed woussten an näischt direkt ënnerholl hunn! Et si weder personell Konsequenzen am SREL gezu ginn nach ass derfir gesuergt ginn, datt de SREL ënner hirer Opsiicht esou ëmorganiséiert gouf, datt Abusen net méi méiglech waren!

Ech ginn dem Här Juncker awer ausdrécklech recht a senger Ausso, datt ee Minister eleng de SREL net kontrolléiere kann. Mä firwat huet en dann net reagéiert, wéi e bis gemierkt huet, datt d'Verhale vu senge Beamten aus dem Rudder gelaf ass? A spéitstens no der Aueraffär si jo awer och all Alarmklacken iwwerall ugaangen. Souguer wärend der Enquêtëkommissioun ass ëmmer nëmmen dat zougi ginn, wat virdrun duerch d'Press duerchgesickert ass a soumat net méi ofzestreide war.

Duerch déi regelrecht Salamitaktik, déi do ugewannt gouf, sinn eiser Justiz haut duerch d'Verjärung deelweis d'Hänn gebonnen, well deemools de Moment verpasst ginn ass, d'Plainten direkt ze maachen! Nëmmen duerch esou e Feelverhale konnt et zu där institutioneller Kris am Land kommen, mat där hire Suitte mir, wéi gesot, nach bis haut geplot sinn.

Et muss een dëser Regierung wierklech ausdrécklech Merci soen, datt mir mat dësem Projet de loi wéinstens inhaltlech Konsequenzen zéie kënnen an de Geheimdéngscht esou opstellen, wéi sech dat an engem Rechtsstat gehéiert. Ee Geheimdéngscht ass näämlech wichteg an noutwendeg, och, wa säi Rôle staark geännert huet, well wann ee fréier genau wousst, op wéi enger Säit ee stoung a wien ee misst ausspionéieren, fir u relevant Informatiounen ze kommen, esou ass dat haut net méi de Fall.

D'Ciblë vum SREL gesäit een net méi op enger Landkaart. Et si keng Natioune méi, mä Persounen, déi sech iwwerall op der Welt kënnen ophalen. Dofir ass och de gudde Kontakt zu anere Geheimdéngschter immens wichteg, fir sech géigesäiteg géint d'Geforen aus dem Inan Ausland ze schützen. De primäre Rôle vum Geheimdéngscht ass net méi eleng, fir un Informatiounen ze kommen - mir liewen näämlech an engem Iwwerfloss un Informatiounen -, mä e besteet elo doranner, zesumme mat de Kolleegen aus dem Ausland d'Informatiounen ze sammelen, ze filteren an da beschtméiglech drop ze reagéieren.

Dëst ass ëmsou méi wichteg, wa mer eis virun Ae féieren, wat zurzäit an eisem noen Ëmfeld lass ass. Frankräich ass am Moment an engem quasi permanenten État d'urgence an et vergeet bal keng Woch, an där net vun anere Menacen aus dem Ausland gehéiert gëtt. D'Biller vun deene grujelegen a feigen Attentater, ënner anerem zu Paräis a Bréissel, hunn eis gewisen, datt och virun der Lëtzebuerger Hausdier eng potenziell Gefor besteet, op déi ee ganz gutt muss oppassen a mat där een net kann naiv ëmgoen.

Här President, ech mengen, d'Wichtegkeet vum SREL dierft deene meeschten heibanne kloer sinn. Wat awer däitlech manner kloer war an der Vergaangenheet, ass d'Fro, wéi de SREL soll funktionéieren a wéi een de SREL soll kontrolléieren. Och wann dësen ënnert der Tutelle vum Statsminister stoung, dem Chef vun der Regierung also, esou war dat an deene leschte Jore keng Garantie derfir, datt de SREL a riichte Bunne gelaf ass an datt hien net gemaach huet, wat him grad an de Sënn komm ass.

Dës Reform war dofir vun Ufank un eng absolutt Prioritéit fir dës Regierung. Déi legislativ Prozedur zu dësem Projet de loi huet awer net eréischt mam Premierminister Xavier Bettel sengem Dépôt wärend senger éischter Ried zur Lag vun der Natioun ugefaangen. Dëse Projet huet eng Virgeschicht mat engem Héichpunkt, an zwar mat der memorabeler Chambersdebatt vum 10. Juli 2013.

Et war genau deen Dag, op deem d'Enquêtëkommissioun hire Rapport presentéiert huet, e Rapport mat 140 Säiten, deen d'Konklusiounen iwwert d'Mëssstänn an d'Dysfonctionnementer am SREL gezunn huet. Et war en exemplaresche Bewäis fir d'Zesummeschaffe vu Parlamentarier, och wann deemools d'CSV Schwieregkeeten hat, deem zouzestëmmen. Et war en équilibréierte Rapport, an deem et jiddwerengem fräigestallt war, selwer Iddien a Virschléi anzebréngen, an e Rapport, un deem bis zulescht gefeilt gouf.

Mir erënneren eis alleguerten drun, datt de Premier 2007 vu sengen eegene Leit mat enger truquéierter Auer ofgelauschtert ginn ass. Wärend dëser Écoute sollt jo rieds sinn iwwer eng kryptéiert CD, déi Informatiounen enthale sollt iwwert dem Premier säi Gespréich mam Grand-Duc am Kader vum Bommeleeërprozess. Dat muss ee sech emol virun Ae féieren! Falls déi Informatioune wierklech op dëser kryptéierter CD waren, goufen de Premier an de Grand-Duc, ëmmerhi Stats- a Regierungscheffen, vum eegene Geheimdéngscht ausspionéiert!

E fundamentale Problem war awer, wéi gesot, datt net direkt reagéiert ginn ass, soudatt zum Beispill de Marco Mille sech ni huet misse fir säi Feelverhale verantworten an esou gemitterlech an d'Privatindustrie konnt plënneren.

Dobäi war jo déi sougenannten Aueraffär just d'Spëtzt vum Äisbierg! No an no sinn duerch d'Press ëmmer weider Mëssstänn un d'Liicht komm, déi net manner grav waren. Aus dem Rapport goung jo och nach ervir, datt 2006 intern eng Operatioun lancéiert ginn ass, fir eng parallell Police ze schafen! Dat muss ee sech dach emol virstellen!

Do huet e SREL-Agent, dee virdru bei der richteger Police grand-ducale war, Dossieren eriwwer an de SREL geschleeft. Do goufen dann op Basis vun deenen Informatiounen Enquêtë gemaach, wéi eng sexuell Orientatioun verschidde Perséinlechkeeten hunn, an net egal wéi eng Perséinlechkeeten! Et goung deemools ëmmerhin ënner anerem ëm deen héchste Magistrat, dee sech dann duerno och nach huet misse géint Pädophilie-Rumeure wieren!

An ech wëll nach eemol op dëser Plaz soen: D'Streeë vun dëse Rumeure war an ass skandaléis! Et gëtt keen anere Qualificatif dofir.

Ech kéint och nach weider Dysfonctionnementer uschwätzen, wéi zum Beispill d'Affär mat den Déngschtween vum SREL, de Logement vum Gérard Reuter an d'Operatioun Katana, mä dat géif de Kader vun haut sprengen, esou vill misst zu deenen eenzelnen Dysfonctionnementer awer emol gesot ginn.

All dëst huet dozou bäigedroen, datt de Lëtzebuerger Service de renseignement an der Ëffentlechkeet an e schlecht Liicht geroden ass, an dëst zu Recht! Déi grav Mëssstänn, déi un eisem Rechtsstat gekraazt hunn, hunn net dozou bäigedroen, d'Vertrauen an eis Institutiounen ze stäerken. Dat systematescht Feelverhale vum SREL huet eis gewisen, datt och ee Geheimdéngscht sech un d'Regele vun der Stee hale muss an datt et net ka sinn, datt de SREL an engem rechtsfräie Raum operéiert!

Här President, zanterhier sinn awer dräi Joer vergaangen, an elo sti mer nees hei, fir op en Neits iwwert de SREL ze schwätzen. Mat dëser Reform gëtt de SREL an Zukunft op véier ënnerschiddlechen Niveaue kontrolléiert, fir esou sécherzestellen, datt de Geheimdéngscht genau déi Aufgabe mécht, déi him zougestallt goufen, net méi an net manner!

Et gëtt e Service „sous haute surveillance", wéi de Rapporteur et scho sot. D'Missioune gi kloer preziséiert. Fir dat ze ënnersträichen, gëtt hei och eng Lettre de mission ausgeschafft. Et ass e Gesetz, dat d'Missiounen an d'Methode genau beschreift. Den Dateschutz steet am Vierdergrond. Haut ass also dee virleefegen Ofschloss vun enger Affär, déi eise Rechtsstat seriö a Gefor bruecht huet.

D'DP huet sech ëmmer als eng Partei verstanen, déi fir de Rechtsstat, eis Wäerter an eis Fräiheeten asteet. Dat war 2013 net aneschters. Wann d'DP deemools esou hartnäckeg derfir agetrueden ass, datt de Geheimdéngschtskandal opgekläert gëtt, dann hat dat näischt, awer och wierklech guer näischt mat engem parteipolitesche Manöver oder engem Coup d'État ze dinn, wéi dat haut heiansdo e puer Leit nach probéieren ze behaapten. Mir bedeelegen eis net u bëllege Versich, d'Geschicht nei ze schreiwen, mir konzentréieren eis weiderhin drop, duerch eis Politik d'Land besser ze maachen.

Wa mir haut dëse Projet de loi an dës Reform vum SREL stëmme kënnen, wëll ech ënnersträichen, datt dat de Verdéngscht vun enger Rei Journalisten ass, déi d'Mëssstänn am Fonctionnement vum Geheimdéngscht opgedeckt hunn. Ouni dës Révélatioune wier et wahrscheinlech ni zu enger Enquêtëkommissioun komm a mir géifen haut ganz sécher net iwwert dës Reform ofstëmmen. Ech wëll also zum Schluss vun der Geleeënheet profitéieren, fir deenen engagéierte Journaliste Merci ze soe fir hir exzellent Aarbecht, awer och fir hire Courage, dee si zu där Zäit bewisen hunn!

Dëst gesot, ginn ech am Numm vu menger Fraktioun den Accord fir dëse Projet am Sënn vun eisem Land an am Sënn vum Rechtsstat. Merci fir d'Nolauschteren!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Delles. An d'Wuert huet elo den Här Alex Bodry fir d'LSAP. Här Bodry!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net fir d'Éischt an - ech woen deen Ausbléck hei ze maachen - wahrscheinlech net fir d'Lescht, wou dëst Parlament wäert iwwert de Service de renseignement an iwwer eng méiglech Reform oder Reorganisatioun vum Service de renseignement diskutéieren.

Et huet dat gemaach verschidde Kéieren an der Vergaangenheet, eng éischte Kéier 1960, wéi dat éischt Gesetz iwwert de Service de renseignement komm ass. Et waren e puer Artikelcher, déi déi Aktivitéit probéiert hunn ze beschreiwen. A mir wëssen, zu wat fir engen Auswüchsen an der Praxis en ze kuerzen, en ze onprezisen, en ongenügende legale Kader gefouert huet! Déi al Karteien, déi al Archive vun dem Service de renseignement, déi jo wäerten historesch a wëssenschaftlech opgeschafft ginn, weisen, dass do munches net an deem Kader bliwwen ass, wéi et sengerzäit hei vun der Chamber gewënscht war.

Et ass an de 70er Jore souguer probéiert ginn, deemools vun der sozialliberaler Koalitioun, fir de Service de renseignement ofzeschafen. Den Här Juncker huet bei den Debatten 2004 hei genüsslech zitéiert aus deem aussiichtslose Kampf, dee sengerzäit d'Regierung Thorn-Vouel respektiv Thorn-Berg gefouert huet, fir de Service de renseignement ofzeschafen, Renseignementsaktivitéiten ze verlageren an eng ëmreforméiert Sûreté, an dem Bréif, dee sengerzäit anscheinend den Här Luns dem Här Thorn geschriwwen huet, wou e gesot huet: „Ma wéini gitt Der dann elo aus der NATO eraus?"

Et wär vläicht dem Här Juncker besser ergaangen, wann den Här Thorn sech sengerzäit mat senger Regierung duerchgesat hätt par rapport zum Statsrot, dee ganz géint dee Projet war, och par rapport zu der CSV an der Oppositioun a par rapport zu der NATO.

Eh bien, et ass net esou komm! An dee Versuch ass definitiv gescheitert, och wann aner Membere vun dësem Haus e puer Joer méi spéit - et gëtt och eng Proposition de loi vun den Hären Huss a Bausch - och sengerzäit gefrot hunn, iwwer e Gesetz de Service de renseignement ofzeschafen.

Mä och déi Regierung duerno, och eng CSV/LSAP-Regierung, huet an der Period 1994-1999 an hirem Programm scho gehat, fir de Service de renseignement ze reforméieren, eng éischte Kéier. Ech sinn do Zäitzeie gewiescht vun deenen Diskussiounen. Do ass e Projet presentéiert ginn, ech mengen, eleng sengerzäit ausgeschafft vun dem deemolege Responsabele vum Service de renseignement, deen eng Kéier am Conseil de Gouvernement diskutéiert ginn ass an deen do op esou harsch Kritik gestouss ass wéinst sengen inhaltlechen an technesche Mängel, dass den deemolegen zoustännege Minister, den Här Juncker, et net méi gewot huet, deen Text nach eng Kéier zréckzebréngen.

Et huet also gedauert bis an d'21. Jorhonnert eran, bis e Projet de loi komm ass, deemools presentéiert vum Här Juncker am Rumm vun enger CSV/DP-Koalitioun. Dee Projet ass dann an der leschter Sitzungswoch - dat war vläicht net déi allerbeschten Iddi -, an der leschter Sitzungswoch ier et zu de Wahle komm ass, am Mee 2004 dann hei vun der Chamber diskutéiert an och majoritär ugeholl ginn.

An ech wëll grad bei mengen Iwwerleeungen ebe vun den Debatte vun 2004 ausgoen, well do drolecherweis - et ass interessant, dat nozeliesen - den Här Wiseler nëmmen Zitater geholl huet aus dem Rapport vum Rapporteur, dem Här Weiler sengerzäit. Ech wäert mer erlaben, e puer aner Zitater hei unzeféieren, well et zum Deel genau déi Froen, wou den Här Wiseler elo grad esou mat grousser Euphorie sech hei begeeschtert huet, dass mer dat an deen neien Text géifen eraschreiwen, grad déi dote Propositioune waren an der Debatt do, fir deen Text, deen elo aktuell d'Gesetz iwwert de Service de renseignement ass, fir deen net esou duerchgoen ze loossen, wéi deemools d'Regierung e presentéiert huet, mä op e puer Punkten ze verbesseren. An dat si genau déi Punkten, déi sech herno als Schwaachstelle vum Text erausgestallt hunn an et si genau déi Innovatiounen, déi mer elo zwielef Joer méi spéit an dat neit Gesetz iwwert de Service de renseignement wëllen aféieren!

Do sinn zéng, zwielef Joer verluer gaangen. Wann ee sech sengerzäit méi opgemaach hätt fir sachlech virgedroe Kriticken, da wäre vläicht munch Saachen net passéiert an deene leschte Joren.

Wat waren déi Kriticken, déi sengerzäit formuléiert si ginn - notamment vun der LSAP, mä net nëmme vun der LSAP - bei deenen doten Debatten?

Et ware véier Haaptkriticken. Et war d'Meenung, dass déi parlamentaresch Kontroll - dat war jo eng vun deene groussen Neierungen, déi agefouert ginn ass -, dass déi ongenügend wär, dass dat en zahnlosen Tiger wär an dass u sech déi parlamentaresch Kontrollkommissioun net genuch Moyenen hätt, fir kënnen eng uerdentlech Kontroll ze maachen, well se och ëmmer ofhängeg war vun deem, wat se vun Informatioune geliwwert krut. Deemools ass scho gesot ginn, dat däerft net esou sinn, dass déi einfach Rapporten nëmme virgedroe kritt, mä déi misst och selwer kënnen aktiv ginn - genau eng Schwaachstell, déi mer an der Tëschenzäit dann an der Praxis detektéiert hunn.

Deen zweete Virschlag, dee vun der LSAP sengerzäit gemaach ginn ass, dat war deen, dass mer onbedéngt missten nom belsche Modell - well d'Belsch haten deemools schonn e Gesetz an deem Sënn - e legalen Encadrement maache vun allen Investigatiounspraktiken, déi de Service de renseignement huet, net nëmme vun den Écoutes téléphoniques, mä och vun der Filature, och vun de verdeckten Ermëttlungen. Dat ass sengerzäit refuséiert ginn.

Den Här Juncker huet dozou nach expressément Stellung bezunn. En huet et refuséiert, well et a sengen Aen ze komplizéiert wär. Abee, zwielef Joer méi spéit weise mer, dass et geet, dass mer hei Texter hunn an dass dat dote machbar ass, wann de politesche Wëllen do ass, fir uerdentlech an zerguttst Gesetzestexter ze schreiwen.

Och hate mer sengerzäit virgeschloen, et misst een de Verbuet vun der politescher Bespëtzelung an den Text vum Gesetz eraschreiwen. Genau dat, wat mer elo maachen an dësem Text! A genau dat, wat den deemolege Statsminister refuséiert huet, well e gemengt huet, dass dat géif eigentlech ze vill anengen.

Ech zitéieren: „Den Här Bodry hätt gäre gehat, dass an d'Gesetz géif stoe kommen, et dierfte keng politesch Renseignementer agezu ginn. Ech verstinn déi Remarque, mä ech deele se net richteg, well wann een dat draschreift, leet ee sech och Handschellen un." Enn vun dësem Zitat. Ech hoffen, dass mer eis elo mat deem heiten Text, wou mer dat drageschriwwen hunn, net onnéideg Handschellen hei undinn.

Datselwecht gëllt, véierte Punkt, fir den Ëmgang mat den Datebanken an den Dateschutz. Wéi geet ee mat deene Renseignementer ëm, déi do gesammelt gi sinn? Do ass e Règlement grand-ducal virgesi gewiescht an deem Text vun 2004. Do war kee Projet gläichzäiteg virgestallt ginn, wéi deen Text hei gestëmmt ginn ass, et war och nach keen Text fäerdeg sengerzäit, mä den Här Juncker, grousszügeg wéi e war, huet a senger Antwert um Schluss vun den Debatten och dozou eng ganz markant Ausso gemaach. E sot, jo, selbstverständlech géif dorunner geschafft ginn, an en hätt guer kee Problem, der Kontrollkommissioun an allen anere Kommissiounen am Parlament, déi en Interesse hätten, dat Reglement dann zoukommen ze loossen.

Abee, soulaang wéi den Här Juncker Statsminister war, ass et net esou wäit komm, dass en dat dote konnt maachen, well einfach un deem Text net geschafft ginn ass!

Dat, fir ze soen, dass mer eis munches hätte kënnen erspueren, wann ee sengerzäit méi op Konsens ausgeriicht gewiescht wär an et hätt een, nieft deene gudden Neierungen, déi och schonn am Text vun 2004 par rapport zum Text vun 1960 dra waren, effektiv och déi zousätzlech, fundamental eigentlech gerechtfertegt Remarquen eng Kéier berücksichtegt. Mä dat war, esou kuerz virun de Wahlen, net gewollt. An et wollt ee jo nach schnell virun de Wahle kënne soen: „Ma mir hunn hei de Service de renseignement reforméiert a mir hunn eng parlamentaresch Kontroll agefouert an domadder ass alles an der Rei." A gläichzäiteg huet een natierlech och domadder d'Parlament mat an d'Responsabilitéit eragezunn.

Dat huet dozou gefouert, dass mer eis sengerzäit enthalen hate bei deem doten Text, well mer der Meenung waren, dass den Text eigentlech gutt genuch wär, fir net dergéint ze stëmmen, mä net gutt genuch, fir och fir deen Text ze stëmmen. déi gréng an ee Vertrieder vum ADR hu sech sengerzäit och enthalen. All déi aner Parteien hunn deen Text vun 2004 gestëmmt.

Deen Text do fanne mer elo net méi gutt. Dat ass déi zweet Etapp, déi sech da mécht, an dertëschent natierlech hu mer déi onangeneem Evenementer kritt, déi mer alleguerte kennen, mat deenen Dysfonctionnementer am SREL, besonnesch an der Period vun 2004 bis 2008, mat all deene Schwaachstellen am Fonctionnement, an der Organisatioun, an der Kontroll vun deem Noriichtendéngscht, déi sech bemierkbar gemaach hunn, deene Leit, déi sech verselbstständnegt haten an der Struktur selwer, déi jo Enquêten ugefaangen an Initiativ op eege Fauscht geholl hunn a kenger Kontroll intern an extern eigentlech ausgesat waren.

Dat Ganzt ass niddergeschriwwen am Rapport vun der Enquêtëkommissioun, déi jo vun Dezember 2012 bis Juli 2013 getaagt huet an op déi administrativ, penal, disziplinaresch a politesch Responsabilitéiten agaangen ass an deem Rapport an déi och concluéiert huet, dass den zoustännege Minister, et war de Statsminister Juncker, och déi politesch Responsabilitéit ze droen hätt fir déi Dysfonctionnementer, déi festgestallt si ginn, opgrond einfach vum Fait, dass en de politesche Virgesetzten ass vun deem Service do, an opgrond och vun eegener ongenügender Féierung eigentlech, wat déi Verwaltung ugeet, déi him als Minister ënnerstallt war.

Dee Rapport, ech wëll et nach eng Kéier betounen, ass ugeholl gi mat de Stëmme vun LSAP-, DP-, Gréngen-, Lénk- an ADR-Vertrieder. D'CSV huet en net gestëmmt. Mä et ass wouer, dat wëll ech awer hei bestätegen, si huet awer ëmmer gesot, dass se eigentlech déi inhaltlech Konklusiounen, wat d'Reform vum Service de renseignement ugeet, dass se déi och sengerzäit mat gedeelt huet.

An deem Rapport, dat ass interessant, hu mer eng Virfro beäntwert, déi och vun anere Riedner hei schonn ugeschnidde ginn ass: Brauche mer eigentlech e Service de renseignement?

A sengerzäit, nodeem mer och eng Rei vun auslänneschen Experte gehéiert haten, wou mer de Pro a Kontra eigentlech vun där Froestellung do konnten ofweien, si mer mat grousser Majoritéit zum Schluss komm, dass Lëtzebuerg och haut, vläicht grad souguer haut och e Service de renseignement brauch. Ouni Renseignementer, ouni och en Austausch vu Renseignementer tëschent deene Stellen, déi an deenen eenzelne Länner spezialiséiert sinn an deem dote Beräich, ass et ganz, ganz schwéier, eng Rei vun Erausfuerderunge vun der ëffentlecher Sécherheet unzegoen, wéi déi vum Kampf géint den Terrorismus, dem Kampf géint déi organiséiert Kriminalitéit oder och nei Forme vu Kriminalitéit, déi sech breetmaachen, Cyberkriminalitéit zum Beispill, wat och eng immens grouss Erausfuerderung ass, mat deene mer alleguerten als Länner hei ze dinn hunn.

Mir brauchen e Geheimdéngscht, mä déi zweet Fro ass dann: Wat fir e Geheimdéngscht brauch Lëtzebuerg? Mir brauchen do kee Modell ze kopéieren. Ech mengen, mir mussen opgrond vun deenen Erfahrungen, déi mer hei gesammelt hunn, eis eege Regelen, eis eege Struktur definéiere fir dee Geheimdéngscht, dee grad ebe fir Lëtzebuerg, e klengt Land, noutwendeg ass. Dorënner fält d'Definitioun vun de Missioune vun deem Service, seng Organisatioun, seng Kontroll, déi intern wéi och déi extern, dozou gehéiert och déi parlamentaresch Kontroll, an de legale Kader awer virun allem, an deem d'Aktivitéite vun deem Service sech ofspillen, de legale Kader och besonnesch fir déi eenzel Investigatiounsmethoden a -mëttelen, déi him zur Verfügung stinn.

Ech hunn et virdru scho gesot: Déi Analys, déi eigentlech gemaach ginn ass an der Enquêtëkommissioun, huet déi Schwaachstelle vum Gesetz vun 2004 ganz kloer gewisen, déi sech scho ganz fréi an den éischte Kriticke scho bemierkbar gemaach haten.

Dat gëllt ënner anerem fir d'parlamentaresch Kontroll. Dobäi wëll ech nach eng Kéier hei ganz kloerstellen - an do hunn ech fundamental ëmmer eng aner Positioun gehat wéi de fréiere Statsminister -, dass déi parlamentaresch Kontroll net gläichgestallt ass mat där normaler Kontroll a Responsabilitéit, déi den direkt zoustännege Minister ze féieren huet, déi d'Exekutiv ze féieren huet. Fir eng Verwaltung, fir en Deel vun der Exekutiv, an de Service de renseignement ass nun emol en Deel vun der Exekutiv an net vun der Legislativ, ass nach ëmmer d'Regierung, un éischter Stell den direkt kompetente Minister haaptzoustänneg. D'Haaptzoustännegkeet ass do. D'parlamentaresch Kontroll ass eng complémentaire, eng subsidiaresch Kontroll, déi sech grefféiert op déi éischt politesch an administrativ Kontroll, déi der Responsabilitéit vun der Exekutiv ënnerläit.

Et kann net anescht sinn! Et ass probéiert ginn, et kann een et probéieren, mä et kënnt een net duerch dermat, wann ee probéiert eigentlech, déi parlamentaresch Kontroll an déi Kontroll vun der Exekutiv géinteneen auszespillen, an domadder och probéiert, d'Responsabilitéiten natierlech vu sech selwer ze dégagéieren. Déi éischt Responsabilitéit läit bei der Exekutiv an net bei der Legislativ!

Et ass also eng zousätzlech Schutzmoossnam praktesch, déi 2004 eng éischte Kéier agefouert ginn ass, déi et och praktesch entretemps bal an allen europäesche Länner gëtt, mat Ausnam, mengen ech, vu Frankräich, déi dat doten nach ëmmer net hunn, a wou et also wichteg ass, dass mer dorunner och feile ginn. Dat hu mer gemaach.

De Rapporteur, den Här Berger - deem ech wëll Merci soe fir säin ausféierleche Rapport, deen en hei gemaach huet -, huet drop higewisen, dass och eng Proposition de loi jo virläit, wou deen dote Volet eigentlech, wat elo d'parlamentaresch Kontrollkommissioun ugeet an hire Fonctionnement, hir Zesummesetzung, hir Attributiounen, dass do am Fong och scho relativ fréi probéiert ginn ass, dat ëmzeschreiwen iwwer eng Proposition de loi, déi ënnerschriwwe ginn ass vun Deputéierte vu sämtleche Parteien a Sensibilitéiten, déi hei am Parlament vertratt sinn, wou mer probéiert hunn, relativ schnell do virunzekommen, an déi Iddie sinn hei integréiert ginn, schlussendlech, an de Gesetzesprojet vun der Regierung.

Och do ass virun allem bemängelt ginn am Rapport vun der Enquêtëkommissioun, dass een d'Zesummesetzung misst iwwerkucken. Do misst et och eng Chance ginn, dass spezialiséiert Deputéiert do erakommen an et net onbedéngt mussen d'Fraktiounspresidente sinn. Et ass virun allem eng spontan Informatiounsflicht ageschriwwe ginn, souwuel fir d'Direktioun vum Service de renseignement wéi och fir den zoustännege Minister. Alle béid musse se, soubal se Kenntnis kréie vu relevante Faiten, déi kéinten op en Dysfonctionnement hindeiten, d'Kontrollkommissioun vun hirer eegener Initiativ aus informéieren. Wa se dat net maachen, leie se also am Feeler a si setze sech disziplinaresche respektiv politesche Sanktiounen aus.

A mir waren der Meenung, dass d'Investigatiounsméiglechkeete vun der Kommissioun selwer sollten ausgebaut ginn doduerjer, dass se kéint Experten, also Drëttpersoune chargéieren, fir an hirem Numm eng Rei vu méi techneschen Investigatiounen duerchzeféieren, déi se selwer net amstand ass ze maachen. Och déi Iddi fanne mer am Gesetzesprojet erëm, wéi déi aner Iddien och. Dat sinn, mengen ech, ganz kloer Fortschrëtter par rapport zu dem éischte Versuch vun 2004, déi parlamentaresch Kontroll hei zu Lëtzebuerg anzeféieren.

Gradesou wichteg, wann net nach méi wichteg, ass de legale Kader, an deen d'Aktioune vum Service de renseignement sech aschreiwen. Nieft der Definitioun vun de Missioune sinn dat natierlech déi eenzel Mëttelen, déi eenzel Instrumenter, déi en däerf asetzen, fir seng Aarbecht ze maachen, seng Missiounen also ze erfëllen.

Och do hate mer festgehale sengerzäit an de Konklusioune vun der Commission d'enquête - e Rapport, dee mer zwar, dorunner wëll ech nach eng Kéier erënneren, an der Kommissioun ugeholl hunn, mä deen ni, am Eifer des Gefechts, hei vum Plenum vun der Chamber ugeholl ginn ass; mir maachen awer esou, wéi wann dat u sech en offiziellt Chambersdokument wär -, do hate mer gesot: „Et muss onbedéngt Buch gefouert ginn iwwer all eenzelt Investigatiounsinstrument, wat an engem Fall agesat gëtt." Dat muss een also am Dossier kënnen erëmfannen. Et mussen deelweis och speziell Lëschten ugefäerdegt gi vun den Ecoutten, vun aneren Instrumenter, wéi der Observatioun oder esou, déi agesat ginn am Eenzelfall, fir dass ee ka kontrolléieren, ob déi doten Aktivitéiten dann och am gesetzleche Kader ofgelaf sinn.

Si mussen natierlech autoriséiert sinn. Et ass schonn erkläert ginn, dass jee no der Intensitéit an der Invasivitéit eigentlech vun der Aktioun dann deen Autorisatiounsniveau ëmmer e Krack eropgesat gëtt, vun dem Direkter vum SREL iwwert dann de Comité vun den dräi Ministere bis hin zu dem Riichtergremium, deenen dräi héchste Riichter praktesch aus dem Land, déi do zesummesëtzen an déi, och anescht wéi am Gesetz vun 2004, hei net en Avis ofginn, mä si mussen en Assentiment hei ginn. Si mussen also mat d'accord sinn. Quitte dass d'Praxis haut och bestanen huet, fir eigentlech déi Avise vun de Riichter am Regelfall ze suivéieren.

Wat d'Mëttele méi intensiv sinn, wat se also méi en Agrëff duerstellen an dat, wat eigentlech ze schützen ass, nääml ech d'Privatsphär vun den eenzelne Leit, vun den Zilpersounen, wat also den Autorisatiounsniveau an d'Komplexitéit och natierlech vun den Autorisatiounen an d'Luucht geet.

Wat mer nach gefrot hu sengerzäit - dat gëtt nëmmen deels ëmgesat, dat muss een och soen -, dat ass d'Schafung vun engem interne Kontrollorgan. Mir haten deemools als Iddi zréckbehalen esou eng Aart Inspection générale de la Police, fir en äänlechen Inspektorat, eng Inspektioun anzeféiere beim Service de renseignement.

Et kann ee soen, dass dat deelweis elo ersat gëtt duerch eng Iddi, déi mer sengerzäit net zréckbehalen hunn an eise Konklusiounen, vun engem Délégué au Service de renseignement, also e Statsbeamten, deen dem zoustännege Minister respektiv deem Ministerkollegium direkt ënnerstallt ass an deen also och Kontroll- an Investigatiounskompetenzen huet, fir direkt kënnen anzewierken am Service de renseignement.

Schliisslech hate mer och nach gefrot, dass mer et och géife gutt fannen, wann e permanent Sekretariat fir d'Kontrollkommissioun vum Parlament géif bestoen. Och do hu mer eis esou organiséiert, dass dat, mengen ech, gutt strukturéiert ass fir de Moment. Et kann een et nach ëmmer eng Kéier ausbauen. Mä ech mengen, dass mer net onbedéngt do mussen d'Gesetzer änneren.

Da war eng aner Fuerderung, dat waren déi, dass mer iwwer e Code de déontologie géife verbidden, dass een, deen am Service de renseignement geschafft huet, dass dee bannent engem gewëssenen Zäitraum däerf de Service verloossen an duerno direkt an d'Privatwirtschaft an deem dote Beräich schaffe goen. Abee, deem gëtt zu zu honnert Prozent eigentlech Rechnung gedroen, well dat ass net an engem Code de déontologie festgeschriwwen, dat gëtt an de Gesetzestext selwer elo ageschriwwen, dass wärend fënnef Joer esou eng Karenzzäit muss respektéiert ginn.

Aner Wënsch, déi mer haten, déi een elo erëmfënnt och an deem Gesetzesprojet, dee mer haut debattéieren, ass den Informatiounsaustausch tëschent dem Service de renseignement, de Justizorganer, de Polizeiautoritéiten. Et ass de Verbuet, wat ech schonn ervirgestrach hunn, de Verbuet vun enger reng politescher Spëtzelei. Et ass déi rechtlech Klärung vun dem Ëmgang mat deenen ale SREL-Archiven. Do ass e Spezialgesetz, wat mer deemnächst och hei an der Chamber wäerte kënnen diskutéieren. An et ass eng Fuerderung gewiescht, fir och gesetzlech ze regelen déi ganz Fro ronderëm d'Intelligence économique. Dat ass nach vläicht e Punkt, deen aussteet a wou et, mengen ech, och net onwesentlech wär, dass mer eis eng Kéier als Kommissioun géife mat där doter Problematik nach auserneesetzen.

De Gesetzesprojet vun der Regierung, wéi gesot, dréit grosso modo deene wesentleche Fuerderunge Rechnung, déi mer sengerzäit iwwer all Parteigrenzen eraus formuléiert haten, opgrond vun där batterer Erfahrung vun den Dysfonctionnementer an deene Jore virdrun. Si huet nieft dem Délégué au service de renseignement eng aner Neierung agefouert, dat ass dee Comité ministériel, deen haut aus dräi Ministeren zesummegesat ass, deen also u sech och nieft dem direkt zoustännege Minister eng Rei vun Attributiounen huet an dee jo eigentlech och schonn de facto, wann ech dat richteg matkréien, haut besteet, wou eng enk Konzertatioun besteet tëschent deenen dräi Ministeren, déi haut also net duerch Zoufall hei sëtzen, fir bei deenen Debatte ronderëm de Service de renseignement mat derbäi ze sinn.

Mä och do ass et net esou, dass doduerjer den eigentlech kompetente Minister senge Responsabilitéiten enthuewe wär, an et ass och net esou, dass natierlech och d'Regierung in globo doduerjer hir Attributiounen, déi se als kollektiivt, kollegiaalt Organ duerch eis Verfassung auszeüben huet, net kéint ausüben.

Nei ass d'Iddi, dat ass ganz interessant, vun den Ordres de mission, wou also méi, also och iwwert dee Comité ministériel op Propositioun vum zoustännege Statsminister eng Orientéierung jäerlech gi gëtt vun den Aktivitéite vum SREL, wou d'Prioritéite kënne festgeluecht ginn, wou soll geschafft ginn, a wou och gewäerleescht ass, dass déi Ordres de mission do och zumindest der parlamentarescher Kontrollkommissioun zougestallt ginn, déi jo dann, wa se do eppes auszesetzen hätt, sech kann och do Gehéier verschafen an deem dote Punkt.

E legale Kader, deen nei ass, dat ass deen och fir d'Sourcë vum Service de renseignement selwer, de Schutz also vun de Sourcen an den Informante vum Service. Dann awer, wéi gesot, gëtt d'Observatioun geregelt. Den Nom d'emprunt, d'Identité d'emprunt, also verdeckten Ermëttlungen, duerfir gëtt endlech och hei gesetzlech de Kader gesat. Datselwecht gëllt an enger ausgebauter Form par rapport zu haut wéinst den Agrëffer, déi an d'Kommunikatioun, an d'Post eraginn.

An do stellt sech déi effektiv ganz sensibel Fro vum Asaz vu sougenannten „Statstrojaner", also wierklech e ganz intrusiven Agrëff an d'Privatsphär, wou mer eis awer iwwerzeege gelooss hunn, dass de Prinzip eigentlech, dass ee muss kënnen Zougrëff hunn op déi doten Informatiounen a grave Fäll, wierklech ginn ass, well sech haut net méi esou alles mécht um Niveau vun den traditionelle Kommunikatiounen

iwwer Tëlefon, mä ebe munches iwwert den Internet leeft, iwwert d'sozial Netzwierker leeft. An do kënnt een net derlaanscht, fir sech och esou Mëttelen ze ginn, wéi och d'Polizei soll esou Mëttele kréien, wat hir Aktivitéiten an hirem spezifesche juristesche Kader ugeet.

Et ass also eng ganz wichteg Fro. Et ass och eng Fro, déi an anere Länner och diskutéiert gëtt, net nëmmen elo an Däitschland, wou et en Uerteel gëtt vum Bundesverfassungsgericht. Net méi spéit wéi am September dëst Joer wäert an der Schwäiz e Referendum stattfannen iwwer hir Reform vum Service de renseignement. Mir sinn also net déi Eenzeg, déi probéieren, hir Noriichtendéngschter ze reformëieren. An der Schwäiz huet d'lescht Joer d'Schwäizer Parlament esou eng Reform gestëmmt. An déi gëtt do och kritiséiert, a si gëtt notamment kritiséiert op deem dote Punkt, wou also an der Schwäiz do eng Volleksbefroung wäert stattfannen, nodeem och déi néideg Zuel vun Ënnerschrëfte gesammelt ginn ass.

Et ass also e Punkt, mengen ech, wou ee kann duerchaus, fir de Moment zumindest, d'accord si mat deem heiten Text, well en awer déi néideg Schutzprinzipie festleet. Dat sinn déi, dass, wann iwwert deen dote Wee wéi iwwer all aner Kontroll vun de Kommunikatiounen et dozou kënnt, dass do Informatioune gesammelt ginn, déi näischt ze dinn hunn eigentlech mat där Zilpersoun, déi ee wierklech am Viséier huet, da mussen déi direkt zerstéiert ginn. Déi däerfen net gehale ginn. Alles, wat näischt mat där Enquête, mat där Missioun ze dinn huet, muss eigentlech vum Prinzip hier direkt zerstéiert ginn. Dat ass, mengen ech, dat och, wat an deem Text hei an aller Kloerheet drasteet.

Ech weess net, wéi een dat anescht soll formuléieren! Méi kloer geet et praktesch net. Mir musse just kucken, wéi mer dat kënne kontrolléieren, dass deem och esou ass. Dat ass, mengen ech, déi Erausfuerderung, déi sech stellt. Mä ech mengen, deen Text u sech ass kloer, wat den Ëmgang mat Informatiounen ugeet, déi näischt direkt ze dinn hu mat deem, wat een eigentlech sicht. Wann een do also an dat Privat, an d'Liewe vun anere Leit andréngt, da muss dat selbstverständlech direkt verschwannen aus deem ganzen Dossier, deen de SREL dann opmécht.

Wat déi aner Fro ugeet, déi och diskutéiert gëtt an deem Zesummenhang, dat ass: Wéi fiabel sinn déi Systemer, déi een do akafe geet? Ech mengen, dat ass eng Fro, déi mer net iwwer e Gesetz kënne regelen, dat ass eng Fro natierlech, déi herno wäert an der Responsabilitéit vun der Exekutiv stoen, déi jo da muss zesumme mat der Direktioun vum Service de renseignement déi Choixen do treffen. An déi musse sech natierlech iwwert d'Ausschreiwungsmechanismen déi néideg Garantië ginn, déi néideg Expertise och mat bäihuelen, dass dat dote fiabel Systemer, fiabel Programmer sinn, déi se sech an deem dote Beräich géifen dann uschafen.

Nei am Text sinn dann eng Rei vu Schutzbestëmmungen, déi eigentlech éischter elo de Service schütze respektiv d'Membere vum Service oder d'Kollaborateure vum Service schützen, déi Afloss geholl hunn an deen heiten Text eran.

D'Budgetsregelen, déi leien net ganz wäit vun deenen ewech, déi mer haut am Text vun 2004 kennen. Et gëtt zréckgegraff op de Comptable extraordinaire. Et gëtt zréckgegraff op d'Marchés négociés, wat Ausschreiwunge vum Service de renseignement ugeet.

D'Direktioun, dat sinn am Prinzip zwou Persounen an dovunner muss een e Jurist sinn.

D'Begrenzung vun der Zuel, do soen ech ganz éierlech, ech hu mech laang staarkgemaach an der Kommissioun, fir eng Begrenzung bäizebehalen, hu mech awer ganz zum Schluss e bëssen iwwerzeege gelooss, obwuel ech nach ëmmer kleng Doutten hunn, dass een, wéi dat och an anere Verwaltungen ass, net onbedéngt méi muss hei eng Begrenzung aschreiwen. Dat ass deelweis awer kompenséiert ginn doduerjer, dass all déi Ufroen, déi gestallt gi vun zousätzlechem Personal, eigentlech der Commission de contrôle musse matgedeelt ginn, soudass déi awer zumindest en Iwwerbléck behält, wat ugefrot ass, wat zougestane gëtt a wat d'Evolutioun vun den Effektiver vum Service de renseignement ugeet.

Bei esou Zorte vu Verwaltungen hunn ech léiwer den Deckel drop, soen ech ganz kloer. An dann ass et eben un der zoustänneger Kontrollkommissioun vum Parlament, hir Aarbecht an deem dote Sënn ze maachen.

Da kënnt... net den Haaptpunkt vum Projet, mä deen am meeschte bis elo an der Ëffentlechkeet bal diskutéiert ginn ass - et ass bal eng Schan! -, dat sinn d'Primmen. Et ass vläicht en Zoustand vu Lëtzebuerg, deen domadder e bësse charakteriséiert gëtt. Déi meescht Communiquéë si bis elo komm iwwert d'Fro vun de Primmen. Ech mengen, mir hu sécherlech déi ëffentlechkeetsfreedegst Personaldelegatioun vun engem Geheimdéngscht a ganz Europa, well déi Delegatioun et fäerdegbruecht huet an de leschte puer Deeg, eng ganz Rëtsch vu Communiquéen erauszeginn.

(Interruption)

Dat ass jo e bësse besonnesch awer fir eng Verwaltung, déi normalerweis net gewinnt ass, esou wéllen an d'Rampenlicht vun der Ëffentlechkeet ze kommen.

Da wëll ech och soen, dass et hei net d'Absicht vun der Chamber ass, an och d'Absicht net vun der Regierung war, fir hei eppes op d'Kopp ze werfen, wat bestanen huet. Ech mengen, den Här Wiseler huet dat och schonn ënner anerem ervirgehuewen.

Et war awer eis Suerg, dass mer net iwwer e Sträit iwwer Primmen eis legislativ Aarbecht an d'Reform vun deem Service de renseignement, op déi mer laang waarden, nach weider ëm Wochen, ëm Méint no hannen drécken. Mä mir sollen als Parlament do eis Aarbecht maachen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Mir hu versicht, e Modus Vivendi mam Statsrot ze fannen, e Statsrot, dee jo hei och awer méi héich Rechtsprinzipie beméit huet, fir ze soen: „Sou wéi Dir et elo virgeschloen hat, dat heescht, den ale System vu Primmen, deen ass net konform zu iwwergeuerdnete Rechtsprinzipien. Sou kënnt Der dat net maachen!" Dunn hu mer also probéiert, am Intérêt vun der Saach, am Intérêt och vun deenen direkt concernéierte Beamten, fir hei eng uerdentlech Léisung ze fannen.

Dat mag eventuell nëmmen eng Iwwergangsléisung sinn. Näischt verhënnert, wann en allgemengen Accord do ass iwwert d'Primme beim Stat, dass een dann och nach op déi heiten Texter zréckgeet. Dat hei ass op jidde Fall dat, wat elo méiglech war dranzeschreiwen, ouni fundamental awer eppes wëllen op d'Kopp ze werfen an ouni doduerjer och e Präzedenzfall wëllen ze schafe fir Primmen, déi soss op anere Plaze bestinn.

Ech wëll awer just eng Bemierkung maachen, well vun de Verteideger vum aktuelle Primmesystem ëmmer besonnesch de Gläichheetsprinzip, a bal nëmmen deen, an de Vierdergrond gestallt ginn ass: Also, wann et eppes beim Stat insgesamt gëtt, dann ass et d'Ongläichheet, d'Ongläichheet tëschent eenzelne Primmesystemer an eenzelne Verwaltungen! An duerfir mengen ech, dass et net gutt wär, grad deen dote Prinzip ze beméien, fir hei ze soen: „Dir däerft eigentlech elo den Text net änneren. Dir musst ofwaarden, bis sämtlech Konziliatiounsprozeduren eriwwer sinn." Ech mengen, dass mer hei richteg handelen, dass dat keng béis Absicht ass an dass mer dee Provisorium zumindest awer esou kënnen an deen heiten Text aschreiwen.

Ech kommen zum Schluss vu mengen Ausféierungen zu deem heite Projet. Ech mengen, et kann een als LSAP feststellen, dass Lëtzebuerg mat deem heiten Text sech e modernt Gesetz gëtt, wat de Service de renseignement ubelaangt. Et huet een aus den Erfahrungen, deelweis schmäerzlechen Erfahrungen, vun deene leschte Jore geléiert. Ech widderhuelen et nach eng Kéier: Villes hätt scho kënnen 2004 geschéien!

Ass dat Gesetz perfekt? Sécherlech net! Perfekt Gesetzer sinn, mengen ech, rar op der Welt, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg. An ech sinn och sécher, dass mer opgrond vun der praktescher Uwendung elo vun deenen heiten Texter an e puer Joer op deen een oder aneren Aspekt vun där Reform hei wäerte missen zréckkommen.

Schléisst dat heite Gesetz Dysfonctionnementer endgülteg aus? Och do, mengen ech, misst ee kënne mat Neen äntwerten, mä et mécht se sécherlech méi schwéier, et mécht d'Probabilitéit méi kleng, dass et zu Dysfonctionnementer kënnt. Mä kee kann dat zu honnert Prozent ausschléissen, och wa mer dat vläicht ustriewen.

Mir sinn awer der Meenung als LSAP-Fraktioun, dass deen, et kann ee soen, dee „Skandal" ronderëm de Service de renseignement - et ass jo effektiv en onerhéierte Virgang, dass en Direkter vun engem Service de renseignement säin zoustännege Minister iwwer eng truquéiert Auer ofhéiert; dat ass schonn eppes, wat an d'international Press gehéiert, dat muss ech soen -, dass dat awer e Schock ausgeléist huet, sécherlech. Et huet e Schock ausgeléist am Service de renseignement selwer, et huet e Schock ausgeléist an der politescher Klass, géif ech mengen, a sécherlech och an der Ëffentlechkeet.

Et ass ze hoffen an et gesäit duerno aus, dass et kéint en heilsame Schock sinn, deen dat Ganzt ausgeléist huet, an duerfir menge mer, dass een deem Service, där Direktioun vum Service sollt Vertraue ginn. D'Politik sollt deem Service Vertraue ginn, fir déi Missiounen, déi d'Gesetz him elo mat méi Däitlechkeet, méi Prezisioun gëtt, mat deenen Instrumenter, déi elo besser geregelt sinn duerch deen neien Text, déi vill a wichteg Missioune kënne voll a ganz ze erfëllen.

Mir hu versicht op jidde Fall, en Équiliber hierzestellen tëschent op där enger Säit Autorisatiounsprozeduren, Kontrollmechanismen, op där anerer Säit awer och deem néidege Bewegungsspillraum, deen awer esou eng Verwaltung mat hire Missiounen och brauch. Dat ass net ëmmer einfach. Ob et e perfekten Équiliber ass, dat wäerte mer an deenen nächste Jore feststellen. Et war op jidde Fall eis Suerg, fir deen Équiliber do hierzestellen.

Mir deelen net onbedéngt déi Euphorie, déi den CSV-Spriecher hei ronderëm de Service de renseignement développéiert huet. Ech wëll och soen, dass et wahrscheinlech, wa sech meng Fraktiounskolleegen un dat halen, wat d'Positioun vun der Partei ass, déi éischte Kéier ass, dass mir als Sozialisten en Text iwwert de Service de renseignement stëmmen.

(Interruption)

1960 ass d'Fraktioun opgespléckt gewiescht. D'Gewerkschaftler an der Fraktioun - fir ze schematiséieren -, déi méi antikommunistesch ausgeriicht waren, hunn den Text gestëmmt, an de gréissten Deel vun den Affekoten an aner Vertrieder vu liberale Beruffer hunn deen Text net gestëmmt gehat. 2004 hu mer eis enthale beim Text iwwert de Service de renseignement. Dës Kéier wäerte mer den Text stëmmen, wat sécherlech mat Abstand de beschte vun deenen dräi Texter ass. Do si mer eis, mengen ech, souguer iwwer all Parteigrenzen eens.

(Interruptions diverses et hilarité)

A mir hunn, mengen ech, probéiert hei, esou wäit wéi méiglech déi Friktiounen, déi noutwendegerweis mussen dann a wann entstoen tëschent dem Geheimen, dat nun eemol zu engem Geheimdéngscht gehéiert, an der Transparenz, wat de Grondprinzip ass vun der Demokratie - do si Widdersprréch, dat däerf een net verkennen, däerfe mer och hei net verniidlechen -, mir mengen awer, dass mer probéiert hunn, esou wäit wéi méiglech, esou wäit wéi dat iwwerhaapt méiglech ass, eng Conciliatioun vun deenen zwee Elementer ze maachen: Rechtsstat a Verteidegung vum Rechtsstat, Recht op d'Sécherheet an och awer Verteidegung vun den individuelle Rechter a Fräiheeten.

Dëst Gesetz, an ech kommen domadder definitiv zum Schluss, ass gutt genuch, dass mer et als LSAP-Fraktioun wäerte stëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Bodry. Als nächst ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Viviane Loschetter. Madamm Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng).*- Merci. Madamm Presidentin, Dir Dammen, Dir Hären, et ass elo scho ganz vill gesot ginn hei op dëser Tribün iwwert dat, wat ons beweegt an och beweegt huet, eng grondleeënd Reform vum SRE auszeschaffen. Dofir wäert déi gréng Fraktioun och prinzipiell net op Vergaangenheetsbewältegung agoen, mä éischter déi zwou wichteg Notiounen aus der Ursaach vun der Reform ervirhiewen. Dat Éischt ass d'Notioun vu Verantwortung an dat Zweet ass d'Notioun vu Kontroll.

A mir géife gären als Gréng zwou zousätzlech Notiounen derbäisetzen, déi fir ons elementar wichteg woren an der Diskussioun wärend de parlamentareschen Aarbechten an der Kommissioun: Dat ass d'Notioun vun de kloren oder esou kloer wéi méigleche Missioune vun engem SRE. An dat ass fir ons awer och d'Garantien, d'Notioun vun de Garantië vun der Proportionalitéit vun de Missioune par rapport zum Schutz vun der Privatsphär vun deem eenzelne Bierger hei am Rechtsstat.

Well e Geheimdéngscht befënnt sech, esou gesi mir et op alle Fall, an de Paragë vum potenzielle Risiko vun enger Infraktioun, an där sensibeler Grozon tëschent Verdacht an Dot, jo, haut souguer - an enger séierer a globaliséierter Welt - oft virum Verdacht, bei der Observatioun vun der Informatioun, déi gegebenenfalls e Renseignement gëtt. An déi dräi Termen „Observatioun", „Informatioun" a „Renseignement" sinn iwwregens laang an hirer Semantik an der Diskussioun an der Kommissioun diskutéiert ginn.

Haut méi wéi virdru gëtt vun engem Geheimdéngscht erwaart, datt en anticipéiert, D dat heescht, datt en an enger Missioun vu Preventioun schafft. An den Term „Preventioun" ass positiv konnotéiert a Beräicher wéi zum Beispill der Santé oder der Éducatioun. An der Aktivitéit am Beräich vun der Justiz, virop am Beräich vun der Justice pénale huet den Term „prévention" allerdéngs e ganz aneren Nogeschmaach. Preventive Verdacht, preventiv an antizipativ Aktivitéite vun engem Geheimdéngscht legaliséieren an autoriséieren, dat ass, zumindest fir ons, dach awer eng ganz aner Geschicht.

Bei dëser Reform geet et erëm eng Kéier drëms, grad wéi bei där leschter SRE-Reform: Wat ass erlaabt? Wat ass net erlaabt? A wat ass zu bestëmmte Konditiounen erlaabt? A genau dat do ass dat Thema, wat mir nennen: Garantië vun der Proportionalitéit vun den Aktivitéite vun engem Geheimdéngscht respektéieren.

Wéi vill un intrusive Methoden an Aktivitéiten dierfen zu wéi engem Grad vu Gefor geneemegt ginn? Wéi vill muss d'Qualitéit vun den Aktivitéite kloer beschriwwen an opgezielt ginn? Wéi a wéi vill kënne mir assuréieren, datt intrusiv Moossnamen, egal wéi contraignant d'Oplage sinn, zu den Ausnamen an net zu dem Standard gehéieren?

Déi Haapterausfuerderung ass a bleift fir ons d'Kontroll, d'Kontroll a priori an d'Kontroll a posteriori, an domadder déi gréisstméiglech Versécherung schafen, fir all Abus ze verhënneren oder zumindest kënnen opzedecken an dann och ze sanktionéieren.

déi gréng gehéieren net zu deenen, déi denken, mir bräichte kee Geheimdéngscht. Mir plädéieren eendeiteg fir e Geheimdéngscht par définition a wëlle kee Geheimdéngscht par défaut!

An dat aus e puer Grënn: Fir d'Éischt emol, well sech ëmmer wäert e Wee fannen, fir genee déi Observatiounen ze maachen, déi ech virdrun ernimmt hunn, well et e Besoin dofir gëtt a well et och eng Demande dofir gëtt. A well et den Ufank vun enger Wourecht, enger Gefor, enger Infraktioun ka sinn oder respektiv ass, a well et schlussendlech, wéi et am Projet de loi steet, zur nationaler Sécherheet an zur Garantie vun der Souveränitéit onëmgänglech bäidréit.

Wéi de Rapporteur et a sengem schrëftleche Rapport schreift, proposéiere mir an dëser Reform eng verstäerkt Kontrollopdeelung an eng prezis Verantwortungsopdeelung, eng méi prezis Beschreiwung vun de Missiounen a vun de Moyenen a Moossnamen an eng méi strikt Regelung vum Zougang zu a vum Austausch vun Informatiounen. Ech kommen nach all Kéiers op déi Punkten zréck.

E puer Wuert awer fir d'Éischt zu de Missioune vum SRE. Mir haten effektiv eng länger Diskussioun iwwert d'Domäne vun dem Geheimdéngscht a wou dee soll aktiv sinn. A fir ons huet sech och d'Fro gestallt: Wat heescht „eng Menace fir onst Land"? A wat heescht eng Menace fir «des États étrangers ou des organisations internationales ou supranationales», mat deene mir dann «objectifs communs» hunn?

An effektiv, wéi de Rapporteur et och scho genannt huet, den zweete Paragraf vum drëtten Artikel, dat heescht den Artikel 3 aus deem Projet de loi, definéiert an onsen Ae beschtméiglech a weist eng Oplëschtung vun deem, wat domadder gemengt ass.

Nawell kann ee sech déi Fro stellen: Geet dat duer? Ass dat prezis genuch? Oder vläicht ass et erëm ze vill prezis? An d'CNPD weist och drop hin, notamment datt dat Wuert „ingérence" net gutt erkläert ass an datt et e gewëssene Flou artistique, eng gewëssen Oppenheet zouléisst, déi eigentlech misst besser beschriwwe ginn.

Kann een unhand vun dëser Oplëschtung am zweete Paragraf e Mëssbrauch ausschléissen? Neen, denke mir, mat Sécherheet kann ee wahrscheinlech net all Mëssbrauch ausschléissen, mä et kann ee versichen, esou gutt wéi méiglech e Mëssbrauch net opkommen ze loossen, andeem een esou prezis wéi méiglech definéiert.

Mir haten och eng Diskussioun, inwiefern d'Definitioun vum Terrorist oder Extremist kéint ausgeweit ginn a wéi grouss de Risiko kéint bestoen, als kriteschen oder kämpferesche Bierger als Terrorist oder Extremist agestuuft ze ginn. D'Vergaangenheet an de Verfolgungswahn ronderëm de Kale Krich an dono ronderëm de lénksextremisteschen Terrorismus hu schlussendlech - net zu Onrecht, musse mir betounen - bis haut Wonnen an Zweifelen hannerlooss. Notamment eng Rei vun onse Memberen hu sech an der Kartei vun den Archive vum Geheimdéngscht erëmfonnt! An dofir ass et och wichteg, datt Gewerkschaften, politesch Parteien, ONGen an Associatiounen explizitt

am Rapport ernimmt ginn an ausgeschloss gi vun de Missioune vum SRE. Am Projet de loi heescht et dozou: «à l'exclusion de toute surveillance politique interne».

Et ass kloer, datt mir ons hei hautno un der rouder Linn vum Dateschutz a vun den elementaarsten demokratesche Rechter vun engem Rechtsstat, jo, souguer Mënscherechter bewegen. An dëse Projet de loi huet de Mérite, obwuel e vläicht e bësse méi schwéierfälleg fir de Lecteur a sécher méi schwéierfälleg fir de Service de renseignement selwer ass, mä en huet de Mérite, datt e kloer definéiert, wat wéini erlaabt ass, a virun allem ënner wéi enge Konditiounen et engem Agent erlaabt ass, enger bestëmmter Aktivitéit nozegoen, an, an dat ass wichteg, datt dëse Wee och retraçabel ass.

An dofir ass et fir ons eng éischt wichteg Kloerheet, nach eng Kéier ze ënnersträichen, datt den SRE net an Eegeregie schafft. D'Regierung, vertrueden duerch den zoustännege Minister, definéiert déi wichteg Orientatioune vum Geheimdéngscht mindestens - mindestens! - eemol d'Joer, an dat eben duerch déi Lettre de mission, déi zousätzlech nodréiglech an dee Projet de loi eragefloss ass.

An als Member vun der parlamentarescher Kontrollkommissioun kann ech dat nëmme begréissen, an ech denken, meng Kolleegen an der Kommissioun, grad wéi déi, déi déi Missioun virdrun en charge haten, bestëmmt och. Well effektiv ass all Verbesserung vu Retraçabilitéit vun Aktivitéite fir eng Kontroll, déi a posteriori geschitt, extrem begréissenswäert.

Zweet wichteg Kloerheet: Et gëtt eng Tëschekontroll tëschent Exekutiv an SRE-Direktioun agebaut an der Persoun vun deem Délégué, deen e Kontroll-Feedback vum Terrain assuréiert. Bei enger anerer Administratioun géif esou eng Fonctioun bestëmmt fir vill Onrou suergen. Wat kéint als Vertrauensskepsis verstane ginn, gëtt hei éischter als zousätzlech Garantie fir d'SRE-Direktioun verstanen. An ech erënneren an dësem Kontext drun, datt mer jo ausgaange waren an onsen Diskussiounen dovun, datt fir den Direkter penal Strofe virgesi woren, mä déi huet de Statsrot, wéi jo gewosst, verworf.

Et erlaabt der Exekutiv, iwwert dat, wat um Terrain geschitt, informéiert ze sinn an ergo och hir Verantwortung dofir ze droen.

Drëtt wichteg Kloerheet deemno: Kee ka sech, oder kee ka sech méi senger politescher Verantwortung entzéien.

Last but not least gëtt dësen Tëschekontrollmechanissem och dem Bierger an der Biergerin eng beschtméiglech Garantie, datt d'Missiounen an d'Aktivitéite kontrolléiert an agehale ginn. Op d'mannst sinn d'Regele vum Spill kloer. Sollt et zu engem Dysfonctionnement kommen, wëssen och de Bierger an d'Biergerin, wie politesch zur Rechenschaft gezu muss ginn.

Véiert wichteg Kloerheet: Nieft dem Comité ministériel musse gläich dräi Persounen aus der Magistratur, an net där mannster, dat ass scho gesot ginn: de President vun der Cour supérieure, de President vum Verwaltungsgeriicht an de President vum Tribunal d'arrondissement vu Lëtzebuerg, all intrusiv Aktivitéit am Virfeld geneemegen. An dat ass op alle Fall fir ons Gréng den absolutt noutwendege Wee, fir iwwerhaapt - fir iwwerhaapt! - kënnen Aktivitéite vum SRE an domadder och dës Reform guttzeheeschen!

Mir mierken näämlech an anere Länner, notamment a Länner ronderëm ons, wéi delikat et ka sinn, wann de Ministère public/de Parquet net oder net genuch an der Autorisatioun matagebonnen ass a sech villes, wann net alles, um Niveau vun dem Polizeiniveau erleedegt.

Wat fir ons Gréng awer gradesou wichteg ass, ass, datt d'Justiz och de Garant ass fir d'Informatiounen, déi vun auslännesche Partner vum SRE kommen. Och dës Informatiounen oder d'Demande vun Informatioune kënnen net ouni de Parquet weiderverschafft ginn.

Innerhalb vun der Administratioun vum Geheimdéngscht gëtt den hierarchesche Wee och besser a méi kloer definéiert. Keng Aktivitéit, do wëll ech hei nach eng Kéier drun erënneren, keng Aktivitéit, esou harmlos se och mag schéngen, geet laanscht den Direkter - oder d'Direktesch -, deen alles, alles muss signéieren.

Fënneft Kloerheet: D'Commission de contrôle parlementaire huet d'gesetzlech Garantie vun enger Obligation d'information iwwer all Zweifel um korrekten Oflaf, sief et um Fong oder un der Form, an dat souwuel vum zoustännege Minister wéi och vum Direkter. Iwwerhaapt bréngt, an dat ass och schonn hei gesot gi vu menge Kolleegen - iwwregens sinn all meng Virriedner och Member vun der Kontrollkommissioun, dofir mengen ech, wësse se och, vu wat se schwätzen -, dëse Projet de loi bréngt der parlamentarescher Kontrollkommissioun eng Rei vu Verbesserungen, déi hir et erméiglechen, déi Kontrollaarbecht besser an och méi genee kënnen ze maachen.

Wéi schonns virdru gesot: Méi prezis a kloer Regelen an eng besser Retraçabilitéit sinn zwou wichteg Notioune fir d'Kontrollkommissioun. Am Projet de loi gëtt och definéiert, wéini an ënner wéi enge Konditiounen d'Agente vum Geheimdéngscht eng falsch Identitéit kënnen unhuelen. Et gëtt och kloer definéiert, ënner wéi enge Konditiounen den SRE méi intrusiv Methode kann applizéieren, wéi zum Beispill effektiv Écoutten oder Kommunikatioune verfollegen.

Dës Methode sinn ëmmer an der Zäit delimitéiert a brauchen ëmmer fir eng Verlängerung eng nei Geneemegung, soit vum Comité ministériel wéi och vun der Commission spéciale vum Parquet. Och hei ass et fir déi parlamentaresch Kontrollkommissioun enorm wichteg, datt mer déi zäitlech Begrenzung hunn, well et erméiglecht ons och do erëm eng Kéier, d'Kontroll besser ze maachen an och der Retraçabilitéit besser nozegoen.

Mä déi zäitlech Begrenzung ass erëm eng Kéier och fir de Bierger an d'Biergerin net onwichteg. Am Fall wou eng Pist néierens hiféiert, mussen all déi Daten, déi zäitlech begrenzt sinn, all déi Daten direkt all zerstéiert ginn. Eng Pist, wou d'Aarbecht ofgeschloss ass, gëtt no fënnef Joer total zerstéiert. Alles dat si kloer a retraçabel Obligatiounen, déi kënne kontrolléiert a gegebenenfalls och penaliséiert ginn.

Wat allerdéngs manner kloer bleift, an och dat muss een éierlechkeetshalber soen, dat ass, datt de Geheimdéngscht a sengen Aktivitéiten, a senge méi intrusiven Aktivitéiten, wéi zum Beispill den Écoutten, de Kommunikatioune vun enger Persoun nogoen, och op Persoune wäert stoussen, déi näischt mat der Missioun ze dinn hunn, oder och de Fall zum Beispill vun engem Verdacht, dee sech herno als net fundéiert erausstellt, deen zum Beispill wärend enger definéierter an erlaabter Zäit suivéiert ginn ass, ouni datt déi Persoun oder déi Persounen dat wëssen. Dat ass an dat bleift a posteriori en onberechtegten Agréff eigentlech an d'Privatsphär vun eenzelne Leit, déi ni eppes dovunner gewuer ginn. An dat bleift och fir ons e batteren Nogeschmaach vun dësem Projet de loi, e batteren Nogeschmaach, dee wuel och par définition zu de Missioune vun engem Geheimdéngscht gehéiert, ouni déi wahrscheinlech e Geheimdéngscht net kéint existéieren an net kéint schaffen. Mir sinn ons däers bewosst.

Sechst Kloerheet: Mir fannen am Projet de loi eng exhaustiv Lëscht, déi kloerstellt, wou den SRE en direkten Accès huet op Daten a wou den SRE eng Autorisatioun vum Procureur général brauch. All Accèsen op Date si retraçabel: wien, genau wéini? A genau firwat huet en identifizéierten Agent op eng Donnée zréckgegraff, an dat nom Artikel 17 vum Dateschutzgesetz, deen d'Konditiounen an d'Sanktiounen dovunner definéiert?

Siwent Kloerheet: Wat an engem Ausnamefall vu Cas d'urgence méiglech ass an ënner wéi enge spezielle Konditiounen, gëtt och an dësem Projet de loi definéiert. Do ginn et just dräi Notiounen, dat sinn: Proliferatioun, Espionnage an Terrorisme, wou gegebenenfalls den zoustännege Minister eleng kann eng Décisioun huelen an engem Cas d'urgence, awer im Nachhinein säi Comité muss informéieren an d'Autorisatiounen, och vun der Kommissioun vum Parquet, sech muss nodréiglech siche goen.

Den SRE, an dat ass och schonn hei ugeschnidde ginn, gehéiert sécherlech net zu de groussen an incontournabele Geheimdéngschter aus dëse beweegten Zäiten. An dach ass et sécherlech fir d'Sécherheet vun dësem Land an doriwwer eraus fir d'séchert Liewe vun de Bierger a Biergerinne wichteg, datt d'Partnerservicen och zu Lëtzebuerg en Uspriechpartner hunn.

Déi wichtegst oder eng vun deene wichtegste Missioune vum SRE ass wuel, datt en hei zu Lëtzebuerg ass an datt en en Uspriechpartner ass fir déi aner Geheimdéngschter. An dat ënnersträicht dann och d'Wichtegkeet an d'Effizienz vum Zesummeschaffen tëscht de Partnerdéngschter, mam Ausland, mä och hei intern zu Lëtzebuerg tëscht de Verwaltungen.

Mir Gréng gehéieren zu deenen, déi notamment a Saache Bekämpfung vum Terrorismus der Iwwerzeegung sinn, datt eng besser Koordinatioun tëscht alle concernéierte Servicer den effikasste Wee ass, fir weiderzekommen. Ob Geheimdéngscht, ob Police oder Parquet, ob hei am Land oder am Ausland: eng Férderung vun der Kooperatioun ass onser Meenung no méi effikass ewéi d'Verschäerfung vun de Gesetzer an Aschnëtter a privat Fräiheeten, wou den État d'urgence riskéiert, zur Regel ze ginn. An et brauch ee just an onst Nopeschland eriwwer kucken ze goen, fir ze wëssen, wat ech domadder mengen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Résumé sti mir Gréng zu dëser Reform vum SRE a wëllen der Direktioun an hire Mataarbechter och elo emol einfach a priori onst Vertrauen ausspriechen. Mir brauchen en neien Ufank a mir wëllen zur Dagesuerdnung erëm eriwwerkommen. Mir brauchen e positive Bléck op dës Administratioun, déi, obwuel se eng staatlech Administratioun ass, dach awer keng Administratioun ewéi eng aner ass. A mir wëssen och, datt an dëser Administratioun vill an oft och ronderëm d'Auer geschafft gëtt. A mir wëssen och, datt an där Administratioun d'Gefill vu Verantwortung grouss ass an och gewuess ass an datt si sech bewosst sinn, wéi sensibel dat Spillfeld ass, an deem si sech bewegen. An dofir wënsche mer hinnen eng gutt Hand. Mä mir wënschen ons alleguerten och e waakregt An!

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci der Madamm Loschetter. Als nächste Riedner ass ageschriwwen den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Madamm President, Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus fir d'Éischt e Merci un de Rapporteur fir en héich interessante Rapport. Mir begréissen och prinzipiell, datt de Geheimdéngscht mat dësem Gesetz reforméiert gëtt. Et ass, mengen ech, ganz wichteg, datt esou en Déngscht politesch a juristesch kloer encadréiert ass. An d'Politik weist hei Handlungsfäegkeet. Mir kënne jo net als Politik akzeptéieren, datt et evident eng ganz Rei vun Dysfonctionnementer gouf, eng Rei méi schwéierer, eng Rei manner schwéierer, an dann net aktiv probéieren, dat ze korrigéieren an och fir d'Zukunft auszeschléissen.

Also déi Iddi, fir en neit Gesetz iwwert de Geheimdéngscht ze maachen, ass richteg. A mir sinn och frou, datt mer haut d'Geleeënheet hunn, dee Projet ze diskutéieren.

Ob dee Projet elo gelongen ass, dat ass eng aner Saach. Ech mengen, mir hunn haut elo vun alle Riedner, déi bis elo geschwat hunn, vill Positives héieren iwwert dëst Gesetz. Mä ech mengen, et muss een och heiansdo e kritesche Bléck op Saache werfen a sech da froen, ob dat Gesetz wierklech de Besoinen entsprécht, ob d'Missiounen déi sinn, déi mer brauchen, ob d'Moyenen déi sinn, déi mer brauchen, ob d'Kontroll effikass ass. Well eist Zil - wéinstens eist Zil als ADR - ass jo, datt mer en operationellen, effikasse Geheimdéngscht hei brauchen. An dat hu jo och eng Rei Virriedner elo betount.

Politesch ass fir mech déi éischt Konklusioun, mengen ech, déi mer aus der Debatt mussen zéien, déi mer bis elo haten, datt och eben déi lénk Parteien, déi bis elo kritesch géintiwwer der Existenz vun engem Geheimdéngscht iwwerhaapt waren, déi opgetratt sinn ëmmer erëm, fir de Geheimdéngscht an Zweifel ze stellen, haut, wou se an der politescher Verantwortung stinn, awer dat Gesetz stëmmen an de Geheimdéngscht hei verdeedegen. Ech fannen, dat ass eng ganz wichteg Entwécklung an der Lëtzebuerger Politik.

D'Madamm Loschetter hat fir déi gréng gesot, déi gréng géifen net zu deene gehéieren, déi d'Existenzberechtegung vum Geheimdéngscht géifen a Fro stellen. Dat huet virun e puer Joer nach ganz anescht geklongen. Ech hat mer d'Méi gemaach, e puer Communiquéë vun deene Gréngen nozeliesen aus dem Joer 2012, wou ëmmer erëm gefrot gouf, et misst emol gekuckt ginn, ob iwwerhaapt Lëtzebuerg e Geheimdéngscht bräicht. Et ass gutt, datt haut déi Fro anscheinend parteiintern gekläert ginn ass.

Mir haten hei vu Bündnis 90/Die Grünen en Expert héieren an der Kontrollkommissioun, dee gesot huet: „V-Leute des Verfassungsschutzes sind Kriminelle im Dienst des Staates." Haut hu mer awer e Gesetz hei, wat Tarnidentitéiten erlaabt a wat eben och dann den Asaz vu Leit, déi mat Tarnidentitéiten operéieren, jo dann och ofseent; dat eent ergëtt ouni dat anert kee Sënn.

Politesch ass och interessant, fir ze kucken, wéi déi Kommissioun am Ufank, wou se iwwert dëst Gesetz geschafft huet, räsonéiert huet: Do wor net nëmmen d'Daseinsberechtegung vum Geheimdéngscht nach e Sujet - wéi gesot, mir wore virun der Rekrudeszenz vum Terrorismus, vum blannen Terrorismus, dee mer an de leschte Jore gesinn hunn -, mä och d'Notioun vun der Souveränitéit vum Land wor deemools net esou kloer. Et ass vill argumentéiert gi mam Lissabon-Vertrag, wat dann nach eis Souveraineté résiduelle wär, ob mer déi misste verdeedege mat engem Geheimdéngscht. Och haut, zwee Joer méi spéit, gesi mer do vill méi kloer, well deen europäesche Projet haut an Nout ass an déi national Souveränitéit a ganz Europa erëm méi staark betount gëtt.

Mir gesinn also hei, datt an Zäit vun zwee, dräi Joer eng Rei vu politesch grondleeënde Prozesser stattfonnt hunn an datt dee Gesetzesprojet hei a méi wéi enger Hisiicht weist, wéi séier d'politesch Ramebedéngunge sech kënnen änneren a wéi wichteg et doweinst ass, eng virsiichteg a wäitsiichteg Politik ze maachen.

Zum Projet: Déi meescht vun eis, dat wor och interessant nozelauschteren, wa se iwwert de Geheimdéngscht schwätzen, soen dat, wat all Mënsch am Land seet a si nennen de Geheimdéngscht „SREL". Dat ass esou, dat huet sech esou agebiergert. De Projet de loi nennt en „SRE", dat ass schwéier auszeschwätzen. Et wär vläicht gutt gewiescht, et dann och direkt SREL ze nennen. Mä et ass en Detail. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt d'Leit weiderhi SREL soen, wa se iwwert de Geheimdéngscht schwätzen.

Da kënnt awer bei de Missiounen, an dat ass en éischten interessante politesche Punkt, deen ee muss maachen, déi Iddi vun der «exclusion de tout contrôle politique, de toute surveillance politique interne». Dat ass e bëssen e spéide Revanchismus vun der Lénker. Et gëtt gesot am Rapport: «à aucun moment un danger pour la sécurité...», d'Leit hätten ni eng Gefor duergestallt fir d'Sécherheet vum Stat. Dat kann een haut soen. Ech weess net, ob et richteg ass. Ech zweifelen drun.

Mir haten am Kale Krich, well ëm déi Zäit geet et, d'Diskussioun ëm d'Fënneft Kolonn, a mir woren an enger anerer Realitéit.

Den Owend um sechs Auer ass iwwregens am Musée hei vun der nationaler Geschicht e Virtrag iwwert d'Spionage wärend dem Kale Krich. En ass bestëmmt interessant.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An et woren awer ganz aner Zäiten. Déi Aktivitéite vun der Ligue communiste révolutionnaire, deemools, woren inspiréiert vun enger Ideologie vun der Revolutioun an all Land. Dat ass eng potenziell Gefor fir en demokratesche Rechtsstat. Et ass normal, datt e Stat dat kontrolléiert, wa Mouvementer an engem Land vun enger Revolutioun an engem Land schwätzen a se wëllen aktiv bedreiwen, quitte datt herno, wéi d'Ligue communiste révolutionnaire sech opgeléist huet, eng Rei vun hinne bei déi Lénk gaange sinn, bei d'Kommunisten, bei déi gréng. Mä awer déi Realitéit vun deemools soll een dach net verkennen a probéieren, im Nachhinein ze korrigéieren.

Och haut muss ee sech froen, wann ee seet: „Mir maache keng Surveillance politique interne", ob mer net eng Sécherheetslück schafen domadder! Well mir hunn dach ëmmer erëm vläicht de Besoin fir Mouvementer, déi sech kreéieren, déi och nach net d'Violence sinn oder „à propension violente", wéi dat dann am Gesetz heescht, fir déi awer mussen ze observéieren, aus enger Rei Grënn. Well dat Éischt ass: Wat ass dann, wann eng Partei sech grënnt, déi zwar seet, si wär net violent, mä déi awer tendenziell dat kéint sinn? Wien huet dat Recht ze observéieren? D'Police huet ganz kloer Konditiounen, wéini se wéi kann intervenéieren.

De Service de renseignement…

(Interruption par M. Marc Baum)

Gelift?

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Wann den Här Orateur d'accord ass, mä Dir kritt jo souwisou direkt d'Wuert dono.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Ech hunn eng Véirelstonn, wësst Der, ech géif nawell gär elo…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Okay!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).*- Awer herno, wann ech nach Zäit hunn, ganz gär, well näischt hunn ech léiwer wéi eng gutt Diskussioun, och mat deene lénke Kolleegen. Mä ech maache meng Ried, wann Der erlaabt, well mat enger Véirelstonn huet een net ganz vill. Mä gutt!

Dat ass also och haut d'Situatioun: Wann dann elo eng Partei oder e Mouvement sech grënnt, wou ee weess, datt se eventuell kéinte gewalttäteg ginn, awer déi et a kenger Form soen a wou näischt drop hiweist, datt et imminent ass, wien huet dann d'Recht, eng Observatioun ze maachen? Et ass jo awer eis Flicht als Stat, fir d'Sécherheet vum Bierger ze garantéieren, fir do keng Sécherheetslacune ze hunn!

Ech wëll verweisen op eng Diskussioun an Däitschland iwwert de Verfassungsschutz an deem doten Zesummenhang. De Verfassungsschutz, deen observéiert jo am Land eng Rei vu Mouvementer, och salafistesch Mouvementer, mä och de Verfassungsschutz seet kloer: „Et muss een och déi genau observéieren, déi zwar no bei deene sinn, déi bereet sinn, Gewalt auszeüben, mä et gëtt och an deene Mouvementer Deeler vu Mouvementer, déi net gewaltbereet sinn." Wann een déi also observéiert, dann huet dat de Virdeel, datt de Stat genuch weess, fir kënnen differenzéiert un d'Problemer erunzegoen, fir ze wëssen: Wien ass potenziell gewalttäteg? Wien ass et potenziell net? A wat kënne mer maachen, fir déi, déi et potenziell net sinn, vläicht esou ze encadréieren, datt se net bei déi kommen, déi et wierklech kéinte sinn?

Mir maachen eis blann als Stat, zum Deel wéinstens! Ausser d'Regierung kéint eis herno erklären, wéi se déi Situatioune wëllt ugoen. A wie sech blann mécht, deen hëlt eis wichteg Handlungsméiglechkeeten, doduerch eben, datt mer, wéi an dësem Gesetz, als Stat d'Surveillance politique einfach ausklameren. Dat ass wahrscheinlech onvirsiichteg, fir op déi pauschal Manéier virzegoen.

Och wat déi praktesch Aarbecht vun deem Service ugeet, do kann ee sech eng ganz Rei Froe stellen. Mir hate schonn als ADR drop ugespillt, datt et wichteg fir eis ass, d'Gewaltentrennung ëmmer kloer ze respektéieren am Stat allgemeng. Näischt géint Persounen, ech argumentéieren hei net ad personam, mä prinzipiell menge mer, datt d'Magistrate missten an der Magistratur sinn an datt d'Statsverwaltunge misste geféiert gi vu Beamten aus de Carrièrë vun de Statsadministratiounen.

E Magistrat, wann e Magistrat Direkter vum Service de renseignement ass, ass an eisen Aen net genuch Distanz gi géintiwwer deene Magistraten, wou dee Magistrat da soll Autorisatiounen afroen, fir verschidden Aktioune kënnen ze maachen.

E Geheimdéngscht ka geféiert gi vun engem héije Beamten, vun engem Offizéier, vun engem Diplomat, wéi et jorelaang de Fall war, ouni datt et an deene Fäll zu Dysfonctionnementer komm wär, op jidde Fall keng, déi mir géife kennen. An et ass eng gutt Erfahrung gewiescht. Fir elo Magistraten ze hunn an der Inspection générale vun der Police, am Geheimdéngscht, dat ass dach eng Ausbreedung vun der Magistratur op Sécherheetsorganer. An ech wëll just hei dat emol opwerfen, ob domadder d'Gewaltentrennung nach wierklech ganz garantéiert ass.

Une voix.- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- D'Bürokratie… Dat Gesetz ass och heiansdo an engem Geescht geschriwwen, wou ee sech ka froen: Wéi realistesch ass dat doten, oder wéi bürokratesch gëtt hei argumentéiert oder geschriwwen?

E puer Beispiller, wou souguer déi Bürokratie, déi Approche kann d'Sécherheet vun deene Leit am Geheimdéngscht a Fro stellen, zum Beispill de Port d'armes: De Port d'armes, wéinstens a menger bescheidener Aschätzung, dat ass eppes, wat déngschtintern kann décidéiert ginn, wou normalerweis en Direkter vun engem Geheimdéngscht ka soen: „Hei, dat do ass eng geféierlech Missioun, du hëls eng Waff mat."

Hei ass et awer esou, datt den Direkter „peut autoriser" - ganz bürokratesch - den Agent, deen eng Waff brauch, datt deen eng Autorisatioun beim Justizminister muss sollicitéieren, dat heescht bei deem senge Beamten - et ass jo kaum de Minister selwer, dee sech ëm esou Dossiere këmmert -, well en dann eng Waff brauch. Dat heescht, seng Identitéit ass natierlech dann am Justizministère bekannt, seng reell Identitéit. An derbäi kënnt nach: Wat ass dann, wann e se refuséiert kritt vum Justizminister, well e brauch se, sou seet d'Gesetz, fir seng legitimm Défense?

Also hei gi mer an d'Prozedur eran - déi ech kann novollzéien aus dem Geescht vu verschiddene Virriedner, wéi si de Geheimdéngscht gesinn -, mä mir mussen dach kucken, datt de Geheimdéngscht an déi Agenten e Risiko fir eis alleguer op sech huelen! Si infiltréieren Organisatioune vun deem niddregste moraleschen Niveau, an da kommen nach esou bürokratesch Hürden derbäi, déi och nach hir Identitéit a Fro stellen.

Well e Grondprinzip am Geheimdéngscht ass deen, datt desto manner Leit wëssen, wat geschitt, desto manner Leit iwwerhaapt d'Identitéite kennen, desto besser ass et! Well dat si keng Situatiounen, déi sech op der Place publique diskutéieren. Et ass eng grondsätzlech Kritik géintiwwer dësem Gesetzesprojet, datt vill ze vill Leit eigentlech vill ze vill wëssen. Ech kommen am Detail nach dorobber zréck.

Iwwert déi sëlleche Rapporten a Lëschten, déi gemaach ginn, gutt, do kann een déi verschiddenst Meenungen hunn. Wichteg ass awer, datt déi Prozeduren net laangwiereg sinn! Wann en Direkter en Extrait vun engem Casier judiciaire 2 freet, da soll dat direkt kommen! Well hei steet zwar, datt e muss schrëftlech ugefrot ginn, mä wéini kritt en eng Äntwert? Dat sinn alles Saachen an esou Operatiounen, wéi Geheimdéngschter se maachen, dat muss direkt sinn, dat muss séier sinn! Do kënne mer keng Délaie verdroen.

Dann och bei den Observatiounen a Wunnengen - et wor bal witzeg, dat ze liesen -, do steet dann, wann eben de Geheimdéngscht sech an eng Wunneng eramécht, fir verschidde Saache virzehuelen, en Trojaner oder wat och ëmmer unzebréngen, datt de Geheimdéngscht kann an eng Wunneng goen, «le cas échéant», steet do, «sans le consentement du propriétaire ou de l'occupant de ces lieux». Jo, ëm déi geet et jo!

Soll dann elo, wéi dat do juristesch formuléiert ass, herno an engem Prozess gesot ginn: „D'Autorisatioun ass net gefrot ginn!", quitte datt se herno vum Propriétaire oder vum Occupant refuséiert gouf? Firwat esou eng Formuléierung? Firwat seet een net einfach: «le consentement n'est pas requis»? Well dat sinn alles Saachen, déi net realistesch sinn.

Genausou wéi d'Indemnisation des sources humaines. Natierlech kritt ee fir eng wäertvoll Informatioun Suen, wann dat eben de Wee ass, fir eng Informatioun ze kréien: En Numm vun engem Agent, eng Prozedur, eng Plaz, déi wichteg ass fir eng bestëmmt Operatioun, déi ass eben esou vill wäert an da gëtt dat bezuelt. An da steet do, dat wier kee Revenu nom Steiergesetz! Jo, wat hätt Der da wëlle maachen? Dir hätt nach sollen en Impôt libératoire draschreiwen oder esou! „Hei hues de 5.000 Euro a 500 Euro huelen ech zréck wéinst de Steieren."! Dat ass einfach net realistesch!

A wéi déi Servicer fonctionnéieren, et ass vläicht gutt, datt dat an engem Gesetz steet, mä dee ganze Geescht hei, do freet ee sech: Wivill Erfahrung hunn déi Leit, déi esou eppes schreiwen?

Genausou wéi mat den Identitéiten: Eng Identité d'emprunt, dat ass och eppes, wat esou geheim ass an esou wichteg, fir d'Sécherheet vun deene Leit ze schützen, déi ebe sech infiltréieren oder an esou enger Situatioun sinn. An dat geet dann duerch e Comité ministériel. E Comité ministériel: Et ass net, datt ech e Mësstrauen hätt géintiwwer deene Leit, déi an deem Comité sinn, an och scho guer net géintiwwer deenen, déi am Ableck drasëtzen. Och dat ass net ad personam, dat Argument. Mä do heescht et erëm, datt op d'mannst dräi Ministeren, den Délégué à la sécurité a Gott weess wien nach do ronderëm op eemol Nimm kennen an Tarnidentitéite kennen. Och dat ass net gutt!

D'Kontroll allgemeng, fir dorobber anzegoen: Firwat net d'Cour constitutionnelle an deenen dräi Magistraten? D'Cour constitutionnelle ass bei den Droits de l'Homme dat Organ! Firwat net? Ech huelen un, datt dat ass, well d'CSV mat deenen dräi aktuelle Regierungsparteien eigentlech d'Verfassungsgeriicht wëllen ofschafen. Mir als ADR hunn eng aner Approche. Mir wëllen et stäerken! An...

Dach! Den Här Minister kuckt komesch.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Dat stëmmt dach net!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Kuckt Äre Projet fir eng nei Verfassung, do gesitt Der dat!

Dann den Délégué à la sécurité...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- ...steet schonn haut am Text dran! ...

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här Bodry, wann ech gelift! Wann Der eng Fro hutt, da stellt se!

(Interruptions diverses)

Ech kommen och dorop.

Dann den Délégué à la sécurité...

(Interruption)

Dir wëllt d'Verfassungsgeriicht ofschafen, Här Bodry, mir kënnen...

Sou, den Délégué à la sécurité, dat ass eppes, wat och ganz, ganz geféierlech ass. Elo stellt lech emol vir... Dat ass esou de Politkommissar am Geheimdéngscht.

(Brouhaha)

Et ass och e Mësstrauen, et ass en institutionellt Mësstraue géintiwwer dem Direkter vum Geheimdéngscht. Well, elo stellt lech emol vir, den Délégué à la sécurité an den Direkter vum Geheimdéngscht kommen net laanschteneen!

(Interruption)

Och dat si mënschlech Problemer. Dat sinn alles administrativ Konstrukter, déi kënne fonctionnéieren, mä déi wahrscheinlech net ëmmer fonctionnéieren.

D'Commission parlementaire: fir eis an där aktueller Form net akzeptabel! D'ADR, d'Sensibilitéite sinn net dran. Mir verstinn als ADR selbstverständlech, datt mir e Recht hunn, dodran ze sinn, an dorobber besti mer och!

De Comité ministériel, fir domadder opzehalen, well ech gesinn, meng Zäit ass eriwwer, ee Wuert nach zum Comité ministériel. Et gëtt eng individuell ministeriell Verantwortung. De Comité ministériel am Artikel 2 ass beschriwwen als en Organ, dat soll Direktive ginn, eng «politique générale du renseignement», eng «politique en matière de protection des renseignements» an esou weider, oder Données sensibles.

An da stinn am Artikel 8 awer operationell Befugnisser, e gëtt d'Autorisatioun fir Moyens de recherche, en ordonnéiert verschidde Saachen! An da muss ee sech awer froen: Jo, wat ass dann elo de Rôle vun deem Comité ministériel? Ass et e Gremium, fir allgemeng Richtlinnen ze ginn, oder ass et eng operationell hierarchesch Instanz? Dat ass net kloer.

Ech wëll ophalen, wéi gesot, well meng Zäit leider eriwwer ass, mat engem Wuert iwwert d'Primmen. Et ass klenglech, esou eng Diskussioun ze féieren, well wann ee weess, wéi geféierlech et fir déi Leit ass a wat déi alles op sech huelen am Liewen, fir fir eis Sécherheet ze suergen,...

(Interruption par M. Eugène Berger)

Jo, Dir verstitt dat net, Här Berger, well Der wahrscheinlech ni an esou enger Situatioun waart. Mä dat...

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur*.- Mat Leit wéi lech, do hätte mer nach...

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Mä ech wëll ophalen...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Et ass net méi Zäit fir den Dialog. Kommt zum Schluss, Här Kartheiser!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Dat maachen ech gär, Här President. An dat Schlusswuert ass, datt mer hei - vu datt mer alleguer heibannen, vläicht ausser deene lénke Kolleegen, der Meenung sinn, datt mer dee Service brauchen - der Meenung sinn, datt mer em solle Vertraue schenke fir deen neien Ufank an datt mer dann awer och Merci soen deene déi Leit, déi dat do op sech huelen! Well déi, déi d'Aarbecht kennen, wëssen, wat dat do heescht, an et ass wierklech net einfach!

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Den Här Gibéryen erënnert mech mat Recht, Här President, drun, datt ech nach eppes Wichteges net gesot hunn: D'ADR stëmmt dëst Gesetz also net! Merci.

Une voix.- Ah sou!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Et ass gutt, dass den Här Gibéryen nach do ass.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Jo, dat fannen ech och.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Ech och, ech och!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Also, dat gesot, ginn ech d'Wuert direkt weider un den Här Marc Baum, dee virdrun net zu Wuert komm ass, mä deen dann elo seng ganz Zäit zur Verfügung huet, fir all dat ze soen, wat e wollt soen.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. No dësem Zäitsprong an déi déifsten Däischterte vum Kale Krich, déi mer elo grad hei hu misse materliewen, probéieren ech, op d'Realitéit zréckzekommen an d'Situatioun haut.

Ech wëll awer virausschécken, datt de Rapporteur nach keng zwou Minutte geschwat hat, an dunn huet e schonn déi éischt Onwouerecht gesot,...

Une voix.- Ouh?

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- ...näämlech datt déi Lénk de Rapport vun der Enquêtëkommissioun gestëmmt hätten. Och den Här Bodry huet dat duerno gesot! Dat ass awer net wouer.

Mir hunn eis enthalen dozou, an aus zwee Grënn.

Éischtens, well dee Saz am Rapport steet: «L'utilité d'un service de renseignement ne semble pas être mise en question», dat stelle mir a Fro, well fir eis ass dat a Fro gestallt. An zweetens, well och aus der Enquêtëkommissioun erausgeet, datt d'Enquête soll zougemaach ginn. Och do ware mer dergéint. Duerfir hu mer eis enthalen. An duerfir ass et och net politesch inkohärent, wa mer elo och weiderhin dat doten a Fro stellen.

Här President, déi dräi, véier lescht Joren...

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur*.- Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här Baum!

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Jo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Vu dass Dir virdrun d'Fro gestallt hat, ob Der dierft. Den Här Berger wollt eng Bemierkung maachen. Dir kritt dat selbstverständlech och ugerechent.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Da gären.

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur*.- Jo, dat ass och elo net ganz... Ech wollt nach eigentlech just soen, datt ech elo... Bon, den Här Baum huet elo gesot, de Rapporteur hätt d'Onwouerecht gesot oder hinnen eppes ënnerstallt. Ech mengen, wann een dat och herno nolauschtert, ech hu mer ëmmer Méi ginn, fir ze soen eben, datt déi Lénk och an der Kommissioun ganz konstruktiv matgeschafft hunn, mä datt si op enger Rei Punkten eng aner Vue haten. Ech hu versicht awer als Rapporteur, dat objektiv duerzestellen. A wann dat esou ukomm wier, wéi wann ech do hinnen iergendwéi eng Inkonsequenz wéilt virgeheien, da war dat awer sécherlech net d'Intentioun. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci, Här Berger.

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Jo, Merci och fir dës Prezisioun dann, Här Berger.

Här President, déi dräi, véier lescht Jore waren dovunner geprääagt, datt d'Ëffentlechkeet ëmmer erëm op en Neits mat Skandaler ronderëm Geheimdéngschter konfrontéiert gouf. Den amerikanesche Geheimdéngscht NSA huet systematesch d'Tëlefone vun europäesche Statscheffen, Politiker, kuerz, vun europäeschen Décideuren op allen Niveauen ausspionéiert, och hei zu Lëtzebuerg, wéi mer duerch de Whistleblower Edward Snowden gewuer gi sinn.

Eis däitsch Noperen hu ronderëm den NSU-Prozess a sëlleche Bundeslänner Enquêtëkommissiounen agesat, déi zu erschreckenden an entsetzleche Konklusioune komm sinn: Jorelaang huet den däitschen Inlandsgeheimdéngscht ënnert dem Virwand vun der Infiltratioun duerch hir sougenannte V-Männer wesentlech zur Stäerkung vun der organiséierter a mënscheveruechtender rietser Kriminalitéit bäigedroen.

Dëst ass net an iergendwellechen ënnerentwéckelte Länner geschitt, mä bei eisen Noperen zum Deel, bei eise sougenannten Alliéierten, mat deenen och déi lëtzebuergesch Servicer jo haut nach intensiv kooperéieren. An zu Lëtzebuerg huet d'Enquêtëkommissioun 2013 Dysfonctionnementer vum SREL un den Dag bruecht, déi vun enger Gravitéit waren, datt de responsabele Minister säin Hutt huet missen huelen an Neiwahlen décidéiert goufen.

No de Wahlen huet dunn déi nei Regierung versprach, d'Fënstere grouss opzemaachen, an en neie Wand sollt net nëmmen deen ale Mif ewechblosen, mä och opraume mat illegalen an illegitimme Praktike vum Geheimdéngscht. Dat Gesetz hei iwwert de SREL, wat mer haut diskutéieren, sollt een zentralen Deel dovunner sinn.

Här President, den éischten Androck ass heiansdo dee richtegen. A sengem éischten Avis zum SREL-Gesetz vun der fonkelneier liberaler Koalitioun, déi eben aus deem Schaum vun der Debatt iwwert d'Dysfonctionnementer vum SREL gebueren ass, huet de Statsrot, deen nu wierklech net am Verdacht steet, e lénke Fer de lance ze sinn, gemengt: „Bei der Lektür gi mir", also de Statsrot, „den Androck net lass, datt de Projet de loi virun allem als Zil huet, en neie legale Kader ze schafen, deen et erméigleche soll, esou weiderzefuere wéi bis elo, ouni mussen ze fäerten, an Zukunft iwwert dat erauszegoen, wat legal méiglech ass." Op Lëtzebuergesch iwwersat, dat, wat am Avis stoung.

Här President, mir deelen dësen Androck vum Statsrot och nach haut. De Statsrot huet domadder d'Befierchtunge vum däitschen Expert virun der Enquêtëkommissioun, dem Rolf Gössner, bestätegt, datt esou Geheimdéngschtreformen nawell gären duerfir benotzt ginn an dacks domadder ennegen, fir d'Geheimdéngschter ze legitiméieren an ze stäerken, ouni awer wierklech kënnen oder wëllen eppes un hirem Fonctionnement ze änneren.

D'Geheimdéngschter sinn, an där Meenung bleiwe mer unhand vun den historeschen an de rezenten Erfahrungen, Geheimdéngschter si Friemkierper an engem Rechtsstat. Si si Friemkierper an enger Demokratie. Hire Champ d'action ass esou breet opgestallt a beréiert all Zorte vu gesellschaftlechen Entwécklungen, Tendenzen, Meenungen, also genau dat, wat eigentlech d'Wiesen, de Kär vun enger Demokratie ausmécht.

Zweetens sinn déi Moyenen, déi se zur Verfügung hunn, strukturell intrusiv a verletzen domat par définition d'Privatsphär, och vun deene Leit, déi eigentlech net d'Zil vu geheimdéngschtlechen Enquêtë sinn.

Drëttens hu Geheimdéngschter duerch hir international Ramifikatiounen eng Tendenz zur Autonomiséierung a si entwéckelen Eegendynamiken a si kënnen duerfir, véiertens, och net wierklech an net zefriddestellend vun engem Parlament kontrolléiert ginn.

Ech wëll a menger relativ kuerzer Riedezäit op verschidden Aspekter, besonnesch awer deen éischten agoen, wat den eigentleche Champ d'action vum Inlandsgeheimdéngscht ass.

An dësem Projet de loi gëtt den ideologeschen, philosopheschen oder konfessionellen Extremismus, „mat Neigung zur Gewalt" gëtt dann nach bäigesat, elo ausdrécklech an d'Missioune vum SREL opgeholl. Dat steet och esou nach eng Kéier ganz prezis am Commentaire des articles. Et gëtt gesot, den Extremismus wier de Refus, fir an engem normale politeschen, demokrateschen oder parlamentaresche Kader ze debattéieren, deen als eenzege viru politescher Iwwerwaachung soll geschützt ginn. Mä wat ass „normal"?

Ënnersicht gëtt Extremismus „mat Neigung zur Gewalt". Mä wat ass dat, „Neigung"? Et gëtt eis erkläert: „Neigt een zur Gewalt, fënnt eng Radikaliséierung statt. Dës Radikaliséierung ass de Werdegang, wärend deem Leit an en ideologesche Message agefouert ginn, an en Ensembel vu Croyancen, an doduerch encouragéiert ginn, hir moderat Iwwerzeegungen, déi och allgemeng ugeholl sinn, duerch extrem Iwwerzeegungen ze ersetzen."

Gesitt Der, wéi schwammeg déi Begréffer sinn? Wat ass „normal"? Wat ass „anormal"? Wat ass „moderat"? Wat ass „extrem"? Wéi definéiert een „Neigungen" oder „Tendenzen"? Wat sinn iwwerhaapt „Iwwerzeegungen"? Op dëse komplett onklore Begréffer an diffusen Theorien baséiert dësen Text! Dës Notioune maachen d'Dier grouss op fir allméiglech subjektiv Interpretatiounen, an domadder och zur Willkür.

En interessant Beispill vun esou Konfusiounen hu mer beim Deltour-Whistleblower-Prozess viru Kuerzem erlieft, wou e Polizeibeamten, also kee SREL-Mataarbechter, e Polizeibeamten uginn huet, den Antoine Deltour wier Antikapitalist, well en éischtens dat natierlecht Recht vun Entreprisen, kaum Steieren ze bezuelen, géif a Fro stellen an, zweetens, well en d'Internetzeitung „Mediapart" abonnéiert hätt. Eh ben, ech hu mer virgestallt, dat do wieren Extraiten aus dem George Orwell sengem „1984", déi ech géif héieren.

Ass en Antikapitalist, an dat ass awer elo interessant fir de SREL, ass dat en Extremist?

Den Här Kartheiser géif Jo soen.

(Hilarité)

A virun allem, an do kënnt eng aner Notioun mat eran, schuet en Antikapitalist da vläicht den Intérêts économiques vum Land - eng weider Notioun, déi d'Grondlag vun den Aktivitéite vum SREL ass?

Ass eng Ënnerstëtzungsversammlung fir den Antoine Deltour da konsequenterweis eppes, wat vum SREL soll observéiert ginn? No dësem Gesetz jo och vläicht misst ginn? Oder och ginn ass, wéi a verschiddenen Dageszeitunge stoung? Wien definéiert alleguerten déi Begréffer? D'Antwert ass: en fin du compte d'Exekutiv. An dat ass geféierlech!

Mir soll keen erzielen, dat dote Gesetz géif politesch Observatiounen ee fir alle Mol ausschléissen! D'Praxis, an dat huet och d'Enquêtëkommissioun gewisen, war eng aner. D'Enquête huet gewisen, datt haut nach ëmfangräich Lëschte vun Organisatiounen ugeluecht ginn, an deenen hirem Ëmfeld gesicht gëtt.

Mir hunn als Lénk zwee Fäll kënnen opdecke vu Leit aus déi Lénk, vun deenen aktuell Fichen ugeluecht goufen, déi elo duerch d'Interventioun vum Dateschutz zerstéiert gi sinn. Duerfir wësse weder mir nach déi betraffe Persounen, wat drastoung.

Doriwwer eraus hu mer keng Informatiounen iwwert dat, wat de Geheimdéngscht haut an der Praxis ënner „Extremismus mat Neigung zur Gewalt" versteet, iwwregens och net iwwert dat, wat een ënner „intérêts économiques" versteet. Den Här Bodry huet drop higewisen, awer och keng Äntwert dozou kënne ginn.

Mir fannen et bedenklech, well hei keng Strofdoten ënnersicht ginn, mä am Fong geholl gesellschaftlech Phenomeener, déi eigentlech misste Géigestand si vu politeschen oder soziologeschen Etüden. Den „Extremismus" ass näämlech e politesche Begréff.

A keen anere wéi den Här Kartheiser huet dat jo och elo nach eng Kéier versicht kloerzestellen. Offensichtlech, wéi politesch dee Begréff „Extremismus" awer ass - deen, wéi gesot, d'Grondlag ass vun den Aktivitéiten -, gëtt, wann de Premier a Geheimdéngschtchef an ëffentlecher Chambersëtzung engem Deputéierten Extremismus virwërft,…

(Interruption)

Wann ee weess, datt Extremismus eng operationell Kategorie vum SREL ass, ma da si mer an Däiwels Kichen! Aner Deputéiert heibanne kéinten eventuell hir Sympathie fir Streikbewegungen a fir gewësse Stroossenaktiounen a Frankräich weisen, déi vun der franséischer Droite als Lénksextremismus oder souguer Terrorismus bezeechent ginn.

Mir mengen, datt a kengem Fall - a kengem Fall! - politesch Aktivitéiten, och déi, déi als net esou „normal" ugesi ginn, dierfe geheimdéngschtlech iwwerwaacht ginn. A fir Strofdoten a Gewalt, duerfir gëtt et d'Police an d'Gerichter. A wa se awer iwwerwaacht ginn, dann hätte mer zumindest gären, datt den Objet vun deenen Iwwerwaachunge bekannt gëtt.

Mir hunn d'Propos gemaach, datt mer en äänleche Rapport missten hunn, wéi de Bundesverfassungsschutz dat mécht. Et ass esou net ugeholl ginn.

Mir wëssen och, datt an anere Servicer, mat deene mer Relatiounen hunn, politesch Spionage geschitt. De fréiere Procureur général huet op enger rezenter Table ronde iwwert den État d'urgence dovu geschwat.

Här President, Terrorismus an den Terrorismusbegréff zu Lëtzebuerg sinn zënter 2003 politesch beluecht a schéisst wäit iwwert dat eraus, wat d'Leit an och aner Länner ënnert deem Begréff verstinn. D'Saach gëtt net méi einfach doduerch, datt deen nebulöse Begréff elo 2004 an d'SREL-Missiounen opgeholl ginn ass an och elo weidergefouert gëtt.

Nach eng Kéier: De SREL ënnersicht keng Strofdoten, mä Usiichten, déi kéinten iergendwann zu Strofdote féieren, oder och net. Dat ass egal.

Et ware grouss Diskussiounen, konnt een noliesen, an der Institutiounskommissioun iwwert d'Trennung vun den Aufgabe vu Police a Geheimdéngscht. Et ass net gelongen, dat vuneneen ze trennen. Den Expert Gössner huet a sengem Buch dovunner geschwat, datt een iwwerall géif e Prozess gesi vun „Vergeheimdienstlichung" vun der Police a vun „Verpolizeilichung" vun de Geheimdéngschter.

Mä et brauch een net nëmme bis an Däitschland ze goen. De fréiere Procureur général huet e puermol schonn op déi ongesond Vermëschung higewisen, wou Police a Statsanwaltschaften Operatiouns- a Beweismethode vum SREL verënnerlechen.

Dobäi stelle Beweismëttel vun auslänneschen Déngschter grad an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg e groussen Deel vum Inhalt vun der Aarbecht vum SREL duer. An do muss dat net onbedéngt enger parlamentarescher Kontroll ënnerzu ginn. Dat ka geschéien ënner massiver Verletzung vun individuelle Rechter, wéi mer dat bei der Virgeeënsweis gesinn hu beim NSA! Dës Informatioune bilden awer d'Meenung vun eisem Geheimdéngscht.

An ëmgedréit: Souguer wa Verbrieche géifen duerch esou geheimdéngschtlech Aktivitéiten opgedeckt ginn, déi op eisem Territoire a sougenannten internationalen Operatiounen operéieren, da wier et géint hire Wëllen, also géint de Wëlle vun deenen anere Geheimdéngschter, net méiglech, eis Geriichter domadder ze befaassen. Dëst ass e Beispill, wéi konkret Kriminalitéitsbekämpfung kann duerch geheimdéngschtlech Interesse behënnert ginn.

Et gëtt vill Beispiller aus der Vergaangenheet, déi mer kennen, wéi geheimdéngschtlech Informatiounen zu Feelschlëss gefouert hunn. D'Beispill vum Taoufik Kalifi, deen un Tunesien ausgeliwwert ginn ass opgrond vu Geheimdéngschtinformatioune vum tuneesesche Geheimdéngscht, oder d'Fro vun der Madamm Ersöz, der kurdescher Journalistin, all dat weist, datt déi Kooperatiounn an déi international Ramifikatioun eppes ganz Geféierleches sinn.

Wat geschitt dann elo, wann 150 tierkesch Deputéiert, déi hir Immunitéit entzu kruten, elo ënner Terrorverdacht gestallt sinn? A stellt Iech emol vir, déi hätte Kontakter hei mat Lëtzebuerg!

Här President, meng Zäit leeft mer fort. Mä ech mengen, datt den eenzelne Bierger och wësse muss, wat iwwer hien un Date gesammelt gëtt, wann dat géint seng Rechter verstéisst an hien zu Onrecht iwwerwaacht gëtt. Eréischt dann ergëtt iwwerhaapt all parlamentaresch Kontroll an och all geriichtlech Kontroll, och vu spezielle Iwwerwaachungsmesurë wéi Trojaner oder Hausfriddensbroch duerch de SREL a besonnesch grave Fäll, e Sënn.

Ech kann hei leider net weider op déi Diskussioune ronderëm den „Statstrojaner" agoen, mä déi Froen, déi d'CNPD an deem Kontext opwërft an déi och anerer an der ëffentlecher Debatt opgeworf hunn, bleiwen onheemlech pertinent. An dësen Text gëtt keng Äntwert op dës pertinent Froen!

Här President, ech wéilt ganz zum Schluss och nach eng Kéier soen, datt mir natierlech dëst Gesetz net matdroen, datt eis prinzipiell Bedenken iwwert d'Funktiounsaart a -weis vun de Geheimdéngschter oprechterhale bleiwen an datt mer dofir dat heite Gesetz och net votéieren.

Ech wéilt dem Här Kartheiser dann awer déi Fro quasi stellen, ob dann hien der Meenung ass, datt Leit, déi Gruppéierungen, sougenannt extremistesch Gruppéierunge wéi Pegida, op Facebook ënnerstëtzen, ob dat da Leit sinn, déi senger Meenung no sollte vum Geheimdéngscht iwwerwaacht ginn.

Ech sinn där Meenung net! An duerfir kann ech just soen: Ech si frou, datt den Här Kartheiser net méi am Geheimdéngscht ass, weder an eisem nach am russeschen!

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Très bien!

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Jo, ech hunn dem Här Baum déi puer Sekonne méi ginn, fir déi Fro kënnen ze stellen, a ginn da selbstverständlech och déi puer Sekonnen dem Här Kartheiser, fir dorop ze äntwerten. Dir kënnt dat roueg vun Ärer Plaz maachen, et geet ëm e puer Sekonnen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, ech soen Iech Merci. Ech mengen zwar, datt dee Contenu an déi Tonalitéit vum Här Baum senge Bemierkungen iwwert dat erausgeet, wat ech géif als eng einfach Fro considéréieren, mä ech fille mech och perséinlech an enger gewëssener Hisiicht ugegraff. Ech wëll also…

Une voix.- Oh!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- …mat zwee oder dräi Sätz awer äntwerten.

Déi éischt d'Fro: Pegida a Leit, déi dat op Facebook guttheeschen. Ech iwwerloossen et den däitschen Autoritéiten anzeschätzen, ob an hiren Aen Pegida extremistesch ass oder net. Ech fille mech als Lëtzebuerger do net concernéiert. Ech hunn awer eng perséinlech Meenung dozou.

Wéi Pegida geschafe ginn ass, do hate se zéng Grondsätz. Déi hunn ech gelies. An ech mengen, datt mer heibanne wahrscheinlech an enger ganz grousser Majoritéit zu der Iwwerzeegung komm wären, datt Pegida, wéi et ugefaangen huet, op jidde Fall keng extremistesch Bewegung war.

Mir hunn awer eppes gesinn, wat mer hei an och an anere Länner gesinn, dat wor aus politesche Grënn e Refus de dialogue. An ech mengen, deen deet haut verschiddene Parteie wéi, déi dat deemools gesot haten, zum Beispill enger däitscher SPD, déi hir Meenung geännert huet, enger däitscher grénger Partei, déi hir Meenung geännert huet.

An d'Fro stellt sech grondsätzlech, ob an enger Demokratie et gutt ass, den Dialog mat esou Mouvementer ze verweigeren, oder net. Ech mengen net! Ech mengen, et ass wichteg, datt jiddweree mat jiddwerengem ka schwätzen, fir och eng Tendenz zu enger Radikaliséierung ze verhënneren.

Fir déi zweet Fro ze beäntwerten zu de Leit, déi esou Mouvementer op Facebook verfollegen oder deelen: Ech sinn en Unhänger vun der Meenungsfräiheet. Ech géif dem Här Baum et ni verbidden oder iergendengem aneren heibannen, Mouvementer op Facebook ze verfollegen, ze folgen - ech weess net, wéi een dat elo seet - oder Saachen ze deelen, déi him gefalen, déi en interesséieren, déi e fir wichteg hält.

A genausou denken ech, datt d'Meenungsfräiheet muss déi Toleranz opbréngen, och kënne Saache weiderzeginn, déi Verschiddener stéieren, déi kënnen irritéieren, déi kënnen erausfuerderen, déi kënnen zum Dialog opruffen. Mä ech mengen, d'Demokratie lieft dovunner! An et schéngt mer extrem wichteg ze sinn, datt d'Meenungsfräiheet och dat begräift.

An zum leschte Punkt: Ech wëll dem Här Baum nach eng Kéier soen, datt ech zwar fir de Geheimdéngscht geschafft hunn, awer am Optrag vum SREL a fir dëst Land. An e sollt also net probéieren, iergendeppes anescht hei duerzestellen!

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An dann huet d'Wuert dee leschten ageschriwwene Riedner, den Här Gilles Roth.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Merci.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Wie weess, wie vun hinnen alles fir de KGB geschafft huet!

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Oh, ma alleguer!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Sou, wann ech gelift!

M. Marc Baum *(déi Lénk)*.- Also, ech mengen, dat ass emol eppes, wat Der mir…

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Am Moment huet just den Här Gilles Roth d'Wuert!

(Hilarité)

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech enchaînéieren op dat, wat den Här Baum zum Schluss gesot huet. Mir stëmmen zwar, contrairement zu déi Lénk, de Gesetzesprojet mat, mä mat deem, wou hie keng Zäit méi hat, fir drop anzegoen, näämlech op d'Geschicht vun dem Statstrojaner, do wollt ech mech an deenen nächsten zéng Minutten e bësse konstruktiv dermat beschäftegen.

Den Artikel 8 vun dem Gesetzesprojet, dee gesäit näämlech vir, dass an Zukunft de Geheimdéngscht d'Méiglechkeet kritt, fir op e sougenannten Trojaner zréckzegräifen. Mä wat heescht dat eigentlech? Mä dat heescht ganz kloer, dass de Service de renseignement an Zukunft sech kann an informatesch Systemer, sief dat Computeren, Smartphonen, Tabletten an esou weider, aschleisen; dat andeems Agente vun dem SREL kënnen an d'Privatwunnenge vu Leit eragoen, fir esou en Trojaner ze placéieren, oder andeems d'Autoritéiten esou en Trojaner online iwwer Distanz an e Computer kënne placéieren.

Esou en Trojaner, dee bitt effektiv wäitgräifend technesch Méiglechkeeten. Den Trojaner, dee viséiert net nëmmen de Kär vun der Privatsphär vun de Leit, géint déi enquêtéiert gëtt, mä e viséiert, dat gewollt oder ongewollt, och d'Privatsphär vun onbedeelegten drëtte Persounen.

An all Aschränkunge vun de perséinleche Fräiheete vun dem eenzelne Bierger, déi mussen awer vereinbar si mat de Prinzipie vun dem Rechtsstat. Si mussen duerfir, éischtens, per Gesetz legitiméiert sinn a si mussen, zweetens, Här Berger - och wa mer bal déiselwecht Krawatt hunn - enger strikter Kontroll ënnerleien.

(Brouhaha)

An all Agréff op den eenzelne Bierger, a mir schwätzen hei wierklech an aller Seriositéit vun Agréffer an de Kärberäich vun dem private Liewe vun de Leit, dee muss och kënnen op seng Rechtméissegkeet a virun allem op seng Verhältnisméissegkeet vun de Mëttele gepréift ginn, well och an dësem Beräich hellegt deen nobelsten Zweck net all Mëttelen.

An d'Grondprinzipie vun dem Rechtsstat, déi dierfen och net am Kampf géint den Terrorismus a Fro gestallt ginn, well och dat mécht eng demokratesch Gesellschaft, déi mer hei zu Lëtzebuerg sinn, aus.

D'CSV, an ech ënnersträichen et, seet Jo zu dësen neien Iwwerwaachungsmethoden, well d'Kriminalitéit…

(Interruption par M. Alex Bodry)

Här Bodry!

D'Kriminalitéit, déi huet, Här Bodry,…

(Interruption)

…näämlech haut en anert Gesiicht, wéi se dat nach viru Joren hat, mä d'Kontroll, Här Bodry, déi muss och sinn. Abuse musse verhënnert kënne ginn an d'Rechter vun de Leit musse garantéiert bleiwen, dat besonnesch, well déi Mesurë vum Geheimdéngscht eng preventiv Natur hunn an net virdrun also duerch en Untersuchungsriichter ënnert der Kontroll vun dem Geriicht autoriséiert sinn.

Mä ebe grad oder, géif ech soen, och dofir kann et geschéien, dass de Kär vun de Privatleit hirer Intimsphär duerchliicht ka ginn a sech herno vläicht erausstellt, dass dësen Agréff

iwwerhaapt net begrënnt war. A grad hei bleift de Gesetzesprojet, iwwert deen haut eis Chamber ofstëmmt, awer onprezis a vag. An ech mengen, wann et néideg ass, musse mer dat nobesseren. An dat ass d'Responsabilitéit vun eis all. An ech soen och ganz kloer: Dozou steet d'CSV!

De Gesetzesprojet gesäit sécherlech vir, bei wat fir enge Strofdoten en Trojaner kann agesat ginn, mä d'Form, wéi den Trojaner kann agesat ginn, d'Kontroll iwwert den Trojaner, déi si weider net an dem Gesetzesprojet festgeluecht.

De Rapport vun der Institutiounskommissioun vum Här Berger hält fest, «qu'il incombera au pouvoir exécutif de s'assurer que les dispositifs techniques mis en place répondent à des critères de qualité rigoureux». Dat steet an dem Rapport. An dat war och den ausdréckleche Wonsch, mengen ech, vun der gesamter Kommissioun. Ech géif och soen: Dat ass fein a gutt. De Gesetzesprojet, dee preziséiert net, wat fir eng Finalitéit awer deen Trojaner soll hunn, wéi eng Form vun Donnéeën, Kommunikatiounen an Dokumenter kënne gekuckt ginn.

Duerfir eng Rei Froen: Geet et drëm, fir lafend Internetkommunikatiounen, déi zum Beispill via E-Mail, Skype oder Chat gemaach ginn, ofzefänken? Oder geet et drëm, eng Raumiwwerwaachung ze maachen, andeems den Trojaner d'Webcam um Computer vu private Leit iwwert d'Lautsprecher aktivéiert an esou d'Biller an d'Gespréicher aus enger Wunneng bei de SREL iwwerdréit? Wat geschitt, wann onbedeelegt Drëtter an der Wunneng sinn? Ginn déi mat ofgelauschtert? Ginn deenen hir Biller mat iwwerdroen oder opgezeechent?

Au vu vun der Jurisprudenz vun dem Geriicht fir d'Mënscherechter zu Stroossbuerg sinn awer Zweifel ubruecht, dat soen ech ganz éierlech, ob esou en Agrëff mat dem Prinzip vun der Proportionalitéit, also der Verhältnisméissegkeet vun de Mëttelen, am Aklang ass.

Oder eng aner Fro: Sollt et esou wäit goen, dass all d'Donnéeën an d'Dokumenter, déi an engem Computer vun enger Privatpersoun stockéiert sinn, kënnen erofgeluede ginn, also d'Liewe vun enger Persoun bis an de privatsten, bis an de sensibelsten Detail kann duerchliicht ginn?

Esou Froen, déi däerfen op Dauer, soen ech, an engem Rechtsstat net onbeäntwert bleiwen. De Gesetzesprojet gëtt eiser Meenung no net am vollen Ëmfang doriwwer eng Äntwert. A mir stëmmen dat haut mat, mä nach eng Kéier gesot: Mir verschléissen eis selbstverständlech net an ënnerstëtzen ausdrécklech eng Nobesserung, wa se dann néideg ass, op dëse Punkten.

An déi national Dateschutzkommissioun an eis national Mënscherechtskommissioun, déi hunn och fundéiert Avisen zu der Asetzung vun den Trojaner ginn, an zwar an hiren Avisen vum Februar respektiv vum Mäerz dëst Joer. Dëst war zwar am Kontext vun dem Gesetzesprojet 6921 vun dem Justizminister iwwert d'Sécherheetsmoossnamen am Kampf géint den Terrorismus, mä d'Konklusiounen, wat de Statstrojaner dovunner betrëfft, déi, mengen ech, kann een och op dëse SREL-Projet de loi iwwerdroen.

An deem Kontext sot an hirem Avis den 9. Mäerz 2016, also viru genau dräi Méint, déi national Mënscherechtskommissioun op enger ganzer Rei Punkten, wéi si d'Lag vun der d'Situatioun gesäit, a mécht och eng Rei vu Recommandatiounen, déi een an dësem sensibele Beräich vun dem Schutz vun der Privatsphär sécherlech net däerf ausser Uecht loossen.

D'Mënscherechtskommissioun, déi national, déi fuerdert vu Fall zu Fall eng prezis Beschreiwung vun den informateschen Daten, déi kënne captéiert ginn, prezis Autorisatiounsprozeduren an effikass Kontrollmechanismen: Wie kontrolléiert an der Praxis d'Installatioun vun dem Trojaner a wie kontrolléiert duerno och seng Desinstallatioun? Wie kontrolléiert d'Donnéeën, déi erofgeluede ginn? Wie kontrolléiert, wéi eng Dokumenter gehale ginn, well se eppes mat der Missioun vun dem Geheimdéngscht ze dinn hunn, a wat fir eng Daten net däerfe gehale ginn?

An Däitschland, do huet d'Bundesverfassungsgeriicht schonns 2008 décidéiert, dass de Législateur garantéiere muss, dass de Kärberäich vun der Privatsphär, deen näischt mat der Infraktioun ze dinn huet, net däerf touchéiert ginn. An hirem Avis weise souwuel d'Dateschutzkommissioun wéi och d'Mënscherechtskommissioun ausdrécklech dorop hin.

Elo kënnt Der natierlech soen: „Jo, dat ass Däitschland, a mir si Lëtzebuerg." Allerdéngs seet d'Mënscherechtskommissioun an hirem Avis och kloer an däitlech: «La CCDH», also «la Commission consultative des droits de l'Homme invite le législateur à prendre en considération la jurisprudence et la législation existante en Allemagne afin de garantir la proportionnalité et la nécessité des mesures envisagées.» Dat heescht: Si recommandéieren, dass een déi Standarden och op Lëtzebuerg iwwerdréit.

A Frankräich, Här President, ginn d'Enregistrementer, déi den Trojaner mécht, scelléiert an agespaart. Et muss och an engem Procès-verbal beschriwwe ginn, wéi eng Donnéeën iwwerhaapt kënnen zréckgehale ginn. All Donnéeën iwwert d'Privatliewen, déi net am Zesummenhang mat der Missioun stinn, mussen zerstéiert ginn.

D'Politik, an do ziele mer eis all derzou, muss all dës fundamental Rechter vun de Leit duerch prezis Autorisatiounsprozeduren an herno och duerch onofhängeg Kontrollmechanisme garantéieren.

Wie programméiert den Trojaner? Dat ass och eng Fro! Mir sollen eis zu Lëtzebuerg sécherlech net méi schlecht maachen, wéi mir sinn. Mä hu mir iwwerhaapt déi technesch Mëttelen, fir esou en Trojaner ze entwéckelen an ze kontrolléieren, virun allem?

An Däitschland erlaabt d'Bundeskriminalamtgesetz zënter 2008, lafend Internetkommunikatioune mëttels Trojaner ze iwwerwaachen. An Däitschland hat de Stat an enger éischter Phas mat enger privater Firma zesummegeschafft, fir den Trojaner ze entwéckelen. 2011, also dräi Joer duerno, huet sech erausgestallt, dass déi Software vill méi wäit an d'Privatsphär agräife konnt, wéi dat d'Gesetz iwwerhaapt erlaabt huet. Och haten Hacker et fäerdegbruecht, Zougrëff op Donnéeën ze kréien, déi iwwert den Trojaner gesammelt goufen. Véier Joer - véier Joer! - huet d'Bundeskriminalamt do duerno gebraucht, fir selwer en Trojaner ze entwéckelen, deen dem gesetzleche Kader entsprécht.

Duerfir d'Fro: Wie soll dat hei zu Lëtzebuerg da maachen? Wie soll esou en Trojaner entwéckelen? A gedenkt do d'Regierung op Hëllef vun auslännesche Servicer oder vu private Betriber zréckzegräifen?

D'CSV ass der Meenung, dass een am Sënn vun dem Rechtsstat d'Bestëmmunge vun dem Gesetzesprojet iwwert de SREL betreffend d'Asetze vu Statstrojaner wann néideg sollt nobesseren an dat zesumme kucke mat dem Gesetzesprojet 6921 iwwert déi sougenannt Sécherheetsmoossnamen am Kampf géint den Terrorismus, wou sech eng äänlech Problematik, wéi ech dat virdrun ugedeit hunn, wäert stellen a wou den Avis vun dem Conseil d'État, also eisem Statsrot, op deem sensibele Punkt do jo och nach aussteet.

Här President, an der leschter Institutiounskommissioun huet op Nofro vun der CSV d'Regierung d'Texter vun de Projets de règlements grand-ducaux iwwert d'Datebanke beim SREL déposéiert.

Här Statsminister, Dir hätt dat net misse maachen, well et si Reglementer vun der Regierung, also vun der Exekutiv, an dass Der et gemaach hutt, ier mer de Vott huelen, dat éiert lech an d'Regierung.

Une voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Entspriechend Projeten, muss een och soen, ouni an der Vergaangenheet awer ze déif ze gruewen,…

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Besser net!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- ...déi waren…

(Hilarité)

Mir si fein, Här Bodry.

Déi waren 2013...

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Mir si ganz fein mat lech!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- …och schonns vum deemolege Statsminister Jean-Claude Juncker deponéiert ginn an och vun der Dateschutzkommissioun relativ positiv, muss een awer soen,…

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- ...2004...

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Loosst mech ausschwätzen!

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Néng Joer!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Ech soen, a bedaueren, Här Bodry,…

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Bravo!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- ...och kloer, dass et deemools néng Joer gebraucht huet, bis dës Projets de règlements grand-ducaux virgeluecht gi sinn.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- An néng Joer sot Der näischt dozou!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wann ech gelift! Wann ech gelift, just den Här Roth huet am Moment d'Wuert. Här Roth, loosst lech net beiren! Fuert weider!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Neen, esou séier net, Här President.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Okay! Ah, wann Der mer dat sot…!

(Interruption)

M. Gilles Roth *(CSV)*.- An duerfir kucken ech och elo, séier d'Kéier ze kréien, a soen lech,…

(Hilarité)

…dass ouni d'Enquêtëkommissioun, ouni d'Enquêtëkommissioun et vläicht souguer nach e bësse méi laang gedauert hätt.

Une voix.- Ah!

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Elo, dräi Joer méi spéit, Här President, läit dann deen neien Text um Dësch. An deen differenzéiert sech, wat seng Struktur ugeet, nëmme minimal vum Text, deen d'Commission d'enquête an d'CNPD 2013 zougestallt kritt hunn, wat jo u sech eng gutt Saach ass. An duerfir just e puer Detailfroen.

Am Detail näämlech schéngt et, wéi wann deen neien Text vun de Règlements grand-ducaux awer vläicht e bësse méi geheimdéngschtfrëndlech, fir dat dann emol esou auszedrécken, a manner favorabel a puncto Sécherheet fir de Bierger wier - op eenzelne Punkte just -, wéi dat 2013 bei de Règlements grand-ducaux de Fall war.

Firwat? Mä den Artikel 3 mat der Oplëschtung vun den Donnéeën, déi an der Datebank vun dem Geheimdéngscht kënne gespäichert ginn, deen ass largement manner prezis eréi 2013. Dat neit Reglement erlaabt näämlech, all perséinlech Donnéeën ze stockéieren, déi de Geheimdéngscht am Kader vu sengen Operatiounen erhieft.

Am Reglement vun 2013 waren 23 prezis Kategorië vu perséinlechen Donnéeë vu physeschen a moralesche Persounen opgezielt ginn. An hirem Avis iwwert de Reglement vun 2013 hat d'Dateschutzkommissioun souguer gefrot, fir dës 23 Kategorien nach méi ze preziséieren.

An duerfir ass eigentlech meng Fro: Wat sinn d'Ursaachen, firwat dass op dësem Punkt d'Regierung hei eigentlech de Wee zréckgeet an net méi prezis Kategorien, esou wéi dat vun der CNPD gefuerdert war, afeiert?

Den Artikel 4 vun dem Projet de règlement grand-ducal, dee gesäit vir, dass eréischt zéng Joer, nodeems eng perséinlech Donnée vun engem Bierger an d'Datebank vum Geheimdéngscht agedroe gouf, muss gekuckt ginn, ob de Geheimdéngscht dës Donnée nach iwwerhaapt brauch. Zéng Joer! Am Reglement vun 2013 huet missen all fënnef Joer kontrolléiert ginn, ob de Geheimdéngscht dës Donnéeën nach brauch. D'Dateschutzkommissioun, déi war souguer méi wäit gaangen an hat deemools gefrot, fir souguer eng Iwwerpréiwung ze maachen an enger Zäitlimitt vun all dräi Joer.

Och do meng Fro un d'Regierung: Firwat eigentlech dëse Réckschrëtt an der Zäit, dat heescht, dass een erlaabt, zéng Joer laang Donnéeën ze stockéieren, ouni dass dat muss kontrolléiert ginn?

Den Artikel 9, dee gesäit vir, dass d'Données de journalisation - wat ass dat? Mä dat sinn déi Donnéeën, déi ee brauch, fir ze kontrolléieren, wéi en Agent Zougrëff op wéi eng Donnée geholl huet - musse just nach dräi Joer - also dräi Joer - gehale ginn. Am Reglement vun 2013 waren dat zéng Joer, also méi wéi dräimol méi laang. Dëse Réckschrëtt schränkt sécherlech d'Aarbecht vun de Kontrollautoritéiten zum Deel awer massiv an. An anere Wierder kann d'Kontrollautoritéit hire volle Contrôle just iwwert déi lescht dräi Joer maachen, de Geheimdéngscht dierf d'Donnéeën awer vill méi laang a senger Datebank halen. Dat ass, fir mech perséinlech zumindest, onlogesch. An dat schéngt mer och net am Geescht vun de Konklusioune vun der Enquêtëkommissioun ze sinn.

Och do d'Fro un d'Regierung: Wat fir eng objektiv Argumenter gëtt et, fir dee Réckschrëtt ze maachen?

Ze bemierke schlussendlech, dass am Reglement vun 2013 déi Persounen, déi en Accès op d'Données de journalisation haten, limitativ opgefouert waren. Dat neit Reglement gesäit net vir, wien all d'Données de journalisation dierf kucken a virun allem ënneren.

Duerfir ofschléissend, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV stëmmt Jo zu dësem Gesetzesprojet a mir droen dee mat. An deem Sënn sinn dës Remarquen an engem konstruktive Geescht ze verstoen. A mir wäerten eis och abréngen, fir all eventuell Nobesserungen am Sënn vum verbesserte Rechtsstat ze ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Roth. Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert, géif ech emol unhuelen, huet elo direkt de Premier- a Statsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt vläicht direkt, fir dem Här Roth ze äntwerten: D'Règlements grand-ducaux si Projete vu Règlements grand-ducaux. Mir hu se elo un d'CNPD geschéckt an och un de Conseil d'État. A mir wäerten d'definitiv Versioun dann unhuelen, wa mer och déi zwee Avise bis hunn. Ech soen lech Merci och fir Ären Input, mä, wéi gesot, déi definitiv Versioun ass nach net adoptéiert. Mä ech wollt, en toute transparence, esou wéi Der och gesot hutt, lech se awer matdeelen. An dofir och Merci fir den Input!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och all den Orateure Merci soen. Hei ass e wichtegen Text. E wichtegen Text, well, wa mer déi zwee grouss Kapitelen am Fong vun deem Text géife resüméieren, wier et eng Kéier: méi kloer definéiert Missiounen, an op där anerer Säit: eng kloer strukturéiert Hierarchie, an och wéi eng Moyenen dierfe benotzt ginn a wéi de Fonctionnement och ass. An de Contrôle, wéi dee sollt organiséiert ginn, deen internen an externe Contrôle och virun allem.

Ech ginn net an den Historique an iwwer firwat, wéi, wat oder wou. Dësen Text hunn ech hei op der Tribün déposéiert den 2. Abrëll 2014. An där Zäit sinn d'Avise komm vum Conseil d'État, vun der CNPD, vun de Beruffschamberen, vun der Mënscherechtskommissioun. An am Fong hate mer iwwer zwee Joer elo Zäit, fir iwwert déi verschidden Detailer - an ech soen och Merci dem President vun der Kommissioun -, eben och zesummen ze kucken an en Text ze maachen, deen de Realitéiten entsprécht.

Ech si mer bewosst, dass bei verschiddene Leit, wéi d'Aarbechten ugefaangen hunn, e gewëssent Mësstraue war vis-à-vis vun engem Service, well een ebe gesinn huet, dass een als politesch Autoritéit vläicht net déi néideg Kontroll hat, dat néidegt Vertrauen hat vis-à-vis vun engem Service, deen awer ganz, ganz wichteg ass am Fonctionnement vun engem Stat! An ech mengen, dass en gros - an ech wëll elo net hei falsch verstane ginn - awer eng grouss Majoritéit hei am Sall d'Wichtegkeet vun engem SREL an och, dass et esou e Service gëtt, awer net a Fro stellt.

Ech hu gesot „eng grouss Majoritéit", Här President, fir den Här Baum, net dass ech falsch verstane ginn.

D'Basis vun der Aarbecht, déi mer gemaach hunn, woren d'Recommandatioune vun der Enquêtëkommissioun, a firwat och awer eng Rëtsch vu Punkten hu missen nach drakommen, ass och d'Entwécklung: d'Entwécklung an de leschte Jore vun der Technologie, a fir eis eben och un d'Realitéiten unzepassen.

Mir hu matkritt déi lescht Wochen, Méint a Joren, dass jonk Leit, déi gëschter keng Virgeschicht haten, op eng Kéier a Syrien sinn a kämpfen, a wou Elteren an aner Leit iwwerhaapt net matkritt hunn, wéi eng Radikalisatioun doheem bei hinnen am Zëmmer geschitt ass! Doheem am Zëmmer! An dass se iwwer Videoen, iwwer Facebook, iwwer Kontakter, déi se geknäppt hunn, vu gëschter engem, dee keng Geschicht hat, haut zu Kämpfer gi si fir den Islamesche Stat. Jo!

An de SREL huet eng preventiv Roll. A mir alleguerte wëllen évitéieren, dass jonk Leit ouni Geschicht och vun haut op muer op eng Kéier op eng terroristesch Bunn kommen.

Den Avis vum Conseil d'État wor och ganz wichteg. A wat fir eis elo wierklech bedeitend war, wor, déi éischt Saach, dass kloer definéiert géif ginn, wéi eng Missioun de Service sollt hunn. An Zukunft wësse mir genee, wat mir vun engem Service de renseignement ze erwaarden hunn, wat seng Aufgabe sinn an och, wou d'Limitten - wou d'Limitten! - vu senger Missioun sinn. Et ass kloer definéiert, wat se kënne maachen a wat se net kënne maachen!

An hei ass scho gesot ginn, dass de politesche Volet ausgeschloss ginn ass, mä et ass awer nach méi wichteg, ze soen, wat se kënne maachen! Well wa mer just eppes ausschléissen an net kloer definéieren, wat awer d'Missioun ass, kéint ee sech och d'Fro stellen, wou dann déi Missioun och géif ophalen.

D'Definitioune vun den Aktivitéiten, déi se och maachen, ass, d'Menace virun allem ze évitéieren. An d'Menace, och déi muss gutt definéiert ginn. An déi ass net vum Service selwer, wou se

definéiert gëtt. Dat ass och wichteg, dass een net e Service huet, dee selwer décidéiert, wat wichteg ass oder net. Dir hutt virdrun eng Hierarchie, an ech brauch elo net an den Detail ze goen, wat den Direkter kann erlaben, wat de Comité...

An ech sinn och ganz dankbar, Här President, dass de Vizepremier an de Justizminister och heibanne bliwwe si fir de ganze Suivi vun deenen Debatten, well dat sinn - wann dobausse jo net gesot ginn ass, wien, wat derbäi géif sëtzen -, dat sinn déi zwee Ministeren, déi mat mir zesumme mat de Leit vum SREL déi wichteg Etappen zesummen diskutéieren! Et ass net hei eng Décharge vun engem Premier, deen net d'Verantwortung wéilt droen!

Et ass am Text jo kloer, dass de Premierminister och responsabel ass vum SREL. Mä ech sinn der Iwwerzeegung, dass et gutt ass, dass déi Persounen, déi d'Justiz an och d'Force publique bei sech hunn, awer och au courant sinn iwwer wat geschitt an och zesummen en Échange kënnen hunn a mir dann d'Vertraue ginn, wann Décisiounen ze huele sinn, wou mer mat hinnen zesummen awer och eng breet Consultatioun haten.

An déi Aktivitéiten, Här President, ech hunn et virdru gesot, déi si kloer opgezielt an engem Artikel. Dat sinn den Espionnage, d'Ingérence, den Extrémisme à propension violente, d'Prolifération d'armes de destruction massive, etc. an etc.

Wat wichteg och an deem doten Dossier ass: dass och duerno, wann den Direkter bis eng Propos gemaach huet, awer och dee Comité - well hei ass virdru gesot ginn: Wat ass eng Menace? Wat ass d'Proportioun? Wéi, wat oder wou? - eben zesumme mam Service en Échange huet, fir och déi definitiv Décisioun ze huelen.

Déi Décisioun, déi mir huelen, Här President, ass net eng, déi aus der Loft gegraff gëtt. Dat ass eng Décisioun, déi vu Riichtere validéiert ginn ass. Dat ass eng, wou se gréng Luucht vun engem Direkter kritt hunn, dee gesot huet: „Jo", déi vu Riichtere gesot kritt hunn: „Jo", an déi bei eis kommen, fir déi lescht definitiv Ënnerschrëft ze kréien, fir déi Mesuren och kënnen ze huelen.

Dowéinst ass et fir eis wichteg, dass déi dote Punkte kloer sinn. Dat heescht, wat ee ka maachen, wien et ka maachen an och duerno, wann et bis gemaach ass, wien et kontrolléiert! Dat op externer Basis. An dat ass an der parlamentarescher Kontrollkommissioun, déi immens wichteg ass, well se och eng Fuerderung war, déi mer jorelaang haten. An elo ënnert der Presidentschaft vum Claude Wiseler schéngt se jo awer och gutt ze fonctionnéieren an och e gudden Échange ze hu mat de Vertrieder vum SREL.

Den Delegéierten ass och net e Fusibel fir mech. Den Delegéierten ass, an et ass och virdru gesot ginn, dat ass déi Persoun, där et awer méiglech ass, fir bei deene Sitzungen a bei deem „everyday business" vun engem Service de renseignement derbäi kënnen ze sinn. Et ass eng Vertrauenspersoun, déi de Ministère d'État an de Premierminister representéiert an déi dann och den „daily business" matkritt. Huelt mer et net iwwel, dass ech net all Dag kann am SREL sinn, fir ebe bei Décisiounen, déi ze huele sinn, och dat kënnen ze maachen. An dowéinst ass déi Persoun, den Delegéierten, deen, deen dann eben och do derbäi ass.

Mir hunn de Comité ministériel, mir hunn den Avis vun de Magistraten. Dat heescht, dee Contrôle externe ass do an deen ass och fir eis ganz, ganz wichteg.

Zu de verschiddene Punkten, déi hei just soulevéiert gi sinn, wéi zum Beispill déi prezis Fro vum Trojaner, deen do kéint Toun ophuelen oder Biller ophuelen, muss ech soen, dass ech der Meenung sinn, dass mer am Paragraf (2) vum Artikel 8 d'Prezisioun jo hunn, dass et ass fir «des méthodes destinées à l'observation dans un lieu privé qui n'est pas accessible au public». An dat ass jo am Fong fir d'Leit opzehuelen och geduecht. Dat heescht, wa mer d'Leit géifen ophuelen, géif dat éischter fir mech an den (2) fale wéi an den c) vun deem Trojaner, well et ass jo eng Mesure, wou een d'Leit ophëlt, den Toun an och Biller kann ophuelen. Mat enger Webcam kéint een dat jo och maachen.

Mä wéi gesot, Dir hutt och d'Fro gestallt iwwert den Trojaner. Ech wëll elo net hei op der Tribün - an Här President, ech hoffen, d'Deputéiert versti mech awer - soen, bei wiem mer et bestellen, wie wat gemaach huet, bei wiem et ass. Et sinn och verschidde Saachen an deem dote Service, wou ech lech elo just ka soen, dass den Trojaner net hei zu Lëtzebuerg kaaft ginn ass, mä am Ausland kaaft ginn ass. Mä frot mech net elo, fir hei op der Tribün verschidden Donnéeën ze ginn!

Et si verschidden Deputéiert, déi eis och ëmmer soen: „Hei, kënnt Der eis soen, wat dem SREL seng Missioune sinn?" De Prinzip vum SREL ass jo eng preventiv Missioun. An dofir ass et awer och immens wichteg, Här President, an ouni elo wëllen eppes ze verstoppen, mä dass awer och d'Aarbechte vum SREL op operationeller Basis musse kënnen diskret behandelt ginn, well soss huet et kee Wäert, e SREL ze hunn, wann een op der Place publique muss diskutéieren, wat se maachen.

Ech wëll just hei betounen - well et ass jo och gesot ginn, dass jo verschidde Mesurë ganz intrusiv sinn, wéi zum Beispill bei de Leit e Mikro kënnen ze installéieren oder eppes opzehuelen -, dat ass awer wierklech limitéiert am Paragraf (2) bei der Matière vun Terrorismus!

An ech hunn et schonn och op enger anerer Plaz gesot, Här President, dass et a mengen Ae fir d'Bekämpfung vum Terrorismus..., well et muss ee jo wierklech Punkten hunn! Et ass jo net, dass elo einfach e Sammelsurium vun Trojaner installéiert géife ginn oder vu Mikroe géifen installéiert gi bei Leit. Et muss jo schonn awer eng Indikatioun sinn, dass do eng Méiglechkeet och besteet, dass een an déi Richtung kéint goen an, wéi gesot, soubal Informatiounen do sinn, déi och un de Parquet weidergeleet ginn. Well mir sinn eis jo och do eens, dass dat déi sinn, déi dofir kompetent sinn. Dass déi also bedéngt si just fir en cas de terrorisme an deem dote Fall vum Paragraf (2), an dofir ass et a mengen Aen immens wichteg, dass mer och déi Moyenen eis ginn, fir awer den Terrorismus, och wann et intrusiv Moyene sinn, och kënnen ze bekämpfen.

Här President, ech ginn elo net op dee ganzen Historique an. Ech hunn et scho virdru gesot, déi meescht Riedner hunn et schonn zitéiert. Fir mech ass et wichteg, dass mer just elo... An ech wëll och net op d'Primm agoen. Mir hu gekuckt wierklech, de But ass jo net, fir iergendengem eppes ewechzehuelen! Hei gëtt jo gemaach, wéi wa mir d'Aarbecht vun de Mataarbechter vum SREL net géifen honoréieren. Et ass keen heibannen, kee vun deene 60 Deputéierten a vun den 18 Regierungsmemberen, deen der Meenung ass, dass d'Aarbecht vum SREL net eng schwéier Aarbecht ass an net eis Unerkennung soll kréien. Keen huet dat hei behaapt!

Mir hunn awer en Avis vum Statsrot kritt, deen de Risk mat sech bruecht huet, dass d'Primm ganz géif ewechfalen, wou duerno eng gréisser Zomm géif ewechfalen. An déi Leit vum SREL, mir sinn eis däers och bewosst... An ech mengen, d'Primme leie jo tëschent 21.600 a 27.600 Euro, wat eng Unerkennung och ass vis-à-vis vun där Aarbecht, déi se maachen. An elo, mat där Dispositioun, wou mer soss e Risk gehat hätten, dass Dausenden an Dausende vun Euro ewechgefall wären, elo, wou déi Primm jo, déi net pensionnabel war, als pensionnabel erkläert ginn ass, mécht dat en Ënnerscheed vun 147 Euro d'Joer.

Mir wollten net de Leit vum SREL déi Primmen - Prime d'astreinte oder Prime de risque oder déi Prime générale, déi se am Moment hunn - ewechhuelen, mä mir wollten déi verteidegen esou vill wéi mer konnten. An dofir, mengen ech, dass mer vis-à-vis vun deem Montant, deen ech elo just zitéiert hunn, déi 147 Euro, an deen nach, wéi scho vu verschiddene Leit hei gesot ginn ass, wann déi ganz Aarbecht iwwert d'Primmen diskutéiert gëtt... Mir musse kucken, wéi mer vläicht kënnen, fir dass d'Leit och näischt verléiere vis-à-vis vun der Aarbecht, déi se maachen, och bei de Leit vum SREL eng Léisung fannen.

Mä wéi gesot, dat doten, den Text wier soss blockéiert gewiescht, mir hätten eng Opposition formelle vum Statsrot kritt. A mir hunn eis och engagéiert - Dir wësst jo, dass och zwou Conciliatiounssitzungen och waren -, dass dat doten net de Prinzip ass, deen d'Regierung wëllt hunn. Au contraire! Mir wëlle kee Précédent heimadder schafen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, wa mer haut den Text stëmmen, mat deem mer e moderne Service de renseignement kréien. Mä ech wëll hei net ophalen, ouni lech awer ze soen, dass ech der Madamm Woltz an hirer Équipe, als Direktesch an zesumme mat all hire Mataarbechter, e grousse Merci wëll soen a virun allem och hei offiziell mäi Vertrauen ausdrécken. Et ass e Service, dee keng einfach Tâche huet. Et ass e Service, deen ech als Premierminister brauch fir eben déi wichteg Tâchen, déi an engem Statsministère och sinn, fir d'Sécherheet vun dësem Land ze garantéieren, an dee mat ee vun den Haaptakteuren ass.

An ech brauch se net nëmmen eleng als Statsminister, mir brauche se alleguerten, wa mer an enger Gesellschaft wëlle liewen, wou awer d'Libertéiten net duerch Fanatiker zerstéiert ginn oder an där net verschidde Leit, well se eben eis Wäerter, déi mir hunn, wëllen zerstéieren, dann op eng Kéier d'Iwwerhand géife kréien.

Dowéinst, et ass keng Observation politique, dat hei ass preventiv. An ech maachen der Madamm Woltz richteg Vertrauen, fir dass déi Aarbecht och gutt gemaach gëtt! Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Statsminister.

An ech géif lech proposéieren, dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6675 iwwerzegoen.

(Interruptions et hilarité)

Jo, wa mäin...

Plusieurs voix.- Et geet net!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ah, voilà, d'Maschinn ass lancéiert!

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Et ass en Trojaner drop.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6675 et dispense du second vote constitutionnel

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

(Brouhaha)

Plusieurs voix.- Mäin Apparat geet awer net!

M. Claude Haagen *(LSAP)*.- Dir musst ënnen do drécken!

Mme Claudia Dall'Agnol *(LSAP)*.- Aah oui! En ass awer gaangen!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Här President, den Apparat geet net!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Geet Ären Apparat net?

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Ech hu keen Zougrëff.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Majo da maache mer dat manuell.

D'Ofstëmmung ass eriwwer. Ech hunn zwar déi 60 Stëmmen.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Et ass gaangen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Ass et gaangen? Ah okay. Dat war d'Undroung.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Mat Retard.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Besser spéit ewéi ni.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- De Projet de loi ass mat 55 Jo-Stëmme géint 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm (par Mme Martine Mergen), Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An et bleift mer just nach d'Fro ze stellen, ob d'Chamber bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Jo, dann ass dat esou décidéiert.

4. 6960 - Projet de loi portant création d'un Comité pour la mémoire de la Deuxième guerre mondiale et portant

1. modification de la loi modifiée du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant;

2. abrogation de la loi du 20 décembre 2002 portant création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance;

3. abrogation de la loi du 4 avril 2005 portant création a) d'un Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé; b) d'un Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé

A mir géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et ass de Projet de loi 6960 fir d'Schafung vun engem Comité fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Bodry.

(Consultation interne)

5. 6675 - Projet de loi

1) portant réorganisation du Service de renseignement de l'État;

2) modifiant

- le Code d'instruction criminelle,

- la loi du 15 juin 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité, et

- la loi du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions d'avancement des fonctionnaires de l'État

6589B - Proposition de loi modifiant 1. la loi modifiée du 15 juin 2004 portant organisation du Service de renseignement de l'État; 2. l'alinéa 1er de l'article 88-3 du Code d'instruction criminelle (suite)

Retrait du rôle des affaires de la proposition de loi n°6589B

Ah jo! Ech ginn dovunner aus, dass domat och d'Proposition de loi evakuéiert ass?

(Assentiment)

Voilà, dann ass dat esou décidéiert. Pardon! Et war esou selbstredend, dass ech d'Fro net gestallt hunn. Mä d'Äntwert ass ginn.

De Rapporteur huet d'Wuert, den Här „Boodry".

6. 6960 - Projet de loi portant création d'un Comité pour la mémoire de la Deuxième guerre mondiale et portant

1. modification de la loi modifiée du 25 février 1967 ayant pour objet diverses mesures en faveur de personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant;

2. abrogation de la loi du 20 décembre 2002 portant création d'un Centre de Documentation et de Recherche sur la Résistance;

3. abrogation de la loi du 4 avril 2005 portant création a) d'un Comité directeur pour le Souvenir de l'Enrôlement forcé; b) d'un Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé (suite)

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här... Bartolomeo!

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Wéi hat Der gesot, Här „Boddry"?

(Hilarité)

M. Alex Bodry *(LSAP), rapporteur*.- Här Bartolomeus.

(Hilarité)

Här President - da si mer eis eens -, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer eng Freed, fir de Rapport hei virzedroe vun der zoustänneger Kommissioun zu dem Projet de loi 6960, wou et sech drëm dréit, fir hei zu Lëtzebuerg e Comité fir d'Erënnerung un den Zweete Weltkrich ze schafen.

Et ass mat dëser Diskussioun déi drëtte Kéier eigentlech, dass mer eis an engem relativ enken Zäitraum beschäftege mat Froe vun Zäitgeschicht, wéi mer mat der Zäitgeschicht ëmzegoen hunn a besonnesch och mat där Period wärend a ronderëm den Zweete Weltkrich. Dat